



GEMENGENINFO

RAPPORT DU CONSEIL COMMUNAL
DU 16.12.2022

maville

DUDELANGE,
ON DIRAIT
LE SUD

LIEWE WÉI AM SÜDEN


DIDDELENG
VILLE DE DUDELANGE

COMPOSITION DU CONSEIL COMMUNAL



Dan Biancalana,
bourgmestre LSAP



Loris Spina,
échevin LSAP



René Manderscheid,
échevin LSAP



Josiane Di Bartolomeo-Ries,
échevine LSAP



Claudia Dall'Agnol,
échevine LSAP



Martine Bodry-Kohn,
conseillère LSAP



Romain Zuang,
conseiller LSAP



Bob Claude,
conseiller LSAP



Alain Clement,
conseiller LSAP



Walter Berettini,
conseiller LSAP



Michèle Kayser-Wengler,
conseillère CSV



Jean-Paul Gangler,
conseiller CSV



Jean-Paul Friedrich,
conseiller CSV



Claude Martini,
conseiller CSV



Françoise Kemp,
conseillère CSV



Monique Heinen,
conseillère Déi Gréng



Semiray Ahmedova,
conseillère Déi Gréng



Thessy Erpelding,
conseiller Déi Lénk



Victor Haas,
conseiller indépendant

SOMMAIRE

1. PRISES DE POSITION DES CONSEILLERS COMMUNAUX	4
2. RÉPONSES DU COLLÈGE DES BOURGMESTRE ET ÉCHEVINS	37
3. VOTES DU BUDGET RECTIFIÉ 2022 ET DU PROJET DE BUDGET 2023	51

RAPPORT SOMMAIRE

Présents : Messieurs Dan Biancalana, bourgmestre ; Loris Spina, René Manderscheid ; Mesdames Josiane Di Bartolomeo-Ries et Claudia Dall'Agnol, échevins. Madame Semiray Ahmedova ; Monsieur Walter Berettini ; Madame Martine Bodry-Kohn ; Messieurs Bob Claude, Alain Clement ; Madame Thessy Erpelding ; Messieurs Jean-Paul Friedrich, Jean-Paul Gangler, Vic Haas ; Mesdames Monique Heinen, Michèle Kayser-Wengler, Françoise Kemp ; Messieurs Claude Martini et Romain Zuang, conseillers. Patrick Bausch, secrétaire communal.

Début de la séance à 08.00 heures.

Monsieur le bourgmestre ouvre la séance en souhaitant la bienvenue à tous les membres. Il est ensuite procédé à la liquidation de l'ordre du jour.

Le budget rectifié de l'exercice 2022 et le projet de budget de l'exercice 2023 ayant été présentés par le collège des bourgmestre et échevins durant la séance du conseil communal du 9 décembre 2022, la présente réunion est réservée uniquement aux prises de position des conseillers communaux par rapport aux projets de budgets, ainsi qu'aux votes du budget rectifié 2022 et du budget initial de l'exercice 2023. Ainsi, le budget rectifié de l'exercice 2022 est approuvé avec 11 voix contre 1 avec 7 abstentions et le budget initial de l'exercice 2023 est approuvé avec 11 voix contre 3 avec 5 abstentions.

Les prochaines réunions du conseil communal sont fixées comme suit :

jeudi, 12 janvier 2023 à 17.00 heures – réunion informelle pour la présentation du projet de programme directeur d'aménagement du territoire (PDAT) et de l'avis à formuler par le conseil communal ;

jeudi, 26 janvier 2023 à 17.00 heures – séance officielle pour la ratification de l'avis du conseil communal au sujet du projet de programme directeur d'aménagement du territoire (PDAT) ;

vendredi, 10 février 2023 à 08.00 heures – séance officielle du conseil communal ;

vendredi, 24 mars 2023 à 08.00 heures – séance officielle du conseil communal.

Fin de la séance vers 13.10 heures.

GEMENGEROT VUM 16. DEZEMBER 2022

I. STELLUNGNAME VUN DE MEM- BERE VUM GEMENGEROT ZU DEN ÄNTWERTE VUM SCHÄFFEROT AN ZU DE VOTTE VUM BUDGET RECTIFIÉ VUM EXERCICE 2022 A VUM BUDGET INITIAL VUM BUDGET 2023

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech begrüessen Iech ganz häerzlech haut de Mueren hei am Gemengerot, nodeems jo virun enger Woch hei de Schäfferot d'Presentatioun vum Budget 2023 gemeet huet, ass et haut un de Gemeengeconseilleren, dozou Stellung ze huelen. Et ass dat, wat eis haut hei an dësem Gemengerot wäert beschäftegen. A wéi sou oft muss ëmmer ee sech fir d'éischt lancéieren. An ech géif do d'Wuert fir d'éischt un d'Madamm Kayser ginn.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo Merci Här Buergermeeschter fir d'Wuert. Schéine gudde Moien, léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Schäffen- a Gemengerot. Et ass wéi all Joer deen Exercice dee mer maache viru Chrëschttag. Heiansdo ass e méi angeneem, heiansdo ass e manner angeneem. An ech mengen dës Kéier ass en e bësse mitigéiert. Ech erlabe mer mol als éischt am Numm vun der CSV och dem Pascal Pull a senger Ekip fir d'Explikatiounen, mëndlech a schrëftlech, zu de Budgetsdokumenten, déi mer hei virleien hunn e grouse Merci auszeschwätzen. Jo, mir sinn net méi an der euphorescher Stëmmung wéi nach virun e puer Joer, wou mer just vu Wuesstem an nach méi Dotatiounen vum Staat geschwat hunn. Wou mer 2019, wéi mer de Seuil vun den 100.000 Dotatiounen iwwerschratt hate gemengt hunn, d'Beem géifen an den Himmel wuessen, et géif sou weider biergop goen. Du koum d'Covid-Kris. 2020 an 2021 huet de Staat misse spueren an och seng Dotatiounen un d'Gemeenge si reduzéiert ginn. Lo hu mer nieft der Klimakris, déi e bëssen an den Hannergrond geroden ass eng Energiekris, e Besetzungskrich an der Ukrain, just virun der Dier vun Europa.

Lo ass et eriwuer mat deene sougenannte „fetten Jahren“. Och d'Previsiounen deiten dorop hin, dass elo déi „mageren Jahre“ ugebracht sinn. Fir jidder Eenzen, awer och fir eis, fir d'Allgemengheet, fir Europa, fir eist Land an och fir eis Gemeng.

Dofir: virsiichteg plangen, eis Finanzen am A behalen, seriö, en bon père de famille soll de Schäfferot d'Planung vum Budget opstellen, awer virun allem och suivéieren. Vill Inconnuen an Imprevuë kënn Dir net virausgesinn. Wéi geet et weider mat der Relance

économique? Wéi geet et weider mat de Sozialtransferten, ginn déi nach duer? Wéi geet et weider mat der Aarmut, déi awer fassbar ass, wann een d'Chiffere vum Office social kuckt a wann ee sech och dobaussen ëmkuckt? Wéi geet et weider mat der Klimakris? Wéi geet et weider mam Krich an der Ukrain? Wéi geet et weider mat der Energiekris? Wéi geet et weider mat der Logementskris? A wat bedeit dat fir eis Gemeng? Wat bedeit dat fir eis Diddelenger Leit? Fir eisen Awunner hire Budget personnel? Mee awer och fir de Budget, deen de Schäfferot fir eis Diddelenger geréiert? Wat sécher kënn: Eng Deierecht. Eng Deierecht vun den Energiepräisser, Gas, Mazout, Pellets. Dat trëfft och eis. D'Penurie vun de Baumaterialie léisst Projeten deelweis schleefen. D'Präishaussé vun Holz a Metall, déi mécht dass d'Projete vill méi deier ginn. Sécher, dat sinn Aflëss vu bausen. Dofir kënn mir direkt net. Dofir kann och de Schäfferot net. Et ass awer eppes, wat eis vun der CSV immens um Mo läit.

De Schäfferot, deen huet eng Kontrollfunktoun. Mir wäer frou wann nach méi akribesch, scho bei den Devis géif kontrolléiert ginn, ob wierklech all Poste scho mat aberechent ass bei eise Projeten. De Sproch: „Dat hu mir Pi mol Handgelenk estiméiert,“ deen dierf heibannen ni méi falen. An och de Fait dass, wa mer en Devis remanié, wat ëmmer en Devis dépassé ass, hei virgestallt kréien, da kann de Schäfferot sech dach net déi Bléisst ginn a keng Äntwerten op der Oppositoun hir Froen no der Motivatioun vun der Deierecht vun engem Posten ze hunn. Ech soe just d'Beispill vun der Salle polyvalente. Dat war eng Situatioun, déi net angeneem ass. Mir hunn de 25. September 2020 4,3 Milliounen votéiert fir déi Salle Polyvalente opzeriichten. Am November dëst Joer 11-2022, zwee Joer nom 1. Devis krute mer en Devis remanié presentéiert, vu 6,9 Milliounen, dat ass e Plus gewiescht vun 59%, e Plus vun 2,5 Milliounen. Jo, d'Holz ass méi deier ginn, awer d'Erklärungen déi mer sollte kréie vun den Ingenieuren, déi hunn eis awer net befriddegt. Virun allem wa mer de Poste – et ass e kleng Posten – mee dat ass awer symptomatesch fir wéi heiansdo och Devisen opgestallt ginn, wann dee kleng Poste vun den ëffentlechen Toilette vu 47.000.- Euro op 137.437.- Euro eropklëmt. Jo, dat ass an deem Kader vun 2,5 Milliounen Dépassement net vill. Et si „just“ 90.425.- Euro fir ëffentlech Toiletten.

A wann dann op eis Fro e Schulterzucke vum Ingenieurbüro kënn: „Ja das kann ich Ihnen nicht genau sagen, warum das so teuer geworden ist, ich versteh das auch nicht.“ Eis Äntwert war: „Wenn Sie es nicht verstehen, wieso sollen wir es verstehen? Wieso sollen wir dies einfach durchwinken?“ Dat, wéi gesot, zum Thema Vertrauen an eis Servicer ass sécher gutt, mee eng Kontroll ass sécher besser. A vläicht ass do nach eppes, wou ee kann nohaken an e bësse méi akribesch kontrolléieren. Mir sinn awer och frou, dass et säit zwee Joer Usus ginn ass, dass bei dësen Dépassementer d'Ingenieurbüroen, respektiv d'Architektbüroen an de Gemengerot kommen

an hir Deierecht erklären. Dat soll och sou sinn. Well ëmmerhin sinn et ëffentlech Gelder vun allen Didde- lenger, déi investéiert ginn. A mir als Gemengerot, als gesamte Gemengerot, mussen en toute connais- sance de cause eis Zoustëmmung ginn. Och mir als CSV maachen dat gréisstendeels, well mir, wa mir zu engem Projet stinn a „Jo“ gesot hunn, den Invest en totalité matdroen. Mee mir géifen eis awer wën- schen, dass de Schäfferot méi rigoros d'Finanze vun de Projekte am A behält. Mir wënschen eis och dass de Gemengerot mat Zäit avertéiert gëtt, wann im- pressionant Depassementer ustinn. A mir géifen och gär gewuer ginn, zum Beispill, firwat op eng Kéier sou ganz schnell huet missen un d'Reserven erugaange ginn. A firwat dee Prêt vun 10 Milliounen Euro dann awer huet misse sou „en dernière minute“ gezu ginn. Ass et wierklech sou wéi gemunkelt gouf, datt mer hu praktesch missen op d'Reserven an Emprunten zrëckgräife fir nach liquid ze sinn, fir eis Paie kënnen ze bezuelen, gëtt dobausse gemunkelt. Ech ginn lech haut d'Geleeënheet, fir dorobber ze äntweren. Jo, mir wëssen dass net ëmmer alles sou einfach ass. De Staat ass och a senger Zahlungsfreude kee gutt Beispill. D'Subsidë kommen ze spéit an d'Subsidë gi bei Depassementer oft net ugepasst. Dat ass vläicht net richtig. Mee wann et eebe sou ass a gesetz- lech sou festgehalten an definéiert ass, da musse mir als Gemeng ëmsou méi genau dofir suergen, dass eis Projeten net ze vill depasséiert ginn, well da bleift jo de ganze Surplus un eisem Budget hänken.

Also Devise genau kucken éiert se rausginn, ob all Eventualitéiten och drastinn. An och kontrolléieren, ob d'Delaien agehale ginn. Well wann en Delai depass- éiert gëtt, dat heescht och ëmmer dass et méi deier gëtt. Dann natierlech och Damp maachen, dass d'Projete viruginn, hannerfroen, wou d'Depassemen- ter wierklech hierkommen a sech och emol trauen ze soen „Neen, deen doen Depassement bezuele mer net.“ Dat ass eist gutt Recht. Well et sinn eis Suen an an engem éischten Devis sinn aner Präisser ver- handelt ginn, a wa keng Plus-value am Devis remanié ze erkennen ass, därf een och mol eng Kéier soen, „Neen, dat wëlle mer net.“ Jo, lo sot Der: „Mir hu kee Choix, well mer keng aner Corps de Métiers fan- nen.“ Mee déi Situatioun misst sech jo awer lo – lei- der, soen ech – zu eise Gonschte verbessern. 20% mander Prête fir Logement am Privatberäich ginn an de leschte Méint registréiert bei de Banken. Et gëtt mander am Privé gebaut. D'Gemengen hunn en Optrag. Mir musse kucken dass d'Wirtschaft dréint, dat ass scho richtig. A vläicht sinn elo erëm méi Firmen interesséiert, bei enger Soumissioun an ei- ser Gemeng matzemaachen. Konkurrenz belebt das Geschäft. Mee, wéi gesot, och wa just een do ass, deem mir en Optrag ginn, och dee muss sech op d'Fanger kucke loossen. An do denken ech ass nach e bësse Sputt. Well et kann net sinn, dass mir ëmmer nëmmen do si fir alles duerchzewénken.

Virun der Corona-Kris hate mer eng gutt Mouk. D'Bo- nien am Ordinaire waren 2018 16 Milliounen, 2019 21 Milliounen. 2020 hate mer nach 15,5 Milliounen,



2021 och 15,5 Milliounen. Mir hate leschten Dezem- ber scho mat engem Abroch vun 2022 op 10,4 Mil- lioune gerechent, et huet sech awer gewisen, dass et awer besser gaangen ass wéi mer geduecht hunn a mir hunn am Rectifié e Boni vun 12,5 Milliounen. Wat awer wäit ënnert de Bonien am Ordinaire ass vun deene viregte Joren. Fir 2023 gi mer souguer vun engem katastrophalen Zenario vu just 2,03 Milli- ounen am Ordinaire aus. Katastrophal soen ech. Jo, firwat? Dir wësst et, mir brauchen de Boni am Ordi- naire fir den Defizit am Extraordinaire ze couvréieren. Jo mir hunn nach den Apel fir den Duuscht vun deene leschte Joren. Mir hunn den Apel awer och schonn ugeknabbert. 4 Milliounen hu mer schonn dëst Joer missen aus eiser Reserve eraushuelen, an den Apel gëtt ëmmer méi kleng an deen hält och net onend- lech. Beim Rectifié 2022 am Extraordinaire gesäit een, firwat mir eng gutt Mouk am Ordinaire brau- chen. De Mali variéiert vum Initial 11,2 Milliounen op de Rectifié 22,9 Milliounen, dat ass e Plus vun 11 Milliounen. Mir hunn am Laf vum Joer vill Kreditter missen nostëmmen. Och d'CSV stoung bei ville Kre- ditter hannendrun. Dat ass richtig. Vill Projekte goufe reportéiert. An dat heescht och ëmmer dass en net méi bëlleg, mee méi deier gëtt. An net ze vergies- sen, mir hu schonn e Prêt vun 10 Milliounen missen ophuelen a 4 Milliounen aus der Reserv missen hie- len. 2023 am Ordinaire schreiwe mer 76,2 Milliounen Dotatioun vum Fonds de dotation globale des com- munes an. Den Impôt commercial, deen ass e bësse moer, mat 2 Milliounen. Insgesamt gi mer vun enger Recette am Ordinaire vun 121 Milliounen aus.

Mee bei der Depensë-Säit, do gesi mer nees déi bat- ter Realitéit. Am Ordinaire ginn d'Depensë vun 106 Milliounen op 119 Milliounen erop. Dat ass e Plus vun 12 Prozent. Vun deenen 13 Milliounen Plus sinn 53% bedéngt duerch eng Augmentation vun der Masse salariale. Natierlech sti mer hannert dem Gehälte- raccord an der Revalorisatioun vun de Karriäre vum Botzpersonal, wat eis 735.000.- Euro méi kascht. Wuelwëssend dass dës Méiausgab lo och Joer fir Joer zu Buch schléit. Och den Index, dee wëlle mer net a Fro stellen. Mee wann 2 bis 3 Indexranchen d'nächst Joer am Gespréich sinn, an all déi aner kon- tinuéierlech Augmentatiounen nach dobäi kommen, da gëtt et schwierig, dat nach ze stemmen. Dofir, wéi all Joer: Kommt mer si virsiichteg bei eiser Personal- politik. Natierlech musse mer gutt Servicer ubidden. Natierlech wësst Diddeleng. Mee ech appelléieren nach eemol drun, Synergien ze sichen, Optiméierung

vun den Aarbechten, an sech zweemol ze iwwerleeën, ob een zousätzleche Poste muss sinn. Mir gesinn eng Brems an de Création de nouveaux postes 2022, an dat sollt och 2023 sou weidergoen. Dat begréisst mer explizitt, well mir wëssen, dass mer musse virsiichteg handeln, dat ass net vu Muttwëll. Den Audit huet eis de Wee gewisen. „Structurer, centraliser, communiquer, proposer.“ Sou war den Audit vun der Consulting-Firma ëmschriwwen. D'Ressources humaines ginn deelweis ëmstrukturéiert, Synergie gi geschaf, dat ass de richtege Wee. 2022, just fir Rappell, huet eis d'Augmentatioun vun der Masse salariale 5,9 Milliounen kascht. Do ass de Grëff an d'Reserv vu 4 Milliounen net duergaangen, fir dee Surplus zum Beispill ze decken. 2023 si 6,88 Milliounen Depensenhaussen vum ordinäre Budget, bedéngt duerch d'Ausgabe vun der Masse salariale ageplangt. Wéi gesot, am Dialog mat de Servicer selbstverständlech. Och a Fro stelle vu Begeebenheeten. De Versuch, fir nach méi eng optimal Personalpolitik ze maachen, dat dierf keen Tabu sinn.

Kontroll a Rigueur. Dat gëllt och fir de Restanten-Etat. Haut méi wéi jee. D'Taxen hu mer eropgesat. Mir hu se missen eropsetzen. Fir vill Leit ass dat och batter. Mee seng Gas-, Waasser- an Taxerechnung net ze bezuelen, dat ass onfair vis-à-vis vun eis all. Well déi Taxe brauche mer och als Gemeng. Dat ass e wichtege Deel vun eise Recettë fir herno nees ze investéieren, fir Diddeleng no vir ze bréngen. Iwwert d'Méiglechkeeten, den Office social ëm Hëllef ze bidden hate mer de leschte Freideg laang a breet geschwat. Eisen Office social ass accessibel, hëlleft oft, e Finanzéierungsplang opzestellen. Nach muss vläicht nach e bësse besser kommunizéiert ginn dass déi Méiglechkeet besteet. Firwat net beim leschte Rappell vun enger onbezuelter Rechnung e kleng Message matschécken: Hei den Office social bitt lech vläicht eng konstruktiv Léisung un, fir mat Äre Scholde besser eens ze ginn. Eng Iddi. Dass mir d'Prime Allocation de vie chère vu 45% op 50% vum Montant vum Staat eropgesat hunn ass selbstverständlech fir eis. Idem, dass mer eng Energieprimm aféiere mat 25% vun der Dotatioun vum Staat. De Kritär Solidaritéit ass absolut net a Fro ze stellen. Mir hëllef, wou mer kënnen. Mee och hei ass et vläicht wichtig, e bësse besser no baussen ze kommunizéieren, d'Leit drop opmierksam ze maachen, dass se e Recht op déi Primmen hunn. Genausou, wéi och vill Leit net wëssen, dass se e Recht op eng Loyerhëllef hunn. Do kann ee vläicht an der Kommunikatioun eng kleng Verbesserung maachen. D'Taxen, an dat muss ee jo awer kloer soen, wäerten och déi nächst Joren an d'Luucht goen. Och wa mer 2023 déi Hausse vum Waasserpräis, déi vun eis ze bezuelen ass, net weiderginn. Mee an den nächste Jore wäerte mer net derlaanscht kommen. En kleng Remark: d'Gas- an d'Stroumpreisbrems, déi an der Tripartite festgehale gouf, déi gëllt net fir d'Gemengen. Dat heescht, eis Fraisen an den existéierende Gebaier gi weider an d'Luucht. Mir mussen also ferm spueren. Dofir och nach eng Kéier en Appell, fir och vläicht nach eng Kéier mat de Servicer ze kommunizéieren dass wierklech

d'Luucht muss ausgemaach ginn, dass net d'ganz Nuecht eng Hal muss belicht ginn, dass ee soll e Kontrollgang maachen. An dass natierlech déi Mesuren, déi mer an de Wee geleet hunn och konsequent ëmsetzen, wéi Bewegungsmelder a verschidde Gebaier. Bei de Bauprojeten, déi mer lo scho votéiert hu musse mer mat 20-25% Méikäschte rechnen. Dat ass dat, wat déi offiziell Previsiounen soen. Mir wëllen och eng Energietransitioun. De Bierger gëtt do och subventionéiert. Mee d'Gemeng net. Ech denken och dass d'Gemeenge beim Staat vläicht nach eng Kéier musse méi proaktiv virgoen, fir dass d'Subventionen vum Staat un d'Gemeenge besser adaptéiert ginn. Et ka jo net sinn, dass d'Méifraisen op de Gebaier, wéi Schoulen oder Maison Relais, net automatesch duerch e méi héije Subsid vum Staat ofgedeckt ginn.

Ech mengen de Syvicol weist ëmmer nees drop hin: d'Gemengen, déi kréie vum Staat ëmmer méi Aufgaben operluecht, awer de finanzielle Support an eng konkret Rahmenleistung, déi léisst awer ze wënschen iwwreg. Beispill gratis Kannerbetreuung. Fir d'Elteren eng gutt Saach, fir d'Gemeng en Challenge. Méi Kanner heescht méi Personal. 2023 si 400.000.- Euro méi Personalfraisen agesat bei de Maison Relais. 25 nei Poste goufe geschaaft. Méi Kanner, dat heescht méi Personalfraisen, dat heescht awer z.B. och méi Fraise fir d'Kantin. D'Restauratioun ass och vun 2022 vun 1,4 Milliounen op 1,6 Milliounen eropgaangen. Sécher, mir hunn zwou nei Strukturen, mee ech denken awer trotzdem, dass et mat der allgemenger Deierecht ze dinn huet, dass mer déi Hausse gesinn. Leider heescht gratis Kannerbetreuung awer och, dass d'Elteren dat als Selfservice ugesinn, a sech net ëmmer drun halen, hir Kanner ofzemellen, wéi et sech géif gehéieren. Si denken sech: Wann et jo fir näischt ass, dann ass et jo och net sou schlëmm, wa mäi Kand mol zwee Deeg net geet.

Dach, dat ass schlëmm! Well mir als Gemeng, mir bezuelen d'lessen, mir bezuelen d'Personal. Ob mer voll besat sinn oder net. Gratuitéit heescht net, d'Elteren aus der Responsabilitéit ze loosse, mee leider hu mir och guer keng Handhab, fir do dogéint virzegeen. Dann zu de Maison Relais. Mir hu begréisst, dass am Budget steet, dass elo fir Balzeng, Maison Relais-Ecole, dass do en Aarbechtsgrupp geschaaft gëtt. D'CSV huet awer leider schonn déi lescht dräi Joer drop higewisen, dass et néideg ass, dass mer déi Schoul an déi Betreuungsstruktur musse bauen. De Wunnensprojet A Bëlleg, dee geet zügeg weider. 200 Wunneenheete kommen dohinner. Wann ee laanscht d'Lëtzebuurgerstrooss oder duerch d'Bierengerstrooss fiert, all Eefamilljenhaus wat ofgerappt gëtt, do komme Residenzen hin. Dat ass jo gutt, wa Wunraum geschaaft gëtt, mee do komme Kanner hi wunnen an déi brauchen eng Schoul, déi brauchen eng Maison Relais. De Site Balzeng, déi soll dann elo endlech geplangt ginn. Vill Froe stinn awer nach am Raum: Ass z.B. ugeduecht, wéi grouss déi Schoul soll ginn? Dat wësse mer net. Et ass gesot ginn 20 Milliounen soll dee ganze Komplex eis kaschten. Dat ass ongeféier sou vill wéi Lenkeschléi. Mee ass z.B. ugeduecht, alleguerten

d'Spillschoulsklassen aus dem Brillgebai eriwuerze-huelen? Wéi believe mer déi Schoul? Wéi eng Klasse kommen dohinner? Wichteg ass och ze wëssen, ob déi kleng Strukturen, dat ass och eng Fro vum Léier-personal, Précoce Lenkeschléi, Wolkeschdaller Spill-schoul, déi eng wäertvoll gutt Aarbecht maachen, well se sou kleng sinn, ob déi weider erhalte bleiwen? Vill Froe stinn do nach op.

Mir sinn och e bëssen erstaunt, wat déi Etüd vun deem Complexe scolaire ugeet. Déi hate mer d'lescht Joer scho mat 150.000.- Euro am Budget 2022 ge-sinn, am Rectifié war dee Budget lo op Null erofgesat ginn, an dëst Joer sinn awer nëmme 50.000.- Euro fir 2023 virgesinn. Dofir meng Fro: Et ass e bëssen Urgence, an et wär nawell flott, wa mer dee gan-ze Projet eng Kéier géife virgestallt kréien. Et sinn awer och nach aner Schoulen, wou mer eis froen, wéi geet et weider? Wéi ass et mat der Butschebuerger Schoul? Och hei si mer fir bäi an hanne widder. Iw-wert den Däich hate mer scho geschwat gehat. An och wat elo d'Butschebuerger Schoul ubelaangt, an der Butschebuergerstrooss an an der Keelerstrooss komme grouss nei Wunnprojeten hin. Och déi Kan-ner brauchen eng Schoul. Och do bräichte mer eng Kéier eng Reunioun, fir ze kucken a wéi eng Richtung mir eis entwéckelen. Mir hate mol eng Kéier 2019 de Concept global „Diddeleng 2025 – Sport an Edu-catioun“ virgestallt kritt. Ech hunn elo do nach eng Kéier duerchgeblidert. Vun deene „Besoins de réin-vestissement court terme“, do stinn z.B. nach drop: Gymnase Däich, École Italien. Do hu mer nach keng Projeten. Wéi gesot, nach eng Kéier eng Invitatioun un de Schafferot, mat eis all zesummen eng Kéier ze kucken, a wéi eng Richtung dass et geet. Am Budget steet och e Projet „NeiSchmelz – Schoul – Maison Relais“. Do ass et natierlech flott, dass mer lo och am Quartier NeiSchmelz ufänken, Neel mat Käpp ze maachen, mee meng Fro ass awer och, op et net ugeduecht ass, e Gesamtkonzept NeiSchmelz, virun allem deen Deel vun den ëffentleche Gebaier unzego-en?

Eng Schoul, dat ass eng gutt Saach, mee bräichte mer do net och eng Iwwerleeung, wéi mer weidermaa-che mat eisem Spidol? Wou mer eis Apdikt hisetzen? Well Dir wësst, mir hunn am Gemengerot decidéiert, dass mer eng véiert Konzessioun fir eng Apdikt ginn, wann NeiSchmelz opgeet. D'Planung muss sënnvoll gemaach ginn an et ass virun allem och wichteg, eng Visioun ze hunn, wéi geet et weider mat eisem Spidol. Sait Jore gi mer e bëssen hige hale vum CHEM. Et gëtt versprach, de Site vun Diddeleng géif bestoe bleiwen. De Service Geriatrie an de Service Post-Stroke sollen an dat ominéist Südspidol plënnere. Dir wësst alleguerten, dovun ass scho laang keng Rieds méi ginn. A wéi gesot, wéi steet et do mat dem Versprieche, Diddeleng sollt seng Médecine de proximité erhalen? Wat heescht dat? D'Poliklinik war an de leschte Méint mol erëm eng Kéier op, mol erëm eng Kéier zou. D'Leit si ganz veronséichert. Lo ass se z.B. mol nees eng Kéier op. Wéi geet et awer weider? A mir bedauern dass mat kengem Wuert de leschte

Freiden iwwert d'Zukunft vum Spidol geschwat ginn, well ech denken, dat ass awer wichteg. Den Här Bu-ergermeeschter ass eisen eenzege gewielte Vertrie-der am CHEM-Verwaltungsrot, deen d'Interesse vun Diddeleng vertriebt soll an et wär awer interessant mol eng Kéier gewuer ze ginn, wou mer do sinn. Musse mer net och proaktiv de Projet „Médecine de proximité“ an de Grapp huelen? D'CSV hat ëmmer dofir plädéiert, eng medezinesch Gesondheitsstruk-tur op Koibestrachen, nieft de Staatslabo ze setzen. Mee d'Iddi op NeiSchmelz e Centre médical, eventu-ell eng Structure ambulatoire opzeiichten ass awer och eng flott Alternativ. Wier net lo de Moment, dëst an Ugrëff ze huelen? Wéi gesot, och wa mer de Moment de Projet Schoul NeiSchmelz, Maison Re-lais aplangen, wär et flott, vläicht do eng Visioun ze hunn. Dofir wéi gesot: Wéi gesitt Dir dat? Wat hutt Der wëlles? Och wann Der lo sot, et ass elo net de Moment. Mir fannen et ass elo de Moment, well mir plangen NeiSchmelz.

2023 – am Budget gesi mer dass mer net vill nei Projeten hunn. Et pour cause. Wann ee kuckt, wat nach alles net ofgeschloss ass, respektiv deelweis nach guer net ugefaange ginn ass. Ech schwätze vun de Gemengenateliere. Do hu mer de Vott gehat, dat war den 22.11.2021, do si 24,96 Milliounen votéiert ginn, 2022 2,36 Milliounen, déi stinn och am Rectifié dran. 2023 sti lo 9,5 Milliounen am Budget dran. Mir hoffen, dass et do och elo virugeet an net ze laang schleeft. Well schleefen heescht ëmmer, dass eppes méi deier gëtt. D'Extenssioun Infrastructure Déiere-nasyl, déi hate mer och schonn 2021 votéiert. Do war jo och eng Hausse vu 4,8 Milliounen op 6 Milliounen néideg, an do ass awer och nach net vill geschitt. Piscine Gymnase Strutzbiereg. Do kënnt och nach eng décke Batz op eis duer. Dat sinn 19,5 Milliounen, déi de Gesamtprojet kascht. Do sinn 2021 2,1 Milliounen am Budget gewiescht, 2022 4,6 Milliounen a lo kënnt de Batz mat 8 Milliounen an da bleift nach Sputt. An da musse mer nach déi nächst Joren och nach eng Kéier an eis Keess gräifen. Brill – d'Mise en conformi-té. Och do hate mer schonn den 13. Mee dëst Joer e Budget vu 7,8 Milliounen votéiert, dovunner stinn elo 2,3 Milliounen fir 2023 am Budget. Ech huele jo un, do wäert et och lassgoen. A wéi gesot, mir hunn ëmmer e bësse Bedenken, dass mat all deenen Haussen, déi mer wäerten nach erliwene, dass mer mat deene Budgeten, déi mer votéiert hunn, dass mer do war-scheinlech net hikommen. Villes ass votéiert. Bei ver-schidde Saache geet et eis net schnell genuch. Bei verschidde Saache musse mer mat enger Deierecht rechnen, et si vill Inconnue nach, mee et gëtt nach ganz vill ze dinn. Zemools z.B. wann ech un d'The-ma Urbanismus denken, do steet – Oh Wunder! – mol erëm eng Kéier e Masterplan Koibestrachen am Bud-get. Dir wësst ganz genau, Koibestrachen, d'CSV huet seit d'Planung war vum Staatslabo gesot, hei Koibestrachen, mir mussen deen Eck believe, mir musse kucken, dass mer do Aarbechtsplaze schafen, dass mer do – eventuell, wéi gesot – eng Gesond-heitsstruktur hibauen. An dunn ass et awer emge-widmet ginn an eng national Zon, well am Ufank war

et eng kommunal Zon, do ass näischt geschitt. Lo ass et eng national Zon. Mir hunn awer och nach en Deel kommunal Zon.

Eis Fro ass elo: Ass do elo en neie Moment? Dass elo do no engem gewësse Stéllstand awer dës Kéier 300.000.- Euro am Budget drasti fir e Concept urbaine. Wësst Dir do scho méi? Wat huet de Staat geplangt? Wat sinn eis Vuen? Wéi gi mer weider? Mir begreifen explizit dass mer e gudden Invest maachen an den Innovation Hub. 181.000.- Euro. Mir müssen dee coole Site an déi cool Leit, déi do schaffen, onbedéngt fideliséieren. Dat bréngt e puer Aarbechtsplazen, awer steet eis och ganz gutt zu Gesiicht. Dat ass ganz gutt fir eisen Image an déi Leit maache wierklech och eng flott Aarbecht. An dann ass och nach eisen éiwege Gespréichs- oder Diskussiounspunkt, dat ass op Helper. 2022 waren 124.308.- Euro virgesi fir do Frais d'établissement ze maachen a fir dee Site ze beliewen. Etüden, déi sinn dann och am Rectifié sou ageschriwwen ginn, 124.308.- Euro, mee 2023 gesinn ech awer elo 0.- Euro do Frais d'établissement, déi si scho vun 2013 am Gaangen an déi sinn 2022 opgebraucht. Lo ass dann elo d'Fro: Wéi ass dann elo d'Resultat vun deenen Etüden, déi do gemaach gi sinn? Den Här Buergermeeschter hat erwänt dass Helper sollt och entwéckelt ginn. Mee mir feelen awer hei Chifferen. Dann zu e puer Punkten aus dem Budget sinn nach verschidde Froen. Acquisition 2 maisons pour logements sociaux – 2 Milliounen. 2 Milliounen fir 2 Haiser ass jo awer en zolitten Invest. Dofir ass meng Fro: Sinn dat Eefamilljenhaiser? Baue mer déi ëm? Ass do Terrain ronderëm? Maache mir do Appartementer draus? Vlächcht wësst Dir scho méi. Vlächcht kënnt Dir eis haut scho méi soe wéi de leschte Freiden? Dann och „Acquisition terrains“. Do si mer e bëssen erstaunt, dass do just 500.000.- Euro agesat ginn. Domadder lafe mer awer och net wäit, virun allem wa mer wëlle proaktiv Wunnraum schaffen. Do muss mer prett si fir awer méi ze investéieren, well de Wunnraum, de Logement, dat ass e grouesse Problem.

Voilà, dann hunn ech nach e puer eenzel Froen. Ech hunn e Poste fonnt, Säit 68, „Forum citoyen Neischmelz“ – 15.000.- Euro. Wat soll dat bedeuten? Ass et, dass mer do och en neien Aarbechtsgrupp schafe fir d'Bierger mat anzubannen? Dat wär eng ganz gutt Saach. Wat ech net verstinn, dat ass Säit 84, dat ass mengen ech bei de Maison Relais: „Frais de réception“ 102.000.- Euro 2022 an 135.000.- Euro 2023. An dann hunn ech och nach en anere Poste fonnt: „Frais d'honoraires pour assistance à la mise en soumission des services de restauration“ – 10.000.- Euro. Do ass meng Fro: Wat ass dat? Ass dat ieren dat wou dee Bordereau fir d'Restauratioun fir d'Maison Relais sollt ausgeschafft ginn? Mir hate schon d'lescht Joer gefrot, dass mir och gäre wësst, wat do an dee Bordereau rakéim a wéi déi Diskussioun verlafe. Eltereschoul – do hu mer festgestallt, do war 2022 am Initial nach e Budget vun 10.000.- Euro. Lo si mer erofgaangen op 2.500.- Euro. Wat ass do d'Iddi derhannert? Lëft dee Projet

aus? Oder gi mir awer op dee Wee, wéi de Ministère et virgeschloen huet, fir dee berühmte Familljeforum mat opzeiichten. Wat eng Iddi ass vum Ministère de la Famille fir Begégnungslokalitéiten ze schafe fir Elteren. Wat mir u sech eng ganz gutt Saach fannen. Mee wou mer awer héieren hunn op Nofro, ob hei zu Diddeleng eng Kollaboratioun ugeduecht wier, dass do déi Leit leider en „Neen“ kritt hunn. Do ass meng Fro: A wéi eng Richtung gi mir dann elo mat der Eltererberodung?

Dann hunn ech awer och eng Suggestioun: Den Cent-Buttek. Mir ginn deem all Joer e Fix vun 18.000.- Euro, well mer de Loyer bezuelen. Do war et och meng Fro, ob mer net sollen am Kader vum Solidaritéitsgedanken a vu wuessender Aarmut sollen iwwerleeën, och do vlächcht de Beitrag ze erhéien? Och vlächcht froen, wéi mir hinnen nach weider ënnert d'Äerm kënne gräifen. Well och si spieren d'Deierecht. Si müssen ëmmer méi Saache kafe goen an ëmmer méi deier Saache kafe goen, well ëmmer manner Saachen hinnen einfach esou zur Verfügung gestallt ginn. Dann ass och nach e Posten, wou ech net genau weess, wat dat ass. Projet „Cité interculturelle – frais de gestion et de représentation“ 2.500.- Euro a Frais de voyage 2.500.- Euro. Dat ass jo schon en uerdentleche Batz. Do sinn ech mol gespaant, wat domadder gemengt ass. Ganz erfreut war ech och ze gesinn, dass de Festival USINA och d'nächst Joer geplangt ass mat engem vlächcht reduzéierte Budget vun 150.000.- Euro. Dat war sou eng cool Location a sou eng cool Saach, dat huet och eise ganze Quartier gutt beliebt. Dat si Posten, déi mer herno ganz sécher och wäerte matstëmmen.

Voilà, ech kommen zum Finish. Mir hu fir 2023 40 Milliounen Emprunt virgesinn. Mir wëssen nach net, ob mer se brauchen. Mee mir hunn immens vill Projeten, déi votéiert sinn, Projets d'envergure, dat ass scho richtig. Ech hunn elo zum Beispill alles wat Projeten am Stroossebau sinn, nach guer net erwänt, ech hunn de Shared Space net erwänt, de Retentiounsbaseng net erwänt, wéi gesot, et si vill Projets d'envergure dran. Mir hunn déi Projeten och matgestëmmt, mee wéi mir se gestëmmt hunn hat keen déi Krisen am A, wéi Energiekris, Krich a Materialknappheet. Lo wou och d'Zësen op de Prêten empfindlech an d'Luucht ginn d'äerf d'Fro erlaabt sinn: Hu mer ze vill Projeten ugefaangen? Ware mer blauäuged, well mer gehofft hunn, d'Projete géife méi schnell fäerdeg ginn an doduercher am Präisrahme bleiwen? Wéi solle mer iwwert d'Ronne komme wann d'Subsidë gedeckelt bleiwe vum 1. Devis an d'Depassementer net subsidéiert ginn? A wann d'Subsidë vill méi spéit ausbezuelt gi wéi mer hoffen? Nächste Summer si Gemengewalen. Bis dohinner kënne mer lo net méi vill bewierken. Mee ech soen et nach eemol: Mir müssen erwächen, vill méi rigouréis hannert eise Projete bleiwen, d'Finanze vill besser kontrolléieren, well soss ass deen nächste Gemengerot a sengem Handlungsspillraum da scho ferm ageschränkt. Well, laut Plan pluriannuel vun dësem Joer 2022, do ass gesot gi vun 2021 bis 2025 sinn 175 Milliounen a



Groussprojete geplangt. Et sinn der nach net ganz vill vun dëse grouss Projete fäerdeg. Also gëtt et sécher net einfach, fir d'Zukunft ze plangen, well d'Dépassementer, déi wäerten eis begleeden. Déi Zäiten, wou mer keng Kreditter hu missen ophuelen, fir eise Budget am Equilibre ze halen, déi schéngen eriwuer ze sinn. D'Pro-Kapp-Verschëldung wäert uklammen. Mee well ech awer vun Natur aus en optimistesche Mënsch sinn, deem denkt, et wäert schonn net sou schlémm komme wéi et beschriwwen ass, hoffen ech dass d'Rezessioun an d'Inflatioun eist Land net ze vill wäert treffen. Dass de Staat d'Gemengen net am Stach léisst, dass mer d'nächst Joer eis lafend Projete sou gutt wéi méiglech op d'Schinn bréngen oder och scho vläicht fäerdeg realiséieren. An dass mer och déi nächst Joren d'Energie an de Bëss hu fir alles ze ënnerhuelen, fir Diddeleng no vir ze bréngen. Et ass nach vill ze dinn. Och wa mer lo nach keng nei Projete agestallt hunn.

Et ass vill Diskussionsraum fir d'nächst Joer ugesot. Mir mussen d'Zukunft vun eiser Schoullandschaft plangen. Mir mussen eis Handelszone beliewen, mir mussen NeiSchmelz plangen. Mir mussen d'Problemer wéi Logement, Mobilitéit, Sportinfrastrukturen ugoen. Et ass nach vill ze maache fir den Diddelenger, fir den Diddelenger Bierger eng liewenswäert Stad fir jiddwereen unzibidden. Nieft der Energie an dem Bëss ass awer och eng responsabel Finanzpolitik eng Viraussetzung dofir. An dofir: Et gëtt nach genuch ze dinn. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci Madame Kayser fir Är Interventioun. Da géife mer eriwuergeen, well et Traditioun ass, op e Vortrieder vun der Majoritéit.

MARTINE BODRY-KOHN (LSAP): Merci Här Buergermeeschter. Dir Dammen an Här Kollegen aus dem Schaffen- a Gemengerot, an der Finanzkommissioun huet de Buergermeeschter eis schonn d'Eckdate vun dësem Budget presentéiert. An déi lescht Woch krute mer och hei am Gemengerot all déi néideg Informatiounen ronderëm déi finanziell Situatioun vun eiser Gemeng. Dem Pascal Pull och vun eiser Säit aus a senger ganzer Ekipp villmools Merci fir déi exzellente Aarbecht an hir Disponibilitéit fir eis op Nofro ëmmer erëm déi néideg Informatiounen ze ginn. Och hei zu Diddeleng spiere mer, datt sech d'Welt am Ablack am Ausnahmezustand befënnt. Covid-Kris, Klimakris, Energiekris, de Krich an der Ukrain huet d'Situatioun verschlémmert an d'Wirtschaft wiisst kaum nach. D'Inflatioun geet an d'Luucht, a mir mussen elo op allen Niveaue kucken, fir sou gutt wéi méiglech derduerch ze kommen. Europa, de Staat an d'Gemengen, an natierlech och déi privat Haushalter, si all mussen e bëssen op d'Zänn bäissen, bis datt sech d'Situatioun erëm entspaant. Ma mir kucken emol net sou pessimistesche an d'Zukunft, an ech si frou, dass och d'Oppositioun dat sou gesäit. Duerch d'Tripartite-Accorde konnt zu Lëtzebuerg de Risiko vun enger Sozialkris glécklecherweis verhënnert ginn. Wat sech d'lescht Joer nach net op eise Budget niddergeschlo-

en huet, kréie mer dëst Joer awer ze spieren. Obwuel de Fonds de dotation globale des communes éischter optimistesche ass an eng Hausse vun 3,3% zum Budget rectificé 2022 ausweist a souguer a Plus vun 9,3% aschreift fir de Budget 2023, sou ass dat awer leider net de Fall fir den Impôt commercial, deem e Minus ausweist vun 8,1% a souguer e Minus vun 9,9% vis-à-vis vum Kont 2021.

D'LSAP huet d'Finanze vun eiser Stad awer ëmmer gutt am Griff gehat. Wa mer de Budget rectificé vun 2022 kucken, da konnt deem Exercice mat engem Boni am Ordinaire vun ëmmerhin 12.535.000.- Euro ofgeschloss ginn. Mat deem Iwwerschoss konnt dann och de Mali vum Kont 2021 opgefaange ginn an et bleiwe souguer 2 Milliounen Rescht, déi eis elo gutt kommen. De Budget extraordinaire vun 2022 weist Recetten aus vu 27,5 Milliounen géintwärtig Depensé vu 50 Milliounen, déi op déi vill grouss Projete an Investissementer an Diddeleng zeréckzeféiere sinn, wat e Mali bedeit vu ronn 23 Milliounen. Komme mer dann elo zum Budget initial 2023. De Budget ordinaire fir d'Joer 2023 bleift proportional praktesch d'selwecht. Hei ginn et keng grouss anormal Verschibungen trotz dem Fait, datt d'Montanten tendenziell an d'Luucht ginn. Just ee Punkt wëll ech eraushiewen, an dat ass, datt dës Majoritéit decidéiert huet, well d'Ëmstänn fir d'Stëit méi haart gi sinn, d'Allocation de vie chère unzepassen. Mir wäerten eis Contributioun vu 45% op 50% héijen, dat heescht, dat wat mir nach dropleeën op dat, wat de Staat scho bezilt, an eis och bei där neier Prime Energie nach eng Kéier mat 25% bedeelegen, déi mer nach dropleeën. Dofir gëtt de Budgetartikel fir 2023 vun 850.000.- op 950.000.- € gehéicht, fir eise Bierger ënnert d'Äerm ze gräifen. An eisen Aen ass dat en néidegen a substantiellen Engagement vun de Gemengeverantwortlechen. Am extraordinäre Budget fir 2023 gesi mer Folgendes: Bei de Recetten: hei sinn ze ernimme ganz vill Subsidé vum Staat fir verschidde vun eise Projete. 133.000.- € fir d'Crèche an Italien, 138.599.- € fir de Reamenagement vum Vestiaire Wagonage opderschmelz, 450.000.- € fir d'Extensioun vum neien Déierenasyl, 884.710.- € fir d'Maison Relais Ribeschpont. Am Beräich Environnement kréie mer en Total vun 1,65 Milliounen Euro u Subsidé. Si si geduecht, fir souwuel d'Moderniséierungsarbechten um Kanalsystem ze maachen, de Bau vun deem neie Réckhaltebecken an der Rue du Nord, wéi och e Reservefong unzeleeën am Kader vum Klimapakt. Dëst fir weider Mesurë realiséieren ze kënnen.

Am Beräich Logement hu mer 4,5 Milliounen Euro vu Subside kritt fir de Bau vu Sozialwunnengen an der Rue Nic Bodry. 75% kann hei de Staat bäiginn an de Rescht muss da vun eiser Gemeng opbruecht ginn. Dovun herno méi vum Kolleeg Romain Zuang. E weideren décke Subsid vu 5 Milliounen, déi mer bäigeluecht kréie fir dat neit Gebai vun eisem Service Gestion et Maintien du Patrimoine. Um Campus Strutzbiereg wäerte mer ënnerstëtzt gi mat 1,2 Milliounen Euro beim Bau vun eiser neier Schwämm, dee leschten Deel vum Subsid vum Sportsministère. E weideren décke Poste ass och de Subsid fir d'Renovéierung an d'Mise en conformité vun der Briller Schoul mat 3,869 Milliounen Euro. Bei den Depensen: Am Beräich Urbanismus zum Beispill, wou mer 5,9 Milliounen Euro investéieren. E puer Poste wëll ech hei eraushiewen. Wann ee wëll schaffen, da muss dat gutt geplangt ginn. Dës Majoritéit huet déi lescht Legislaturperiod onheemlech vill geschafft a realiséiert, a mir hunn natierlech och Projete fir d'Zukunft. Mee ofgesinn dovun, datt d'Projete ëmmer méi komplex ginn an een d'Experte brauch bei all Schrëtt, deen ee mécht, kënnt elo och nach dobäi, dass d'Zäiten onsécher sinn. Dofir muss ee sech Zäit huelen an am Virfeld Etüde maache fir béis Iwwerraschunge während der Realisatioun méiglechst ze vermeiden.

Och 2023 ginn Etüde gemaach. An der Route de Zoufftgen an der Butschebuengerstrooss am Kader vum Shared Space oder an der Schoulstrooss. E Masterplang Koibestrachen gëtt chiffriert mat 300.000.- €, dat Ganzt fir en Total vun 2,85 Milliounen Euro. Dat ass net Pi mol Daumen. Dat ass Plange mat Viraussicht. Fir ze vermeiden eeben datt een Iwwerraschunge kritt. An dofir kann ech dat, wat d'CSV elo grad gesot hunn, net grad sou ënnerschreiwen. Mir maachen dat eebe just net. Mir loossen eis beroden, mir kucke ganz genee op de Projet, éier mer eng Decisioun huelen an dat och hei am Gemengerot presentéieren. De Lokomotivatier gëtt mat 1,5 Milliounen fäerdeggestallt an de VeWa mat enger Millioun. 800.000.- € ginn an d'Extenssioun vum Déierenasyl investéiert, sou wéi 200.000.- €, déi mer bei der Wëlldéierestatioun bäileeën. Bei de kommunale Gebaier kommen Investissementer dobäi vun 1,68 Milliounen fir deen neien Hall polyvalent, deen an e puer Méint fäerdeg gëtt. 1,5 Milliounen fir d'Extenssioun vum Déierenasyl. Am Total en Invest hei nach eng Kéier vun 3,3 Milliounen Euro. Herno wäert lech de Kolleeg Alain Clement nach méi soen zum Thema Stadentwécklung a Mobilitéit.

Am Beräich Ofwaasser, bezéiungsweis Schmutzwaasser huet dës Gemeng säit Joerzéngten eng Politik verfollegt vu kontinuéierlecher Moderniséierung vun eisem Kanalsystem. Chantiere sinn ëmmer lästeg. Ma futtis Kanäl oder Iwwerschwemmunge sinn et nach vill méi. Op alle Fall gëtt och 2023 domat weitergefuehrt, mat verschidde Etüden – alt erëm Etüden – zur Diddelenger Baach, dem Réckhaltebecken, dem Anschluss vum Quartier NeiSchmelz un de Kanalsystem. Erneiert ginn d'Reier an der Rue de Zoufftgen, Rue du Commerce, an der Rue des Mi-

nières, Place Kinnen, Rue des Écoles an tëschent der Rue des Champs an der Route de Luxembourg. Ausserdeem bedeelege mer eis un der Moderniséierung vum STEP mat 1,488 Milliounen.

Och am Beräich Klima- an Naturschutz gëtt säit Jore scho preventiv geschafft an investéiert. 2022 stoung virun allem am Zeeche vun 2 Klima-Auditen, dem Bäitrëtt zum Naturpakt, dem Ofschluss vum Nohaltegkeets-Masterplan an der Validéierung vun eisem Covenant of Mayors-Dossier. Hei stécht onheemlech vill Aarbecht dohannert an Efforten, déi eng Gemeng muss maachen. An eis Ustrengunge si belount ginn. Am Kader vum Klimapakt goufen 2 Audite gemaach an d'Gemenge si bewäert ginn op hire Moosnamekatalog. Eis Gemeng ass am 1. Audit mat 60,6 bewäert ginn an am 2. Audit mat 70,1% zertifizéiert ginn. Dës Zertifizéierung gëtt belount mat Subside vum Staat. Fir dëst Zil ze errechen hunn eis Gebaier sech misse den Nohaltegkeetslabel DGNB zertifizéiere loossen, d'Personal huet klima-relevant Weiterbildunge misse maachen. E Klimadag ass organiséiert ginn, d'Belichtung vun de Gemeengebaier ass op de Leescht gezu ginn. All Projet gëtt dem Klimapakt ënnerzunn. Dofir rennt och hei mengen ech d'Opposition oppen Dieren an, wa gesot gëtt, datt misst gekuckt ginn, d'Personal misst forméiert ginn an et misst eng Kommunikatiouncampagne gemaach ginn a mir misse eis Belichtung am A behalen. Dat ass alles scho geschitt. De politesche Wëllen huet misse do si fir och d'Photovoltaik op Gemeengebaier weider auszebauen. Dat ass och do. Leider spillt eis do net ëmmer d'Statik, déi déi Gebaier virweisen an d'Hand, sou datt mer do heiansdo un eis Grenze kommen. Wichteg war natierlech an dësem Zesummenhang, datt de Gemengerot vum 30.9.2022 dat neit Klimapaktleitbild gestëmmt huet. Diddeleng ass dem Covenant op Mayors bäigetrueden. Dës Gremium huet den Nohaltegkeetsmasterplang a Sustainable Energy and Climate Action Plan ugehall an d'Stad Diddeleng ass déi eenzeg vun 13 Lëtzebuenger Gemengen am Covenant, déi all Bedingungen ëmgesat hunn, well mer och eng Risikoevaluierung agerechent hunn. Mir hunn de Projet „Nachhaltigkeit macht Schule“ ëmgesat, fir d'Kanner scho fir d'Problematik ze sensibiliséieren an ze motivéieren. Dat ass souwuel vun de Kanner, den Elteren an dem Schoulpersonal immens positiv opgehall ginn. Den zoustännegen Ëmweltschäfte René Mandercheid huet eis d'lescht Woch nach ganz vill aner Detailler genannt, wéi sech d'Gemeng Diddeleng engagiert, fir an der Klimaproblematik aktiv ze ginn. Zum Beispill d'Energieberodungen. Bis November 2022 sinn 346 Demandé vu Bierger erakomm fir vun de Subventiounen ze profitéieren. De Budget huet misse deementspreechend vun 110.000 op 125.000.- € eropgesat ginn, wat awer eigentlech et gutt Zeechen ass. Säit dem 14.5.2022 organiséiert d'Gemeng hir Eventer ënnert dem Label „Green events“, e weidert Puzzelstéck a Richtung Nohaltegkeet.

Aner Stéchwierder sinn Anti-Littering an Anti-Gaspi, wou mer versichen, eis Gewunnechten ze veränne-

ren. Manner Offall, manner Verschwendung. Den nationalen Dag vum Bam a Bam-Patenschafte sinn och wichteg Initiativen. De Moment ginn 214 Beem vun 18 Pätteren a Giedele parrainéiert. Natierlech schléit dat sech och am Budget nidder. Am extraordinäre Budget bei de Recetten hu mer eng ronn 854.000.- € u Subside vum Staat a mir kréie 600.000.- € am Kader vum Klimapakt. Op der Depensesäit, oder besser gesot bei dësen Investissementen, fanne mer ënner anerem 460.000.- € fir eng Etüd fir de Problem vum Reewaasser am Bujel ze léisen. Am Energieberäich ginn 90.000.- € agesat fir eng Etüd, wéi mer eis Ziler Horizont 2050 erreechen. 110.000.- € fir eng Etüd „Adaptation au changement climatique“, a mir speisen de Fonds de réserve Pacte climat mat 250.000.- € fir deemnächst weider Initiativen ze huelen. Diddeleng war ëmmer Musterschüler am Ëmweltberäich. Proaktiv a virausschauend hu mir net gewaart, bis dass d’Kand am Pëtz louch, mee mir hu säit Joren un der Transitoun vun eiser Stad a punkto Nohaltegkeet geschafft an dat préparéiert.

D’Ausgabe fir de Logement et Équipements collectifs, en anert Thema, bleiwe konstant héich mat 22,2 Milliounen Euro, dat heescht 35,98% andeems mer schonn dat Joer virdrun 19,3 Milliounen hei investéiert haten. Eleng fir de Logement social sinn dat kommend Joer 4 Milliounen virgesinn. Op dee wichtegen Domaine geet, wéi gesot, herno de Kolleeg Romain Zuang an. Just souvill sief gesot, datt mer kontinuéierlech, säit Jore schonn, eise Kontingent vu Wunnengen an d’Luucht gesat hunn an dat och weider wäerte maachen. Ënner Équipements collectifs falen awer och alles, wat sech nach am ëffentleche Raum befënnt: Plazen, Spillplazen, Circulatioun, Parkplazen, Foussweeër, der Kierfecht an eis Ateliere, déi ëffentlech Belichtung etc. Am ganze ginn hei 2023 eng 22.184.000.- € investéiert. Investéiert gött och an eis Sportsinfrastrukturen, wou de Bob Claude sécher nach méi verzielt. Mir ass et just wichteg ze soen, datt Diddeleng och d’Stad vum Sport ass, fir net ze soen, déi vun de Championen. Ma mir investéieren och konsequent. An d’Sportsterraine ginn 2023 1,1 Milliounen Euro investéiert, an eis Sportshalen 223.000.- € an an eis Piscine, déi oppen an déi vum Strutzbierg zesummen 8,650 Milliounen Euro.

Komme mer bei de Kulturberäich. Am Budget extraordinaire belafe sech d’Depensen vun den Artikelen 831 bis 890 op insgesamt 892.865.- €, wou haaptsächlech ze ernimmen ass, dass 250.000.- € investéiert gi fir am Quartier NeiSchmelz déi al Centrale électrique ze renovéiere fir do d’Danzschoul vun eiser Museksschoul ënnerzebréngen. Op dee Projet freeë mer eis schonn. En anere Posten ass d’Mise en conformité vum Home vun de grénge Scouten, déi mat 120.000.- € zu Buch schléit. Nodeems d’Peaux Rouges schonn ënnerstëtzt gi sinn, wéi och d’LGF ëmmer gehollef kréie bei hire jeeweilege Chaleten, sinn et elo déi gréng Scouten. Jugendarbecht ass wichteg, an dofir gött dat och voll ënnerstëtzt. Ma de Budget extraordinaire gött dat net erëm, wat mir hei zu Diddeleng an d’Kultur investéieren, well

d’Programmation an aner kënschtleresch Aktivitéiten sech am Budget ordinaire erëmfannen. De Fonctionnement vun eise Centre Culturel mat senge Concerten, ob dobannen oder dobaussen, Theaterstécker a Liesungen, eis Museksschoul, Galerien a Muséeën, hir Agenda a Projete maachen d’Kulturstad Diddeleng aus. An dofir muss een och hei den Ordinaire an den Extraordinaire zesumme kucke fir ze gesinn, wat eis hei zu Diddeleng d’Kultur wäert ass. Als Presidentin vun der Kulturkommissioun geet e Merci un eis Sekretärin Michèle Schmit natierlech, an ech mengen ech schwätzen do fir d’ganz Membere vun der Kommissioun: Ech kann nëmmen d’Ekippen am Kulturberäich felicitéieren a Merci soe fir hiert Engagement. Chapeau bas och fir dem John Rech seng Ekip fir d’Organisation vum Kulturjoer Esch2022, wat elo op en Enn geet. Jiddereen hat seng Liblingsveranstaltung, sécherlech. Mee onvergiesslech wäert warscheinlech ville vun eis den USINA bleiwen. De Schäfte Loris Spina war schonn dorop agaangen: Eise Kulturzenter ass 316 Deeg am Joer besat, an eis Manifestationen hunn eng 95.000 Visiteure kannt. Dat ass enorm. An ausserdeem wäerte mer och nach e wonnerschéine Souvenir behale vum Kulturjoer, dat ass eise Floater, dee fir ëmmer hei bleibt an eis schéi Stad nach méi attraktiv mécht. Méi zum Tourismus herno nach vum Kolleeg Walter Berettini. Virun e puer Deeg hu mer de 15. Gebuertsdag gefeiert vun eise Centre Culturel an et huet een déi grouss Verbonnenheet an Dankbarkeet gespuert, déi d’Kënschtler mam Haus opderschmelz verbannen. Si kréien hei Plaz a Raum gebuede fir hir eege Kreatiounen ze maachen a sech kënschtleresch fräi ze beweegen. Wa mer vu Konscht schwätze well ech och den DKollektiv net vergiessen, den de VeWa mat Liewe fëllt an eis Kulturzeen hei zu Diddeleng completéiert.

Eng aner Kommissioun, déi ech presidéieren ass d’Integratiounskommissioun. Diddeleng huet iwwer 100 Nationalitéiten hei liewen. E groussen Deel vun eiser Populatioun sinn net Lëtzebuerger. Zesumme liewen, zesummen, an net laanschteneen, Integratioun, Frëndschafte schléissen, Respekt, sech austauschen a sech hëllefen. Well Diddeleng ëmmer scho gelieft huet a grouss ginn ass duerch d’Immigratioun an d’Integratioun. D’Integratiounskommissioun huet sech zur Aufgab gemaach, dësen Austausch ze fërderen. En décke Merci geet och un de Service Ensemble vun Interactions, déi mat hire sëllegen Aktivitéiten, hirem Café des Langues asw. zu dësem interkulturellen Austausch bäidroen. Mat 200.000.- € ënnerstëtze mir dës wichtige Service. Eng grouss Aufgab ass et, eis net lëtzebuergesch Matbierger ze motivéieren, mat wielen ze goen d’nächst Joer bei de Gemengewalen am Juni a sech deementspriedend op d’Wielerlëschten anzedroen. Detailer ginn et hei op jepeuxvoter.lu a jiddweree kann do Sensibiliséierungsarbecht maachen um Terrain. En décke Merci och u meng ganz Kommissioun, eis Sekretärin Ana Barbosa an och déi ganz Ekip vum Service Ensemble. Ma Integratioun heescht och, Mënschen opzehuelen, déi mussen hiert Heemechtsland verlosse weinst Krich zum Beispill. D’Gemeng Diddeleng war

ëmmer bei deenen éischten, déi de Fanger ausgestreckt huet, wann et geheescht huet: Wat fir eng Gemeng ass dann elo bereet fir ze hëllefen? Dat war deemools mam Foyer fir d'Flüchtlingen de Fall, deen opderschmelz steet. An dat war och de Fall, wéi d'Flüchtlingen aus der Ukrain hu misse relativ schnell ënnerbruecht ginn. Am Budget ordinaire vun 2023 ass dës Gest vu Solidaritéit mat engem Betrag vun 150.000.- € opgefouert.

Bei der Biergerbedeelegung lo wëll ech soen, datt mir als LSAP et ëmmer immens wichteg fonnt hu fir d'Bierger méi direkt an den Entscheidungsprozess mat anzubannen. Déi participativ Demokratie weiderzëntwéckelen hei zu Diddeleng, war ee Punkt, dee mir am Walprogramm stoen haten. Saitdeem ass op verschiddenen Niveauen dorunner geschafft ginn. Mir kennen de Kannergemengerot, de Jugendgemengerot, mir kennen de Biergerforum. De Moment ass de Budget participatif op der éischter Säit, deen de Bierger méi no bruecht gëtt. Fir d'Ëmsetzung vun deem Budget an d'Realisatioun vun deem Projet stinn elo 146.500.- € am Budget ordinaire. Am Budget fanne mir dës weideren 32.000.- € fir de Biergerforum, deen e grouss Succès kennt an och weidergefouert gëtt. Mir loossen eis bei all deene Projekte vun der Uni.lu begleeten, an dës Konventioun schléit mat 68.500.- € zu Buch. Ech mengen also net, datt mir hei blauäueg un déi Saachen eruginn, wat elo grad gesot ginn ass an och net Pi mol Daumen. Ech fannen et net ëmmer ganz konsequent, wat da sou vun der Oppositioun kënn, op där enger Säit gëtt da geschwat, datt mer missten Etüde maachen awer d'Projeten och net schleefe loos. Dat ass kontradiktoresch fir mech, well et ass net schleefe geloos ginn, et ass sech Zäit gi fir eeben déi Etüden ze maachen an déi Projeten ze preparéieren.

An och am Beräich Wunnraum schafen, dat ass och fir mech eppes, wat ech net ëmmer sou kann novollzéien. Da gëtt op där enger Säit geschwat: Oh, firwat kréie mer dann nëmme 500.000.- € lo fir Wunnraum, fir Terrainen ze kafen? An op där anerer Säit wësse mer alleguer heibannen, datt et bal keen Terrain gëtt fir ze kafen. Dofir wonnert dat mech ëmmer nëmmen. Ech sinn awer frou, datt oppen Dieren hei operappt gi sinn fir wat déi virsiichteg Personalpolitik ubelaangt. Well och hei geschitt dat scho laang. Och d'Kommunikatiounscampagnen, déi gefrot gi sinn, déi sinn och scho laang geplangt. A wéi gesot am Klimaberäich ass scho laang eist Personal forméiert ginn, fir datt och intern, wat d'Gemeng ubelaangt, all déi néideg Mesurë geholl ginn.

Zum Schluss dann nach e Bléck op d'Entwécklung vum Budget. Vergläiche mer lo déi zwee Budgets initiaux mateneen, sou si vun 2022 op 2023 am Ordinaire de Budget bei de Recettë geklomme vun 116,7 Milliounen op 121 Milliounen. Op der Depensë-Säit ass et och eropgaange vun 106 op 119. Et ass also alles proportional. Dat ass haaptsächlech, well bal ëmmer op d'Lounentwécklung vum Personal zrëckzeféieren ass. Vun deenen 101 Milliounen ginn eleng

ronn 6 Milliounen ausgi fir Biennallen an d'Index-Entwécklung. An ech sinn awer och frou, datt dat hei parteiwwergräifend net a Fro gestallt gëtt. Wann een elo déi zwee Exercicer matenee vergläicht, da gesäit een am extraordinaire Budget, dass vun 2022 op 2023 d'Recettë vun 32,3 Milliounen op 27,5 Milliounen erofgaange sinn an d'Depensë vun 43,4 op 50 Milliounen an d'Luucht gaange sinn. Hei mierke mer ganz staark dann och als Gemeng d'Präisdeierecht, de Manktem u Matières premières an d'Energikris, déi mer ze spiere kréien. An ech sinn och frou, datt dat allgemeng bekannt ass, datt d'Aflëss vu baussen eeben net virauszegesi sinn a mir dowéinst och net konnte wäit am viraus dat Ganzt opfänken. Mir hunn dës Joer en Emprunt opgeholl vu 40 Milliounen, virun allem fir eventuell Liquiditéitsproblemer virzebeugen. Duerch déi virsiichteg Finanzpolitik awer, déi dës Majoritéit ëmmer ausgezechent huet, hunn an de Joren 2017 bis 2020 iwwerhaupt keen Emprunt opgeholl bräichten ze ginn a mir konnten eis eng Mouk uleeë fir dës grouss Projeten, déi hu misse gemaach gi fir Diddeleng prett ze maache fir d'Zukunft. Sou sinn an deene leschte Jore grouss Dossiere realiséiert ginn a bei deenen ass kee Luxusprojet dobäi. Ma et war en Investissement fir fir déi nächst Generatioun ze plangen. Mat der Schoul Lenkeschleé, Crèche an Italien, Maison Relais Ribeschpont, Renovéierung vun de Schoule Butschebuerg, Brill, Gafelt. An der Stadentwécklung krute mer mat dem Shared Space e Stadzentrum mat engem neie Gesiicht. A mam Hall polyvalent deen deemnächst fäerdeg gëtt kréien d'Veräiner endlech dee Raum, dee se brauchen. Vill aner Investissementer kéint een nach opzielen. Grouss Dossiere sinn um Wee. Den neien Déierenasyl, den Ausbau vun der Wëlldéierestatioun, den neie Réckhaltebecken an der Rue du Nord. Ouni ze vergiessen, datt de Projet NeiSchmelz op d'Schinne gesat ginn ass. Et steet och net zur Debatt, e Projet, deen elo am Gaang ass ze stoppen. Ech mengen do si mer eis alleguer eens heibannen, dringend noutwenneg Investissementer mussen ëmgesat ginn. Si ze verréckele géif de Projet just verdeieren.

Eis Pro-Kapp-Verschëldung geet zwar vun 955.- op 2.622.- Euro erop. Dat huet mat den Annuitéiten ze dinn, déi elo vun 1,22% op 3,26% eropginn. Wann ee weess, datt d'Alarmklacke awer bei ongeféier 15% uginn, brauche mer eis also nach keng Suergen ze maachen. No der Ventilatioun vum Budget, dat heescht, d'Verrechnung vun de Resultater vun de Jore virdrun, bleift ënnert dem Stréch e Boni définitif vu ronn 2 Milliounen. Kuckt een elo mol iwwert d'Entwécklung vum Budget vun eiser Gemeng vun de leschten 10 Joren, da stellt ee fest, dass souwuel d'Recettë wéi d'Depensë kontinuierlech an d'Luucht gaange sinn – wat normal ass. Iwwert déi lescht Legislaturperiod ass de Boni méi kleng ginn, wat awer net bedeit, dass d'Gemeng schlecht gefouert gëtt. Au contraire. Et ass dorop zrëckzeféieren, datt enorm vill gelescht ginn ass an de leschte Joren. Dës Majoritéit huet an der leschter Legislaturperiod quasi all Punkten, oder e groussen Deel vu senge Punkten vu sengem Programm ëmgesat. Mat dësen Projeten déi am Gaang

sinn oder 2023 ugefaange ginn, si vill prioritär Servicer vum Bierger ofgedeckt ginn. Felicitatiounen op alle Fall vun eiser Säit un de Schännerot fir déi stabil Finanzsituatioun an e Bilan iwwert déi lescht Joren, dee sech weise léisst. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci der Madame Kohn fir hir Stellungnam. An dann ofwiesselend erëm d'Kolleege vun der Oppositoun, da géif ech der Madame Heinen d'Wuert ginn.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert Här Buergermeeschter, léif Kolleegeinnen a Kolleege aus dem Schaffen- a Gemengerot, et ass réischt meng zweet Budgetsried als Fraktiounsspriecherin vun de Gréngen, nodeems d'Madame Goergen dat laang Jore gemaach huet. An deemno wéi ass et och vläicht meng lescht Budgetsried, wann ech net méi zréckgewielt ginn. Dofir ass vun allem dran. Ech profitéieren dann och e bëssen. Et si Fragezeichen dran, et sinn Ausrufezeichen dran, et si Gedankestrécher dran an awer och mol e Bravo. Als éischt e Merci am Numm vun der grénger Fraktioun fir den Här Pull a seng Servicer vun der Kontabilitéit an och all deene Servicer, déi un dësem Budget matgeschafft hunn. Et ass wéi gesot de leschte Budget virun de Gemengewalen. Et ass och scho lo gesot ginn, e Budget an onsécheren Zäiten, no enger Pandemie, mir hu Matière premières-Engpäss, mir hu weesentlech Käschtenerhéijungen, mir hunn eng Logementskris, mir hunn den Ukrainkrich, mir hunn eng Energiekris, eng Biodiversitéitskris an eng Klimakris.

Ech ginn da kuerz op d'Finanzsituatioun an: am Rectifié am Ordinaire bleift eis e Boni vun 12 Milliounen. Laut dem Resultat vun de Konte vun 2021 bleift eis dann e Boni vu ronn 2 Milliounen, déi mer an den initiale Budget vun 2023 kënne mat eriwuerhuelen. De Rectifié am Extraordinaire schléisst mat méi engem héije Mali wéi ugeduecht am Initial, bedéngt duerch d'Nostëmme vu Kreditter, duerch méi héich Baukäschten an Energiepräisser an als Beispill hate mer jo viru kuerzem den Hall polyvalent. D'Dépenses ordinaires klammen ongewéinlech héich an de leschten zwee Joer. Eng Kéier 11%, eng Kéier 16% an och am Initial 2023 12%, wann ee kuckt par rapport zu de leschten 10 Jore virdrun, wou mer ëmmer sou eng Steigerung vun 2% oder 3% haten. Eise Boni am Ordinaire schmëlzt am Initial op just nach 2 Milliounen. Mir hunn eis gefrot, wou dës héich Steigerung vun den Dépenses ordinaires hierkommen. Nieft dem Graphik vun der Evolutioun stinn Erklärungen wéi Biennale, Index, Kollektivvertrag, Revalorisatioun vum Personal an der Museksschoul, nei Posten an Erhéijung vun Tâchen an der Maison Relais, dat mécht scho bal 400.000.- € aus. Wann ee kuckt, wéi rasant d'Kannerbetreuung – an d'Madame Kayser ass jo och schonn drop agaangen – sech entwéckelt huet an de leschte 15 Joer. Am Ufank hate mer just eng Kantin. Du sinn déi ganz Maison Relais entstanden, haut heescht et SEA. Dat ass schonn e Kraftakt fir d'Gemengen, déi dat selwer bedreiwe wat d'Gebai, Raimlechkeeten, Personal, awer och déi ganz Aktivitéiten an Organi-



satioun betrëfft. An d'Demande ass nach ëmmer méi grouss wéi d'Offer. Dat soll lo net eng Kritik sinn, dat ass e Constat. An den Dépenses ordinaires fir 2023 steigen och eis Annuitéite vun de Scholden, fir déi 10 Milliounen Emprunt, déi mer getätegt hunn an eventuell nach eemol 40 Milliounen, wa mer dee Montant dann zéie wäerten. An dat wäert sech jo dann och net iwwert dat ganz Budgetsjoer strecken.

Zu den Dépenses extraordinaires. Den Investitiouns-volumen an nei Projeten ass net méi sou héich wéi an de Jore virdrun. D'Dépenses extraordinaires beweegen sech haaptsächlech am Kader vu schonn ugekënnegte Projeten oder gestëmmte Projeten, déi 2023 weidergefouert ginn oder ëmgesat ginn: den Déierenasyl, d'Atelieren, de Strutzbiereg, den Hall polyvalent, Sozialwunnengen, Waasserbaseng, Kanal a sou weider. Déi Gréng hunn all déi Projete matgestëmmt, ausser déi 3. Phas vum Shared Space aus de bekannte Grënn. Fir déi 4. Phas vum Shared Space sinn aus den 100.000.- €, déi am Budget 2022 waren, elo 400.000.- € ginn am Budget 2023 fir Etüden. De ganzen Zentrum ronderëm Stadhausplaz soll reaménagiert ginn. Et ass och wichteg, dass do vill Suen ausgi fir Etüden. Well do ass jo lo och de PAP Nord vun NeiSchmelz, dee quasi do ugrenzt un de Stadzentrum, an do ass et wichteg, dass och gekuckt gëtt, wéi och d'Mobilité douce soll fueren an och déi ganz Bussen. Well mir hu jo awer ëmmer méi Bussen, déi duerch den Zentrum fueren. Lo kënnt nach eng Linn dobäi. Mir hunn d'RGTR-Bussen, de City-Bus, den TICE, Schülerbussen. Mir hunn am Fong keng richtig Bus-Gare hei zu Diddeleng. Ech si lo de Moien nach mam Bus komm, och op der Gare ginn et Arrêten op verschiddene Plazen. Wann dann do ganz vill Schüler matenee rausklammen, an déi ginn dann do iwwert d'Kräizung, dat ass net ganz glécklech.

Ech hunn och nach zwou Froen zu den Dépenses extraordinaires. Do hu mer jo lo de Silo de sel op NeiSchmelz, dee muss plënnere well de Fonds de Logement lo déi Hale brauch an den Terrain – dat kascht eis 125.000.- €, dee soll dann an de Primavera kommen. Mir hu jo Loyer bezuelt op NeiSchmelz, wéi ass dat da beim Primavera? Bleift dee lo definitiv do? A musse mer do och Loyer bezuelen? Dann hu mer de Fuerpark deen erweidert gëtt op 10 Gefierer, déi nei kaaft ginn. Do ass just 1 elektrescht Gefier dobäi. Dat fanne mer e bësse weineg, wa mer solle fortomme vum Fossil. D'Fro ass eeben, firwat hu mer do net méi elektresch Gefierer virgesinn? Da kommen

ech zur Reserve-Situatioun Enn 2022. Mir hu 5 Milliounen Fonds de réserve budgétaire, wou mer jo dëst Joer 4 Milliounen ausginn hunn. Mir hunn 3 Milliounen Fonds communal de péréquation, a momentan hu mer 912.000.- € am Fonds de réserve spécial vum Klimapakt an et sinn nach eemol 250.000.- € virgesi fir an déi Reserv 2023. Hei hate mer schonn op e puer Plazen nogefrot, wat mat dëse Sue geschitt. Mir kréien all Joer zanter 2014 eng Subventioun opgrond vun eise Resultater vum Klimapakt, mat deem dëse Fong gespeist gëtt. 410.000.- € dovun si geholl ginn am Kader vum Covenant of Mayors, fir den Nohaltegkeets-Masterplang auszuschaffen.

Fir 2023 sinn zwee Projeten ageschriwwen. Eigentlech keng Projeten, mee zwou Etüden: 90.000.- € fir eng Etüd iwwer Energiekonzept, mat Horizont 2050 an 110.000.- € fir eng Etüd iwwer Adaptatioun wéinst Klimawandel. Mir hu mat Ekos e Beroderbüro, mir hunn e Service écologique, mir hunn e Klimaleitbild, en Nohaltegkeets-Masterplan, wou Energiekonzepter dra sinn, wou och d'Upassung un de Klimawandel en Thema ass. Mir hunn e Moossnamekatalog, mir hunn och d'Instrument vum Klimapakt selwer, an och nei, den Naturpakt, wou Villes anenee gräift. D'Entwécklung an d'Technologien an der Digitaliséierung – mir denken u Smart Cities an deem Beräich – ass rasant. An déi zwou weider Etüde si bestëmmt sënnavoll. Et bleiwen dann nach awer ëmmer 960.000.- € am Fong, a mir kéinten eis méi konkret Projekte virstelle fir d'Gelder aus dem Fong, zum Beispill am Beräich vun der Photovoltaik. Duerch méi performant an nei Panneauen kënne lo nach weider Diecher vu Gemeindegebaier mat Photovoltaik ausgestattet ginn. Un der Gemeng, um Stade Meyer an um Hartmann si fir 2023 am ganzen 160.000.- € virgesinn. Am Pluriannuel sti fir Photovoltaik um Hartmann am Joer 2024 – an do hu mer awer missen zweemol kucken – 1,5 Milliounen. Dat fanne mir en héije Montant wohlwissend datt jo awer scho Photovoltaik-Panneauen um Daach vum Hartmann drop sinn. Bis elo krute mir ëmmer verséichert, deen Daach wier ofgedeckt. Mee dat ka jo da just e ganz klengen Deel sinn. Mir hunn eis do wierklech gewonnert, firwat ass dann deemools do keng méi eng grouss Anlag instaléiert ginn?

Ech kommen hei och kuerz op de Klimadag zrëck an den Atelier fir d'Steigerung vun der Energieproduktioun. Hei war de Wunsch opkomm, fir datt d'Bierger an d'Biergerinne sech kënnen an enger Kooperativ zesummeschlësse fir eng gemeinschaftlech Photovoltaikanlag ze bedreiwen, sou wéi dat schonn um Gebai vum Centre culturel ass. Dofir eis lwwerleeung fir en Invest an d'Photovoltaik ze tätigen, soit duerch Geld aus dem Fong Klimapakt, soit duerch eng Kooperativ fir Biergerinnen a Bierger, déi een och dee Moment méi mat abezitt, soit duerch eng Kombinatioun vun deenen zwee. Dat géif eise Gemeindebudget jo dann och entlaaschten. Eng aner Iddi fir d'Gelder aus dem Fong wier eng Personalverstäerkerung am Service écologique ganz oder deelweis domadder ze finanzéieren. Den Här Manderscheid huet d'lescht Woch selwer all

déi Aufgaben opgezielt, déi am Gréngen Haus ufalen, an dat sinn der net wéineg. Dofir hate mir och schonn d'lescht Joer méi Man- oder Womanpower proposéiert. Mir hunn d'Gesetz vum Klimapakt 2.0 nogelies an hunn elo net direkt fonnt, datt dat net méiglech wier. Déi Iddi misst awer gepréift ginn. Déi Gréng bleiwen awer bei der Meenung, de Service nach besser opzestelle fir d'Zukunft an Zäite vu Klimakris, Energietransitioun a Biodiversitéitskris. Déi, déi do si maachen eng ganz gutt Aarbecht. Et huet sech och kee bei eis beschwéiert. Den Här Hoss geet geschwënn a seng haart erschaafte Pensioun. Mir soen him vun hei aus en décke Merci. Hie war ëmmer e ganz gudden Usprichpartner fir eis.

Da kommen ech zu der Schoul. An der Schoul gëtt et Bio-Uebst. Dat begrësse mer ausdrécklech. Mir hunn dat nogekuckt am Budget, dat ass net d'Welt. Aus 27.500.- € gëtt elo 30.000.- €. An dat ënnertzt awer d'Bio-Landwirtschaft. Et gëtt och Uebst fir d'Gemeengepersonal. Hei kéint ee jo och op Bio ëmswitchen. Mir hunn e Kontrakt mat Educdesign, dat kascht eis 95.000.- €, déi sech ëm alles Digitalen an der Schoul këmmen. Zwou Froen: Encadréieren déi och d'E-Bichelchen, wann dat lo kënnt a wann et Startschwierigkeeten eventuell géife ginn? An intervenéiere si och am SEA? D'Etüde lafe fir d'Gebai Balzeng an NeiSchmelz, awer och fir eng Vergrößerung vum Däich, wat mer eng gutt Saach fannen. Hei gëtt Schoulraum gebraucht. A wéi sot d'Madame Kayser sou schéin: Schoullandschaft plangen. Dann zur Jugend. Do wollt ech eppes Klenges erzielen. Während der Demokratiewoch am Lycée war eng Table ronde mat Nowuesspolitiker vun 9 Parteien. Ech genderen hei net, well et waren effektiv nëmme jonk Männer do. D'Schülerinnen an d'Schüler hate selwer d'Themen erausgesehen.

Bei Thema Sécherheet, dat hate si selwer rausgesehen, huet der Vertrieber vun der ADR ADRenalin gemengt, d'Police sollt dach mat Waasserwerfer op d'Gare opmaachen. Wuertwiertlech: opmaachen. Hie krut Applaus vum Publikum dofir. Also dat huet mir ferm ze denke ginn. Dir kënnt dat nokucken, et ass alles op YouTube. Déi Jonk hunn an dëse Krisenzäite vill Suergen. Net fir näischt gëtt vill vu Mental Health bei de Jugendleche geschwat. D'Madame Ries huet eis de leschte Freideg matgedeelt, datt d'Maison des Jeunes gutt besicht ass, dass d'Clientèle gewiesselt huet duerch d'Zesummenaarbecht mat Maison Relais. Et kéint een dann d'Fro stellen: Wou geet déi Clientèle, déi virdrun am Jugendhaus war, dann elo hin? Diddeleng wiisst. Ginn et nach zousätzlech Raimlechkeeten, déi op aner Plaze vun de Visiteure vun der Maison des Jeunes genotzt kënne ginn? Am VeWa zum Beispill? Wa mer reng d'Chiffere vergläichen am Tableau comparatif vu Crèchen, Maison Relais a Maison des Jeunes, sinn eis Depense fir d'Jugend net schrecklech héich, well et sech an deem Tableau reng op d'Maison des Jeunes beschränkt. Jugendlecher profitéiere jo och vun eisen Infrastrukturen am Sport, bei der Museksschoul, bei de Scouten, bei de Pompjeeën, an eise Veräiner, am Skaterpark.

An all Invest an d'Jugendbetreuung an d'Jugendarbecht ass e gudden Invest. Mir mengen och gesinn ze hunn, datt eng Partie Jonker mat Iddie beim participative Budget matmaachen. Wat jo och eng gutt Saach ass. Mir géifen eis e bësse méi Visibilitéit wënsche fir de Jugendgemengerot. Dat wär jo och eng Valorisation fir déi Jonk, déi sech engagéieren, wa si dat da wëllen. A propos Skaterpark: Muss deen och am August plënnere? A wouhi plënnert deen dann? Mir fannen et och gutt, dass aus dem Pilotprojet Jeunes et Familles e permanente Service entsteet an ënner anerem intergenerationell Aktivitéiten ugebuede ginn.

D'City-App ass e gutt Instrument fir Informatiounen. Besonnesch gefält eis de Report-it. Op 504 Messagen e Succès ass kann ee jo net grad behaupten, well et sinn haaptsächlech Reklamatiounen. Et ass awer ëmmer besser wéi op Facebook ze reklaméieren. Och als Oppositionspolitikerin fannen ech et e gutt Instrument, well mir kënnen d'Leit dann och ëmmer dohi verweisen.

Dann zum Sport. CAD Tennishal. Aus den 200.000.- vum Initial 2022 sinn elo 300.000.- € ginn. Wou ass dee Projet drun? Sinn d'Etüden am Gaang? Da kréie mer Spinning-Véloe fir 55.000.- €. Wéi vill sinn dat der a wou kommen déi hi stoen? Ass dat ëffentlech zougänglech oder muss ee sech do a Coursen umellen? Um Internetsite ënner Sport sinn d'Informatiounen schwéier ze fannen. Dat hat ech schonn d'lescht Joer gesot. Et gëtt ee weidergeleet un de Service des sports, Gesond Diddeleng oder un de Service Ensemble. Fir Horairé vu Course muss een dann awer weidersichen oder ruffen. Ech hu geraumt am Hierscht an ech hunn déi Broschür hei fonnt vum Sport. Ech mengen déi war vun 2015. Dat ass eng ganz gutt Broschür gewiescht mat allen Informatiounen. An eis Propos ass, maacht erëm eng Kéier sou eng Broschür an et muss ee se jo net onbedéngt verdeelen, oder eemol verdeelen an dann online setzen. An da kann een dat jo all Joers update mat den entsprechehenden Horairen a Plazen. Och Babyschwammen, Aquagym, do wësse mer dass do z.B. beim Babyschwammen och Waardelëscht sinn. Ass do net d'Méiglechkeet, fir vläicht nach méi Plagen ze offréieren?

Da kommen ech zur Ëmwelt. D'Madame Ahmedova geet do och nach drop an. Bedéngt duerch d'Energiekris sinn d'Berodunge vun der Klimaagence eropgaangen. Dat wonnert eis net. Grad sou wéineg wéi d'Subside fir Solarenergie. A Subside fir Reparatioun, dat war jo eng Initiativ vun eis, do wësse mer net, ob schonn Demandé waren. Mee an deem Kader wollte mer mol eng Kéier nofroen, datt vläicht erëm eng Kéier e Repair Café op Diddeleng kënnt. Reewaasserkollektieren. Do war och just eng Demande. Eis Fro ass, wann ee sou eppes a säi Gaart mécht, brauch een do net eng Baugeneemegung? Gëtt een do informéiert an deem Service, datt et e Subsid gëtt? De Bassin de Rétention an der Rue Thiel vu 70.000.-, déi si reportéiert ginn op 2023. Do war de Problem mol fir den Terrain ze kréien. Do ass eis Fro da vlä-

icht, ob et do Chancë ginn? An dann hu mer e Projet pédagogique fonnt fir Mënsch an Natur vu 75.000.- €, do wësse mer net richteg, wat dat ass? Dann den Naturpakt, dee leeft un. Mir hunn e Beroder vu SICONA. Do war och elo en Appel à projets vum Ministère. Am Rapport hu mer gesinn, datt am Beräich oppe Landschaften soll eppes geschéien. Dat krute mer och wierklech vun Naturschützer un d'Häerz geluecht. Do muss een natierlech d'Propriétaire vun den Terrainen an och d'Piechter, also déi, déi d'Terraine bewirtschaften, mat an d'Boot huelen. Mir hu jo lo gesinn, den Trëntenger Dall, dass et do Diskussiounen ginn. An an der Zeitung konnte mer liesen, dass och den Därebësch an de Wal an den Hellenger Bësch, déi sollen och sou eng Reserv ginn. Och d'Réckwandlung vu Steegäert fanne mer ganz sënnvoll. An och méi Gréngs an d'Schoulhaff. Dat wär och gutt, wann do eppes ze maachen ass um Strutzbierg, do ass jo lo deen nächsten Schoulhaff deen usteet. De Projet Tiny Forest, dee war näischt ginn, dee steet awer nach ëmmer mat 6.000.- € am Budget. Vlächicht fënnt ee jo do nach eng Plaz A Bëlleg. Dann d'Baumpaten-schaften ass eng flott Saach, mee dat gëtt awer net ëmmer sou ganz nohalteg bedriwwen vun de Pätteren an Giedelen. Do missten d'Krittäre vlächicht eng Kéier iwwerschafft ginn. Do hu mer awer och scho gesinn dass d'Leit einfach Steng enne bei d'Beem leeën, dat ass jo awer och net grad den Zweck vun der Saach. Op eis Nofro hin hutt Der jo och d'Charte fir d'Veräiner aus dem Tirang geholl. An et ass och gutt, dass sou vill wéi méiglech Fester de Label „Green Event“ kréien, a besonnesch déi Fester, déi vun der Gemeng selwer organiséiert ginn.

Mobilitéit. Car sharing vum CFL, dat ass net méi gratis, dat iwwerhëlt d'Gemeng elo. An den Dépenses ordinaires sinn do 30.000.- € virgesinn. Et sinn 6500 Faarten. Ass also net en onwichtige Player an der Mobilitéit. Da soll déi nei Buslinn kommen. Déi gëtt jo da privat bedriwwen. Well beim TICE, do komme jo dann och Ännerungen, awer warscheinlech réischt no 2023. Mir hu jo de 4 an de 5, déi 16 Mol duerch d'Keelerstrooss fueren, an dann awer nach keng direkt Linn op Esch. Elo mat der Neiorganisatioun vum RGTR, hunn ech gesinn, dass dee vu Keel direkt iwwert de Keeler Potto fiert. Dat ass deemools gesot gi vum TICE, dat géif den TICE net maachen. Et ass beschwéierlech vun Diddeleng mam Bus op Esch ze fueren. Et muss een ëmmer iwwer Schëffleng oder Rëmeleng fueren. A mam Zuch ass et och net vill besser. Den ëffentlechen Transport hei zu Diddeleng, dee wäert eréischt wann déi nei Zuchstreck fäerdeg ass, dat dauert nach e puer Joer – 2028 wäert et do Verbesserung ginn – mee fir op Esch a Belval, an d'Stad ass vun Diddeleng aus net ganz glécklech mam ëffentlechen Transport. D'Madame Dall'Agnol hat nach gefrot, wann een eng Propos huet fir en neit Bushaischen. Jo, beim Stade Meyer, wann d'Kanner do vum Fussball op déi nei Linn da waarden, do kéint een nach vlächicht e Bushaische maachen. De Flexibus ass eng gutt Saach fir déi eeler Leit. Do hätt ech da vlächicht eng Aktivitéit fir de Club Senior. Wann eeler Leit net méi mam Auto fueren, heiansdo zécke se fir den

ëffentlechen Transport ze huelen, well se vläicht och net eens gi mat der App. A vläicht kéint een do bei eeler Leit dat Thema ëffentlechen Transport iwwert de Club Senior e bësse promouvéieren. De Vëlo-Expresswee, do hu mer näischt fonnt. 150.000.- € sinn awer virgesi fir de Vëloswee an der Rue Aline Mayrisch de St. Hubert. No zwee Provisorien am Vëlossummer gëtt elo en ofgetrennte Vëloswee amenagéiert an der Kontinuitéit vum Vëloswee laanscht d'Le'h an dat mat definitiven Ännerungen un den Inseln an un de Parkplazen. Dat kritt natierlech eis Zoustëmmung. Zwee Joer gëtt dovun geschwat. Mir hunn Hoffnung fir d'Fréijoer. Dat sinn d'Iwwergäng beim Kräizbiereg a bei der Rue Jean Simon mat der Route de Luxembourg. Dann hat d'Madame Dall'Agnol gesot, de Vëloswee am Brill gëtt nei gemaach. Ech huelen un, dass do e Ràclage op dee Wee kënnt bei der Baach? Rue du Parc Zon 30, dat ass eng gutt Saach. Beim Lycée kënnt ee besser eraus. Mir haten am Gemengerot vum 30. September net matgestëmmt. Net well mer eng Zon 20 hei wëilten, dat war falsch verstane ginn, ech war leider krank deem Dag. Mir waren net zefridden iwwert d'Gestaltung bei der Kräizung mat der Rue Pasteur, wat och den Iwwergang ass vum Quartier Wolkeschdall bei d'Schoul Brill. Beim Raumen hunn ech och nach eng Vëlosetüd fonnt vum 2007, vun Trafico an ech kann déi mol weiderleeden, well do war eng gutt Propos nozeliesen, wéi deem Iwwergang ka besser gestalt ginn.

Da kommen ech zu Kommunikatioun. Wéi schonn uge- deit ass beim Sport eisen Internetsite net ëmmer ganz informativ, a mir géifen eis hei e bëssen eng besser Kommunikatioun wënschen. Wann ee sech sou derduerch klickt am Budget, mat Relations publiques, Publicitéit, Marketing, kënnt ee schonn op en imposante Chiffer. Dat Allermeescht ass jo och néideg, sënnvoll a berechtigt an eng gutt Kommunikatioun gëtt jo och ëmmer hei vun alle Bänke gefuerdert. Eis Gemeng ass och ganz aktiv op de soziale Medie mat ville Fotoen, wou awer seelen d'Politiker an d'Politikerinnen aus der Oppositioun ze gesi sinn. Grad sou wéineg wéi an der Publikatioun „Meng Stad“. Am Blog vun der Stad Diddeleng ginn et YouTube-Filmer fir Sportveräiner a Comercanten eng Plattform ze ginn. Et ginn och Filmer, déi d'Privatliewe vun Diddelenger Awwinner an Awwinnerinne weisen. Dat si sou e bëssen touristesch Filmer. Mir hunn eis gefrot, wéi déi Leit erausgesicht ginn? Gëtt do en ëffentlechen Appell gemaach, a wou kann ee sech mellen? Beim Kannergemengerot begrëisse mer op jidder Fall datt méi Kommunikatioun en vue ass mat der Newsletter.

Kultur: Diddeleng ass eng Kulturstad. Déi Gréng ënnerstëtzen all Projet an d'Kultur. No der Pandemie wollten d'Mënschen och erëm kulturell Veranstaltungen besichen an d'Angebot war risegrouss, och hei zu Diddeleng, an et gëtt net manner. Et ginn awer weesentleche Käschtenerhéijunge bei Zeltik a Fête de la Musique a mir wollte froen, wou déi hierkommen.

De Stadkär: Mir bleiwen nach ëmmer bei eiser Positioun vun enger Foussgängerzon am Stadzentrum.

Eise Schäfferot an och de City-Manager gi sech vill Méi, fir d'Geschäftslokaler net eidel stoen ze loos- sen. Mier ënnerstëtzen hir Beméien. An awer ass et schwierig an de Stied fir den Handel duerch Online an och Grande surfacen. Do misst schonn en Ëmdenke bei de Leit kommen, fir nach méi de lokalen Handel ze ënnerstëtzen. Et gëtt jo och probéiert, a Rich- tung nohaltege Commerce ze goen, wat mer natier- lech begrëissen. Leider net ëmmer ganz konsequent. Zum Beispill hu fir Halloween déi Honnerte Loftbal- lonen als Dekoratioun an de Stroossen net zu dem Bild vun engem méi nohaltege Konsum gepasst. Hei ginn et Alternativen z.B. Callebassen, Stréibotten, ech hunn elo grad dobaussen Camionnette vun der Gemeng gesi mat Stréibotten, als Dekoratioun ass dat och schéin an dat ass organesch, organeschen Offall. Wéi gesot, mir wëllen alleguer e liewege Stad- kär, wou Mënsche sech begéine kënnen op der Plaz am Duerf. Also d'Ergänzung zum Maart vum Don- nesches ass eemol de Mount ab Abrëll den alter- native Maart Samschdes. Dat fanne mer eng gutt Initiativ. Wou een sech awer kéint d'Fro stellen, ob et sënnvoll war, am Summer den Afterwork op der Plage am Duerf Donnesches ze organiséieren, wou gläichzäiteg den Afterwork beim Waassertuerm ass. Do war mol d'Fro: Ass dat iwwerhaupt genotzt gi vun de Leit? Ech war eemol kucken, do war bal keen do. Ob dat wierklech néideg ass? Dat ass jo awer e bëssen double Emploi. De Summer Spill a Spaass, do steet am Budget, wéi wann deem um Stade John F. Kennedy wär. Bon, mir wäer frou, wann en nees zrëck an d'Le'h géif goen. D'Le'h huet jo awer e bësse méi Charme. Dann hu mer zwar net d'Schwämm déi ka genotzt ginn. Bon, mir wollte mol froen, wat Der do wëlles hätt. An dann de Sweet Event, den 29. Juli, dee mat 20.000.- € verbucht gëtt. Wat ass dat fir en Event? Ginn et do Séissegkeeten?

Da kuerz zum Jumelage. Am Circulaire vum Ministère do steet, dass e ka 50.000.- € kréien, wann een e Projet hätt. Do wollte mer proposéieren, en Opruff ze maache fir Schoulen, Lycéeën, Maison des Jeunes, fir Veräiner, fir Projeten. Mir wëssen awer elo nach net wéi do d'Konditiounen sinn, déi do mussen erfüllt si fir déi Cagnotte ze kréien. Zum Tourismus. Mat Esch2022 vill Kultur, vill Expoen, mam Minetttrail, mam Floater, Waassertuerm, Kierch an och den Tiers- lieu, VeWa an d'Micro-Brasserie, déi lo geschwënn opgeet hu mer ëmmer méi Attraktiounen. Et ass an der Presentatioun geschwat gi vu Visites guidées. Wéi vill Visitten hu mer da sou am Joer? Sinn dat lokal Guiden oder sinn dat der déi vum ORT kommen? An huet d'Kierch hir eege Guiden? D'lescht Joer hat ech och gefrot nom Kannerstadplang. Ech wollt nach eng Kéier nohaken, well dat awer och wierklech eppes Flottes ass fir an der Schoul ze benotzen.

Zu de Cours de langue wollt ech just bemierken, datt no e puer mol reklaméieren, d'Indemnitéiten dann elo gehéicht goufe fir d'Enseignanten. Déi sinn dann elo ganz zefridden an héich motivéiert. An et ass jo och wichteg, dass mer all déi Coursen hunn, an och déi In- formatikscoursen an de Café des Langues an d'Cour-

se vum Ensemble. Et ass e wichtege Bäitrag fir d'Integratioun vun alle Matbiergerinnen a Matbierger hei an eiser Stad. Dann den Innovation Hub. Do hate mer eng flott Porte ouverte. Dat Gebai, dat loune mer jo och. Do wollt ech mol nofroen wat geschitt, wann de Fonds de Logement dat selwer brauch? Voilà, zur Chancëgläichheet, Soziales, Aarbecht, do ginn ech elo net weider drop an. Mir denken och dass de Schäfferot dat ganz gutt hei zu Diddeleng mécht. Ofschléissend wäerte mer eis beim Budget rectificié enthalten, well mer den Initial net matgestëmmt hunn, mat der Ausféierung awer weider keng Problemer hunn.



Mir stëmmen awer géint de Budget 2023. Ech maachen e kleng Resumé lo nach séier. Mir géifen d'Gelder vum Klimapakt verstärkt notze fir konkret Projeten, net nëmmen Etüden. Mir géifen de Service écologique verstärken. Mir géifen aner Akzenter setze beim Taxereglement an der Offallgestioun, wou mer lo an engem vun de leschte Gemengeréit haten. Mir géifen aner Akzenter setzen an der Klima- an Energiepolitik, an der Mobilitéit, bei der Kommunikatioun a bei de Fêtes publiques an och am Logement. Eis Gemeng soll e Virbild sinn. An et huet een elo gesinn, datt Villes geet, wann et muss sinn a wann de politesche Wëllen do ass. Ech schwätze vun den Energiespuermoosnamen, déi am Fong scho vill éischter hätte kënnen ëmgesat ginn a wou mer hoffen, datt se och an Zukunft bleiwen. Merci fir d'Nolauschteren.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci Madame Heinen. Déi nächst Riednerin, d'Madame Erpelding. Well mer zu e bësse méi sinn hunn ech gekuckt, wéi mer et d'lescht Joer gemeet hunn. Anscheinend waart Dir déi nächst.

THESSY ERPELDING (DÉI LÉNK): Merci Här Buergermeeschter fir d'Wuert. Léif Biergerinnen a Bierger, léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Schaffen- a Gemengerot, léif Leit vun der Press. Mir hunn haut wéi all Joer Budgetsdebatten um Ordre du jour. Un éischter Stell wëll ech am Numm vun Déi Lénk dem Pascal Pull a senger Ekip an all anere Service Merci soe fir déi vill Aarbecht, déi si beim Opstelle vum Budget all Joer leeschten. De Budget vun eiser Gemeng ass en déckt Buch an dat schreift sech net vum selwen. Ech wëll och dem Schäfferot Merci soe fir déi detailléiert Presentatioun vun alle Projeten, déi mer d'lescht Woch hei kritt hunn. Et ass ze begrëssen, dass de Schäfferot am Laf vum Joer zum Deel op d'Doleancë vun der Oppositioun agaangen ass a gréisser Projeten an engem informelle Gemengerot virgestallt huet, éier dann an engem nächste Gemengerot de Vott geholl ginn ass. Dëst ass méi wéi eemol vun der ganzer Oppositioun gefrot gi fir sech kënnen en detailléiert Bild ze maachen a sech ze beroden, fir schlussendlech kënnen, en toute connaissance de cause, e Vott virzehuelen.

De Budget, dat ass dat wichtegst Dokument, iwwer dat all Joer ofgestëmmt gëtt, well en d'Richtlinnen an de Wee ugëtt, wou d'Gemeng histeiert, wéi se sech entwéckelt, a wou d'Prioritéite leien. Also ass

de Budget net just e finanztechnesch Dokument, dat um Enn muss opgoen an och nach muss kënnen Reserve generéieren, fir e Spillraum ze behalen, mee virun allem och e politescht Dokument. Et ass de politesche Wëllen, dee bestëmmt, wéi d'Suen agesat ginn a wéi d'Depensen opgedeelt ginn. Am Budget ordinaire sinn d'Dépensë fir d'Fonctionnement opgeléicht, do ass de Spillraum net sou grouss. Mee dofir ass en am Budget extraordinaire awer ginn. A grad well de Budget e politescht Dokument ass ginn ech och net op all eenzel Zuelen hei an, mee wäert mech op e puer Punkte beschränken, déi fir eis, Déi Lénk, erausstiechen. Dat wëllt net heeschen, dass de Rescht onwichtig ass, mee et ass nu mol onméiglech, alles ze kommentéieren, a mir wëllen éischter Akzenter setze wéi aus dem Budget ze zitieren.

Als éischt ginn ech kuerz op de Budget rectificié 2022 an, dat ass jo eigentlech de Bilan vun deem, wat finanztechnesch geschafft ginn ass an dësem Joer. Mer gesi bei den Dépenses extraordinaires eng Differenz vu 16,5 Milliounen tëscht dem Montant autorisé fir 2022 an dem Budget rectificié. Verschidde Projeten, déi virgesi waren, sinn nach net realiséiert oder ugefaange ginn, respektiv fäerdeggestallt ginn, wéi z.B. d'Tennishal, d'Butschebuergerstrooss, d'Rue des Écoles an d'Rue de l'Indépendance, d'Route de Zoufftgen an d'Rue du Commerce, d'Place Franz Kinnen an nach aner Projeten. Mer gesinn am Budgetsdokument, op d'Joer 2022 bezunn, 3 Kolonnen: Montants portés au compte vun 2021, Montants autorisés 2022 a Budget rectificié 2022. Nieft dem Initial natierlech. Wa mir haut iwwert de Budget rectificié vun 2022 ofstëmmen, dann ass dat awer nach net den Ofschluss vum Budget 2022. Et gëtt nach weider drop geschafft, weider drop gebucht, bis den definitiven Ofschluss den 31. Mäerz 2023 ass. Duerno gëtt clôturéiert an d'Konten ofgeschloss. A Bezuch op d'Dépenses extraordinaires sinn dat déi Zuelen, déi reell weisen, wat effektiv realiséiert ginn ass vun Aarbechten am Budgetsjoer 2022. An deen Detail kréie mer hei am Gemengerot leider ni ze gesinn. Ech ginn lech d'Beispill vun 2021. Do hate mer d'Montants autorisés 2021, wat am Budget initial virgesi war, 57,3 Milliounen. Budget rectificié 2021 um Enn vum Joer 52,1 Milliounen. Et war also eng Differenz vu 5,2 Milliounen. An elo gesi mer an deem aktuelle Budgetsdokument, Montants portés au compte vun 2021: 30 Milliounen. Ech hunn dat alles e bëssen op- respektiv ofgeronnt. Do stelle mer fest, dass et eng Differenz gëtt tëscht dem Budget rectificié

2021 an dem Montant porté au compte 2021 vun 22,1 Milliounen. Dat si jo awer dann e puer gréisser Posten, déi net realiséiert gi sinn, a mir froen eis, wou déi grouss Differenz hierkënt a wéi se ze erklären ass? Mer gi mol dovun aus, dass de Schäfferot sech do sécherlech en lwwerbléck verschaaft an d'Detailer gekuckt huet. Mer kënne lo haut hei keng Erklärungen zum Budget vun 2021 froen, dat ass net um Ordre du jour, dat ass kloer. Ech kommen dofir zrëck op de Budget rectifié vun 2022. Den Här Buergermeeschter huet de leschte Freide gesot, et wär 2022 kee Projet fale gelooss ginn. Mee da loosse mer mol kucken, wéi d'nächst Joer de Posten „Montants portés au compte“ vun 2022 ausgesäit par rapport zum Budget rectifié, dee mer haut virleien hunn. Oder besser nach: Mir waarden net bis den nächste Budget. Fir dass mer schonn éischter am Bild sinn an och um selwechten Informatiounsstand wéi de Schäfferot, froen ech haut, dass mer am Fréijoer, wann d'Konten definitiv ofgeschloss ginn, eng Opstellung kréie mat de Posten aus dem extraordinäre Budget 2022, déi reportéiert, respektiv net ausgefouert gi sinn a mat den néidegen Erklärungen. Dat wär dach mol transparent.

Zerëck op de Budget rectifié. An do picken ech mer ee Beispill eraus, an zwar de Bau vun der neier Hall polyvalent an der Beetebuergerstrooss, wou de Montant am Budget rectifié ëm 900.000.- € méi héich ass wéi ass wéi am initiale Budget. Jo, ech weess, d'Madame Kayser huet virdrun och dovu geschwat, mee doppelt gemoppelt, dat kann net schueden. Mir haten am September 2020 deem Projet zougestëmmt, well mer e gutt an och néideg fonnt hunn. Deemools sollt dee Bau 4,3 Milliounen kaschten. Elo kierzlech, am November, hu mer en Devis remanié vu 6,9 Milliounen virgeluecht kritt. Dat ass e Plus vun 2.580.000.- €, 59% méi. Jo, et ass Villes méi deier ginn, mir wëssen et. An dësem Fall war et dunn och nach sou, dass nëmmen eng Offer presentéiert ginn ass, wat et och onméiglech mécht ze vergläichen. Ech ginn hei net am Detail op meng Interventioun am Gemengerot zu deem Punkt an, dat kann nogelauschtert, respektiv nogelies ginn. Op wat ech hei wëll eraus, dat ass, dass ee sech muss froe wéi Devisen, an och d'Madame Kayser huet dovu geschwat, am Virfeld vun engem Projet opgestallt ginn a wéi wäit déi realistesch sinn. Ech ginn lech dat Beispill, dat ech och am Gemengerot genannt hunn, och wann dat just e kleng Posten an deem ganze Projet ass. Do steet am Devis d'Installatioun vun enger éffentlecher Toilette um Kierfecht fir 47.000.- €, déi dann awer elo 137.000.- € kascht, also ganzer 192% méi. Déi Erhéijung war sou relevant, dass ech eng Erklärung dofir gefrot hunn. Ech krut wuertwärtlech vum Bureau d'études gesot, an ech hunn et op Lëtzebuergeresch iwwersat: „Dat kann ech lech net soen.“ An op eng zweet Nofro hin: „Mir wëssen net, firwat dat sou vill méi deier ass.“ Dat sinn Äntwerten, déi ee sou net kann akzeptéieren, an ech verstinn och net, wéi de Schäfferot sech kann domat zefridde ginn. Stellt lech mol vir, Dir hutt bei lech doheem Aarbechten an Optrag ginn op Basis vun engem Devis, an Der kritt

duerno eng Rechnung, déi 192% méi deier ass, mat sou enger Erklärung. Dat ass elo en eenzelt, klengt Beispill an e kleng Posten. Mee mir hunn oft Devis remaniés am Gemengerot virleien. Mol kréie mer detailléiert a verständlech Erklärungen, déi engem och alichten, awer net ëmmer ass dat de Fall.

Op wat wëll ech eraus? Ma et läit an der Verantwortung vum Schäfferot, dofir ze suergen, dass Devisen detailléiert a sou exakt wéi méiglech opgestallt ginn an och duerno sou wäit wéi méiglech agehale ginn. Natierlech ginn et ëmmer Imprevuen a Präiserhéijungen, déi net ze erwaarde sinn. Dofir ass et dann och wichtig, d'Projeten zäitno nom Devis an Ugrëff ze huelen. An dësem Fall vum dem Hall polyvalent hu mir de Sputt tëschent dem Vott vum Devis an de Start vum Bau relativ laang fonnt, och wann de Bureau d'études et als normalen Delai erkläert huet. Dat erkläert awer ëmmer nach net déi 192%. Da maachen ech den lwwergang op de Budget initial vun 2023, wat dee Projet ass vun deem, wat nei geplangt ass oder weidergefouert gëtt. An hirer Circulaire réit d'Madame Inneministes, de Budget vigilant opzestellen an eng virsiichteg Finanzplanung ze maachen. An an deem Sënn ass de Budget och deelweis opgestallt. Déi lescht Joren hunn Déi Lénk ëmmer gesot, dass d'Finanzen hei an der Gemeng gesond opgestallt sinn an och hierginn, dass vill investéiert gëtt. Säit 2020 schliddere mer awer vun enger Kris an déi aner, et ass méi wéi eng Kéier haut schonn hei gesot ginn. Et ass gewosst, dass bal alles méi deier gëtt an dobäi kënnt d'Hausse vun den Energiepräisser. Et heescht also, méi virsiichteg ginn. Trotzdeem ginn déi Lénk mat op de Wee dass muss a soll weiderhi vill investéiert ginn, wat jo och virgeschloe gëtt. Mir hunn och ëmmer dofir plädéiert, dass soll en Emprunt opgeholl gi wann néideg, an dat ass och elo geplangt mat engem Montant vu 40 Milliounen. Och wa mer dee ganz zéien, wäre mer bei engem Rapport Annuitéiten a Recettes ordinaires vun 3,26%, wat gutt ze verantworten ass. En plus hu mer jo och nach d'Reserv vun 9 Milliounen, mee dat sollt dann awer déi lescht Mouk bleiwen.

Bei de Recettes ordinaires gesi mer den FDGC, de Fonds de dotation globale des communes, mat 76 Milliounen. Den Impôt commercial, dee mat 2 Milliounen am Budget bewosst méi niddreg ugesat ass, an den Impôt foncier, also d'Grundsteuer, mat e bësse méi wéi 1 Millioun. De gréissten Deel vun dëse Recetten ass den FDGC, deen aus dem groussen Dëppe vum Staat kënnt an dee gefiddert ass vun den direkten an indirekte Steiere vun de Biergerinnen a Bierger. Et sinn also EIS Steieren, EIS Suen, déi hei verwalt ginn. Ech fänke mat de Gemengentaxen an de Steieren un. Ech hunn elo grad den Impôt foncier, also d'Grundsteuer, ernimmt, dee mat eppes Klengs iwwer 1 Millioun am Budget steet. All Joer am Gemengerot leeë mer do déi verschidden Taux fest, an och all Joer fuerderen déi Lénk, an deem Kontext, den Taux vum B6, wou et ëm onbebauten Terrain geet, drastesch an d'Luucht ze setzen op 15000%. Am Joer 2021 ass den Taux vu 600 op 800% fixéiert ginn, wat

eis awer net duergeet. Dëst Joer wollt d'Majoritéit bei deem Taux bleiwen, an no enger Diskussioun an der Finanzkommissioun, ugereegt vun Déi Lénk, ass decidéiert ginn, den Taux op 1000% ze héijen.

De Buergermeeschter huet an där Diskussioun gesot, et hätt net vill Wäert fir ze diskutéieren, déi Lénk géifen herno souwisou net matstëmmen. Jo, en huet Recht behalen, ech hu mech enthalen. Mee aus deem Grond, well net nëmmen d'Majoritéit, mee och déi aner Parteien am Gemengerot net wollte mat op dee Wee goe fir en anstänneg Zeechen ze setzen. Fir ze weisen, dass an Zäiten, wou et net genuch Wunnenge gëtt et net ka sinn, dass d'Terrainen einfach broochleien. Wann et och net 15000% gewiescht wären, mee awer eng drastesch Erhéijung, hätt ech mat gestëmmt. Dat hätt kee groussen Impakt op de Budget gehat, mee awer kloer gewisen, wou et soll higoen. Et gëtt sech dann och ëmmer op d'Reform vun deem Gesetz beruff. Mee de Projet deem do virläit wäert de Gemengen net vill bréngen a wäert och kuerzfristig keen direkten Impakt op d'Wunnkris hunn. Op de Volet Logement kommen ech méi spéit ze schwätzen.

Kierzlech hu mer en neit Offallreglement fir Diddeleng gestëmmt, well et néideg war, et un déi aktuell Gesetzgebung unzepassen, an déi Lénk hunn dat och mat gedroen. Et ass net d'Zäit, fir d'Taxen ze erhéijen, dat war d'Virgab vum Schäfferot fir d'Aus-schaffe vun dësem Reglement, an déi ass och zum allergréissten Deel agehale ginn, och wann een am Budget eng lichter Hausse ka feststellen. Den Haaptaccident läit drop, dass elo net méi all eenzele Vidage berechent gëtt, mee et gëtt op d'Gewicht bezuelt. Mir sinn der Meinung, dass dat de richteg Wee ass an dass d'Leit doduerch incitéiert ginn de Biomüll nach méi vum Hausmüll ze trennen, wéi dat lo schonn de Fall ass. Wann ee gutt trennt, da gëtt et mam neie Reglement souguer lichter méi bëlleger wéi bis elo. Et bleift awer festzehalen, dass de Volet Offall net käschendeckend ass, e Prinzip op dee sech d'Majoritéit an engem anere Kontext awer ëmmer berufft.

A scho si mer bei der Waassertax ukomm. Dir wësst, dass am Dezember d'lescht Joer eng Erhéijung vun dëser Tax ab dem 1. Juli 2022 gestëmmt ginn ass. Awer ouni d'Stëmm vun Déi Lénk. D'SES huet hire Präis elo erëm erhéicht, mee et ass net virgesinn, dës Hausse un d'Biergerinnen an d'Bierger weiderzeginn am Joer 2023, also mol net direkt. Dat ass e politesche Choix wéi de Buergermeeschter gesot huet, fir d'Stëit an dës schwierigen Zäiten net nach méi ze belaaschten. Déi Lénk sinn natierlech mat deem Choix averstanen, hunn awer och gutt héieren, dass de Buergermeeschter sot: „Et ass esou, dass mer dann elo mol de Käschendeckungsprinzip net spille loossen.“ Ups! Dee Käschendeckungsprinzip, deem awer ëmmer den Doudschléier ass, wann déi Lénk mat der Iddi an dem Wunsch no Diskussioun zu enger Staffelung vum Waasserpräis kommen. Den allgemenge Prinzip vun engem gestaffelte Waasserpräis mat engem niddrege Basispräis wier eiser Meinung no vill méi gerecht. A wie méi verbraucht oder

verschmotzt muss dat och bezuelen. D'Bewosstsi fir en nohaltegen Émgang mat de Ressourcen ass jo och en Zil vun eise Klimapakt an d'Virussetzung fir d'Erreechen dovunner si sozial gerecht an nohalteg Mesuren. Dat ass eiser Meinung no e Prinzip, deem am Mëttelpunkt muss stoen. Mir müssen d'Leit mat op de Wee kréien, an dat geet nëmmen iwwert eng differenziéiert Approche. Am Kader vum Käschendeckungsprinzip gëtt d'EU-Directive cadre 2060C an d'Spill bruecht, déi awer just d'allgemeng Uwendung vum Prinzip vun der Käschendeckung bei de Konsumenten, a vum Prinzip Pollueur-Payeur verlaangt. Mee dës Direktiv verbitt eppes ausdrécklech net: d'Uwendung vun engem differenziéierte Waasserpräis. Och d'Europäesch Kommissioun huet an enger Direktiv geschriwwen, dass eng „Tarification par paliers progressifs“ méiglech wier. An och d'Cours de Justice huet an engem Prinzipienuerteel festgehalten, dass d'Memberstaate musse mat hirer Tarifpolitik fir eng wierksam Notzung vun de Ressourcë suerge mussen, ouni dass all Taxebestanddeel dofir muss käschendeckend sinn. Och d'Lëtzebuerger Gesetz verbitt net differenziéiert Waasserpräisser. Soss wär jo zum Beispill de Modell vu Monnerech illegal. Ech wëll lo hei net weider an den Detail goen. Ech wëll just opweisen, dass mer kéinten als Gemeng eng sozialverträglech an eng ëmweltgerecht Tax aféieren.

Vu dass d'Waasser e Mënscherecht ass, géife mer virschloen, déi éischt 50 Liter pro Kapp a pro Dag de Leit gratis zur Verfügung ze stellen. Déi nächst 50 Liter géife wéi elo taxéiert ginn. An déi Literen, déi da méi verbraucht géinge ginn, géife wierklech héich taxéiert ginn. Déi Lénk wëllen, dass eng genee Analys vum Waasserverbrauch zu Diddeleng gemaach gëtt. Dat ass d'Virussetzung, fir e gestaffelte Waasserpräismodell ze errechnen. Dofir wëlle mer dass eng Diskussioun am Gemengerot gefouert gëtt zu deem Thema. Dass d'Allocation compensatoire vu 45% op 50% vun der Allocation de vie chère vum Staat eropgeet an d'Aféierung vun Energieprimm kënne mer nëmme guttheeschen. Wichtig ass et awer, dass d'Leit do gutt informéiert ginn, wat hinnen zousteet.

Ech wëll dann iwwergoen op d'Personalkäschten, wat e grouse Poste bei den Dépenses ordinaires ass, deem 2023 nach eng Kéier ëm 6,8 Milliounen eropgeet. Dëst ass bedéngt ënner anerem duerch den Accord salarial am Kader vum Kollektivvertrag vun de Südgemengen, wou ënner anerem endlech déi ënnescht Karriär A2 ofgeschaaft gëtt a se lo opgewäert gëtt an d'Karriär A3. An dëser Karriär waren haaptsächlech Fraen aus dem Botzsecteur ugestallt. An heimat kënnt elo endlech eng Gläichstellung fir Fraen a Männer, eng Revendicatioun, déi den OGBL schonn iwwer 10 Joer freet. Des weideren ass mam neie Gesetz eng Opwäertung vun de Karriären an der Museksschoul gemaach ginn, wat och sécherlech eng Gerechtegkeet schaaft. Déi Lénk si schonn ëmmer der Meinung, dass d'Personal soll valoriséiert ginn. Dozou gehéiert eng anstänneg Pai a gutt Aarbechtskonditiounen. D'Gemeng huet hei och eng sozial Verantwortung ze droen. Ech muss dann och soen, dass

de Schafferot oft wäitsiichteg handelt a mat Zäit verschidde Fonctionnaires ersetzt, déi a Pensiounginn. Et ass wichteg, dass eng gewësse Kontinuitéit an de Servicer ass an och dass eng nei Mataarbechterin oder en nei Mataarbechter genuch Zäit huet, fir sech anzuschaffen. Merci dofir am Numm vum Personal. By the way: et wier eigentlech erëm un der Zäit, e Bilan presentéiert ze kréien, wat sech alles geden huet an der Reorganisatioun vum de Gemengeservicer nom Bilan vum Audit vum der Consultingfirma, deen ëmmerhin 350.000.- € kascht huet, wann ech mech gutt erënneren. Et wär interessant fir gewuer ze ginn, ob a wéi d'Recommandatiounen ëmgesat gi sinn, an ob se Verbesserung mat sech bruecht hunn.

A wa mer vum Personal schwätze kënne mer iwwergoen op d'Gemengesyndikater wou et bei engem am spezielle jo bekanntlech Problemer, ënner anerem a Personalfroe gi sinn. Do huet eis Gemeng och eng Verantwortung ze droen, net nëmmen als Member vum Syndikat, mee och well se d'Vize-Präsidentin am Bureau stellt. Dir kënnt lech et denken. Ech schwätze vum SIGI, also vum interkommunale Syndikat vum der informatiescher Gestioung, wou eis Gemeng fir 2023 Käsche an der Héicht vum ëmmerhin 722.000.- € bezilt. Et ass gewosst, dass et do grouss Problemer ginn am Beräich vum Personal an och am administrative Beräich, déi awer ganz laang vu Säite vum SIGI an och vum eiser Vertrieederin nach am Hierscht 2021 hei am Gemengerot ofgestridde gi sinn, dëst am Kader vum enger Motioun vum Déi Lénk. Et ass réischt Bewegung an den Dossier komm nodeems d'Press e puer détailléiert Reportage verëffentlecht huet. Du hu verschidde Gemengen, an och Diddeleng vir bäi, reagéiert an no Opklärung geruff. Et ass ni ze spéit fir eppes besser ze maachen. Et ass am Juli am Comité vum SIGI decidéiert ginn, e puer extern Auditten an Opdrag ze ginn, an dëst ass och geschitt. Sou eppes brauch seng Zäit, a mir waarden dann och of, bis déi Aarbechte ganz ofgeschloss sinn. Et bleift jo och ze klären, wéi et mam SIGINOVA an de Rechter dorop weitergeet. Ech stellen haut och keng Froen zu dësem Syndikat, well de Prozess jo nach am Gaangen ass. Déi Lénk si weiderhin der Meenung dass eis Gemeng als Member an deem Syndikat eng Verantwortung ze droen huet an och d'Flicht huet, den Iwwerbléck ze behalen an virun allem d'Personalfro am A ze behalen. An dozou soll bäidroen dass d'Aarbechtskonditiounen anstänneg a korrekt sinn. Eis Vertrieederin hat jo och gesot, dass si um Ball bleift. Mir hoffen, dass soubal wéi d'Resultater do sinn, mir am Detail hei am Gemengerot informéiert gi wat bei deene verschiddenen Auditten erauskomm ass a wat d'Suitten dovun sinn.

Wa mer da scho bei de Syndikater sinn, sou muss ee sech awer Froen zum TICE stellen. Mer bezuelen do 2,5 Milliounen u Frais d'exploitation an 1,5 Milliounen fir de City-Bus, also am ganze 4 Milliounen d'Joer. Lo wëll de Schafferot eng nei Linn aféieren zu Diddeleng fir d'Rue de la Vallée an d'Rue des Champs un den ëffentlechen Transport unzabannen, wat sécherlech

eng gutt Saach ass. Mee den TICE kann dee Service net iwwerhuele well en net genuch Bussen huet. Also si mer gezwongen, dee Service un eng privat Firma ze ginn. Dat fanne mir vum Diddeleng net gutt, gesinn awer d'Noutwendegkeet an. Eng Fro dozou: Verschiddenen Arrête gi vum TICE an da vum där privater Firma benotzt. Wéi gëtt dat gereegelt? Wie këmmert sech drëm? Ass dat d'Gemeng, déi Horaire festleet? Do wollt ech einfach nëmmen nofroen, wéi dat ofleeft. Diddeleng ass net déi eenzeg Gemeng, déi net dee Service vum TICE kritt, dee se brauch, a mer sinn der Meenung dass eis Vertrieederin am TICE muss do en A drop halen a mat kucken, wéi den TICE sech weiderentwéckelt.

E puer Wuert muss ech dann awer och zu der Kultur soen. Well do huet Diddeleng wierklech e gudden Numm an en ass net geklaut. Ech zielen net alles op, wat mer do ze bidden hunn. Eis Gemeng léisst sech dat eppes kaschten an et gëtt gutt Aarbecht geleescht. Déi lescht zwee Joer waren och an deem Beräich alles anescht wéi einfach, a mir sinn all frou, dass souwäit alles erëm normal leeft. Mat Esch2022 hat de Service culturel dann nach vill zousätzlech Aarbecht a si si frou, wann et e bësselche méi lues dréint. Lo grad 15 Joer opderschmelz gefeiert, ganz flotten Owend. An d'nächst Joer sinn et 30 Joer Fête de la musique. Flott ass, dass USINA nach eemol virgesinn ass, well dat war wierklech eng ganz flott Plaz an eng ganz flott Saach. Weider esou. Net ze vergiessen natierlech déi vill a wäertvoll Aarbecht, déi an der Museksschoul geleescht gëtt. Just viru Culture steet Cultes am Budget. A wéi all Joer kritiséieren Déi Lénk dass d'Gemeng sou grouss Zommen an d'Kierch stécht, ouni e Matsproocherecht ze hunn. Am Budget si fir 2023 schonn erëm 400.000.- € virgesinn, e Projet dee schonn ugaange war a weidergefuert gëtt.

Ech géif dann op d'Biergerbedeelegung agoen, wat e Volet ass vum deem vill geschwat gëtt. Et gi wuel kleng Efforte gemaach, mee wierklech an déi grouss Decisiounen agebonne ginn d'Biergerinnen an d'Bierger net. Ech huelen de Projet vum participative Budget, deen déi Lénk scho laang gefuerdert hunn an deen dëst Joer nei ass. Bei der Virstellung vum dësem Projet waren niewent Vertrieeder vum Schafferot 6 Leit, dovun 3 aus dem Gemengerot. Et war wuel en Toutes-boîtes verdeelt ginn. Mee geet et duer, en deiere Flyer ze verdeelen an e Post an de soziale Medien ze maachen an dann ze waarden, dass d'Leit owes an d'Gemeng kommen? Do muss ee sech froen, firwat den Interêt net méi grouss ass? Informéieren d'Leit sech eventuell op aner Weeër? Ass de Modell vu sou Versammlungen iwwerlieft? Dat selwecht war och mat der Porte Ouverte vum der Gemeng, wou, wann ech mech gutt erënneren, och just 3 BiergerInnen do waren. Ech hunn och net d'Rezept dofir. Mee mir loossen eis d'Zesummenaarbecht mat der Uni. lu eppes kaschten an nawell net wéineg. An do kann ee sech froen, ob do net méi Input kéint kommen, op wéi eng Weeër dass een nach ka goe fir d'Leit ze erreechen. Et sinn dann awer 25 Projekte fir de

participative Budget agereecht ginn, wouvun der 6 zréckbehale gi sinn. Bis Enn dës Mounts kann nach ofgestëmmt ginn an da kucke mer, wat erauskënnt. Berodend Kommissiounen gehéiere fir eis och zu der Biergerbedeelegung am erweiderte Sënn. Ech hunn dozou d'lescht Joer schonn d'Hauptproblemer opgezitt. Déi sinn: Ongëschteg Ufankszäite vun de Reuniounen fir déi schaffend Leit, keng oder ganz spët Rapporten, obwuel déi am Règlement vum Gemengerot virgesi sinn. Och ginn déi Kommissiounen praktesch ni en Avis of zu bestëmmte Sujeten, déi grad an der Aktualitéit an der Gemeng sinn oder am Gemengerot. E puer fonctionnéiere wierklech gutt, mee verschiddener komme praktesch ni zesummen oder et gëtt och kee Rapport. Do hu mer den Androck, dass d'Majoritéit net onbedéngt wëllt, dass déi ze dynamesch ginn. Dat gesäit een och bei der Auswiel vun de Präsidentinnen a Präsidenten, déi just aus hire Reie kommen, och wann aner Leit eventuell méi qualifizéiert wäeren. Et soll alles an enger Parteihand bleiwen an et kann ee sech froen: Firwat?

An dann, wéi ass et mam Shared Space versus Foussgängerzon? Ass eigentlech eng neutral a relevant Ëmfro zu deem Thema bei de Leit gemaach ginn? Déi Lénk bleiwe bei hiren Meenung, dass d'Niddeschgaass sollt Foussgängerzon ginn an déi Parkplaze sollte verschwannen. Wa mer den Zentrum sou wäit wéi méiglech wëllen autofräi kréien, dann ass dat déi eenzeg an effikasst Méiglechkeet. Ausserdeem gesi mer jo dass de Modell Shared Space net wierklech fonctionnéiert op dëser riichter Streck. Ganz ofgesinn, dass ee sech muss froen, wéi Leit, déi näischt oder net gutt gesi sollen eens ginn, do wou näischt ofgegrenzt ass an de Bléckkontakt zum Autosfuere muss do sinn, fir dass et fonctionnéiert. Mir hoffen nach ëmmer, dass déi Verantwortlech sech dat nach eemol duerch de Kapp goe loossen. Et ass keng Schan an ni ze spët, seng Meenung ze änneren. Ech hat um Ufank gesot, ech géif spéider op de Volet Logement agoen.

Déi Lénk hunn ëmmer erëm kritiséiert, dass d'Majoritéit net genuch mécht am Dossier Logement, virun allem wat bezuelbare Wunnraum an am speziellen am Beräich Mietwunnengen ugeet. De Service Logement gouf gegrënnt an d'Zesummenaarbecht mam Office social schéngt gutt ze klappen. Et sinn zwee verschidde Konzepter, no deenen d'Wunnengen verdeelt ginn. Den Office social verfüügt den Ament iwwer 55 Logementer, dozou gehéieren och déi 10 miwweléiert Zëmmeren um Strutzbiereg, déi kierzlech ageweit gi sinn. De Service Logement verwalt 47 Wunnunitéiten huet den Här Manderscheid eis gesot, dat sinn 23 miwweléiert Zëmmeren, 23 Appartementer an een Haus. Dobäi kommen dann am nächste Fréijoer 5 nei Haiser op Lenkeschléi. Mir wëssen, dass an der Rue Nic Bodry 12 Logementer an A Bëlleg 20 Logementer gebaut ginn. Dat dauert alles nach e bësselchen. Et ass ugedeit ginn dass d'Gemeng a Verhandlungen ass mat Propriétaire fir 2 Haiser, an d'Madame Heinen huet do och scho gefrot, ob een do schonn eppes méi ka gewuer ginn. Ob do Haiser mussen ëmgebaut ginn

oder wat do alles virgesinn ass fir 2 Milliounen. Et deet sech also eppes an et geet virun. D'Majoritéit huet verstanen dass se muss agéieren, mee et geet nach laang net duer. Eis fällt op, dass vill Logementer, déi der Gemeng gehéieren, Deel vun enger Kopropriétéit sinn. De Problem, dee sech da stellt ass, dass d'Gemeng keng Emprise huet oder net genuch Matsproocherecht op Decisiounen. Dat ass net ganz glécklech. Mir froen eis dann och, ob et do e Plang gëtt wat de Kaf vu Logementer ugeet? Mir hunn den Androck, dass e bëssen hei an e bëssen do kaaft gëtt, da ka gesot ginn dass jo awer eppes gemaach gëtt. Mee et schéngt net wierklech eng Strategie ze ginn, zumindest erkenne mir keng, zum Beispill wat genee de Besoin ass, wuelwëssend dass warscheinlech vun allem gebraucht gëtt. En plus muss jo och Wäert op Mixitéit geluecht ginn. Ass de Service Logement mat agebonnen, eier en Engagement geholl gëtt? Zum Beispill elo fir déi 2 Haiser, déi elo solle kaaft ginn? Oder ginn do d'MataarberchterInnen virun de Fait accompli gesat? Et wär sécherlech logesch, wann dee Service mat u sou enger Strategie géing schaffen.

Fir 2022 war eng Etüd geplangt fir Logements sociaux an der aler Schoul Eecherdall. Déi ass net gemaach ginn an op 2023 an 2024 reportéiert ginn. Firwat? Am Budget initial 2023 steet och eng Étude globale fir Logements sociaux. Ass dat eventuell dat, wat ech elo hei ugeschnidden hunn? Déi Lénk sinn ëmmer nach der Meenung, dass d'Gemeng nach vill aner Méiglechkeete misst notzen, fir méi intensiv op de Logementsproblem ze reagéieren. Si misst méi bauen a virun allem selwer bauen. Et gëtt vill subventionéiert vum Staat, an duerno, wann d'Wunnengen verlount gi gëtt jo och Loyer generéiert. Aner Méiglechkeete kënnen sinn: Besteuerung vun eidel stoende Wunnengen a broochleiden Terrainen. Vu menger Wunneng aus kann ech an 2 Minutten 3 gréisser Terrainen zu Fouss errechen, déi scho ganz vill Jore verkommen. Ech hu mech informéiert, op engem soll dann deemnächst e PAP gemaach ginn. D'Lounen a Weiderverlounen vu Wunnengen op Basis vun der Circulaire 3324 vun 2015 vum Inneministère wär och eng Méiglechkeet a géif am Budget net vill Dépense generéieren. Ech kann elo hei net op all Detailer agoen. Dann eng éischerter allgemeng Positioun zum Budget. Souwäit ech gesinn, kënnen mer am extraordinäre Budget déi meescht Dépense matdroen. Villes ass noutwenneg a muss gemaach ginn. Et ass effektiv keen nice to have dobäi, do si mer eis eigentlech eens. Obwuel, de Floater ass fir eis en nice to have, mee deen ass jo lo gebaut a steet do.

Verschidden Ausgabe kënnen a wëlle mer awer net matdroen, wéi z.B. d'Investitioun an d'Kierch, ech sot et schonn. Oder dee grouse Montant, deen d'Déierenasyl kascht, fir nëmmen ee Beispill ze nennen. An deem Projet iwwregens war déi Ausso och Pi mol Daume gefall, déi d'Madame Kayser erwäant huet. D'Aarbechten am Stadkär gi weider, et ass net ze iwwersinn. A sou lues kann ee sech och e konkret Bild maache wéi et ausgesäit, wann et fäerdeg ass. Sécherlech gëtt net alles schlecht. Et ass awer ze bedauern, dass Villes zoubetonéiert gëtt. Dat gesä-



it een op der Place Frantz Kinnen, och wann déi nach net ganz fäerdeg ass, wou just e puer Beem stinn. An dat gesäit een an der Liberatiounsstrooss an der Kéier, wou et an d'Commercestrooss geet an och méi héich erop. Dat ass alles anescht wéi schéin. Vu Gréngs net ze schwätzen. Wat d'Schoulen an d'Maison Relais ugeet, sou kënne mer och nëmmen all Invest ënnerstëtzen.

Ee groussen neie Projet fir 2023 ass do ervirzehen, dat ass d'Mise en conformité vun der Briller Schoul, déi am Fréijoer soll ugoen. Dat gëtt en heftege Chantier. Mee, wéi och d'Madame Kayser sot, et muss endlech och um Projet fir d'Schoul Balzeng geschafft ginn. D'Étude de faisabilité fir d'Schoul op NeiSchmelz stoung schonn d'lescht Joer am Budget mat 150.000.- €, am Rectifié mat 0.- € an elo mat 50.000.- € am Budget initial fir 2023. Also ass och dat reportéiert ginn. Trotzdeem kënne mer de Budget net matstëmmen, well mer mat Verschiddenem net averstane si wat d'Majoritéit mécht, ënner anere Wunnengspolitik, Biergerbedeelegung am wäite Sënn, d'Waassertax, Shared Space, Kommunikatioun. Sou, ech kommen dann zum Schluss. Net ouni e grouse Merci ze soen un all d'Mataarbechterinnen a Mataarbechter, déi am Dénsgsch vum der Diddelenger Gemeng eng gutt a wäertvoll Aarbecht leeschten. Ouni si géif eis Gemeng net fonctionéieren. Et kënnt e speziell Joer op eis duer mat de Gemengewalen am Juni an de Chamberwalen am Oktober. Ech hoffen, dass mer och am Walféiwer weiderhin hei am Haus am Gemengerot bei engem korrekten Toun bleiwen, sou wéi et bis elo war. Kritik ass a soll ni perséinlech gemengt sinn an och net sou opgeholl ginn. Merci fir d'Nolauschteren.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci der Madame Erpelding fir hir Interventioun. An da ginn ech erëm eng Kéier riwwer bei d'Majoritéit. Den Här Zuang.

ROMAIN ZUANG (LSAP): Merci Här Buergermeeschter. Lo ass erëm d'Zäit vun deene méi kuerze Rieden. Léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Schäffen- a Gemengerot, wa mer d'lescht Joer ëm dës Zäit zouversichtlech waren, dass mer aus der Covid-Kris mat de finanzielle Konsequenze souwäit eraus wieren, si mer säit Februar dëses Joers duerch de Krich an der Ukrain an eng weider Kris, an d'Energiekris, geschliddert mat extreme Präishaussen op d'Energiekäschten awer och op all aner Niveauen a mat enger héijer Inflatoun, déi zäitweileng iwwer 8% louch. Dëst

hat an huet natierlech Repercussiounen op Europa, eise Staat an eis Gemengen. En Enn vun dëser Kris ass nach net a Siicht. An dach gëtt an dësem onsecheren Ëmfeld den Investissementsvolumen vun eiser Gemeng ganz héich gehalten.

Kee Projet, dee mer gestëmmt hunn ass fale gelooss ginn oder gëtt fale gelooss. Sou stinn am Extraordinaire fir 2023 61,6 Milliounen Investier, wouvun 94% a Projekte fléissen, déi an der Prozedur sinn, respektiv d'nächst Joer ufänken an et sinn awer nach eng Kéier 3,5 Milliounen fir nei Projekte virgesinn. Mir haten 2021 an 2022 eng ganz Rei Projeten, déi eise Kanner, Famillen a Veräiner, dem soziale Wunnengsbau, dem Sport a sou weider gestëmmt, déi 2023 mat decken Zommen zum Droe kommen. Fir d'Kanner sot ech, an domat si mer bei der Schoul, Maison Relais a Crèche. Dës Gemeengefeierung huet säit jeehier grouse Wäert op d'Schoul a Famill geluecht. „Mir spueren net bei eise Kanner“ ass a bleift d'Devis. Ronderëm un an a ville Schoule gëtt säit jeehier geschafft. Et geet net duer, nëmmen Neies opzerichten, mee och dat Bestoend ze ënnerhalen. Am Extraordinaire si sou déck Montante fir d'Schoul Gaffelt, mat 3,4 Milliounen fir d'Enveloppe thermique vum alen Deel vun der Schoul wéi och 2,3 Milliounen fir d'Mise en conformité Brill, déi mer jo onbedéngt maache mussen an doru gekoppelt d'Installatioun vu Containere am Schoulhaff fir d'Kanner vun de jeeeweilege Stäck aus dem Schoulgebai während den Aarbechten ënnerzebréngen fir eng gutt 2 Milliounen.

Schoul a Sport. Jo, de Bau vun där neier Schwämm mat Turnsall um Strutzbiere schléit dëst Joer mat ganzer 8 Milliounen zu Buch. De systemateschen Ausbau vum Wifi an eise Schoulen an Maison Relais geet 2023 weider: 300.000.- € si virgesinn. D'Gemeng léisst sech hei bei der pädagogescher/technescher Innovatioun an eise Schoulen a Maison Relais begleeten a berode vun EducDesign. Käschtepunkt: 95.000.- €. Eng weider 100.000.- € si virgesi fir nei Laptoppe fir d'Personal an Ipadde fir d'Kanner, däre mer antëschent ëm déi 500 hunn. D'Lotissement-saarbechten A Bëlleg lafen. A vu dass dës Lotissement en Impakt op d'Schoul Balzeng wäert hunn, muss et mat der Planung vun enger änlecher Struktur wéi d'Schoul-Maison Relais Lenkeschléi, wou mer elo déi néideg Erfarunge gesammelt hunn, lassgoen. Den Aarbechtsgrupp Schoul-SEA steet mëttlerweil. 500.000.- € Etüdschäpche mat Avant-projet sommaire fir dës nei Gebailechkeet sinn am Budget 2023 ageschriwwen. Awer och aner Etüdschäpche si virgesinn, wéi z.B. 50.000.- € fir den Ausbau vun der Schoul Däich, wou duerch nei Projeten, souwuel am Schoul- wéi am Maison Relais-Beräich méi Raimlechkeeten néideg ginn. 50.000.- € fir d'Schoul an d'Maison Relais NeiSchmelz, och wann et nach e puer Joer dauert, bis Wunnraum gebaut gëtt a schliesslech 40.000.- € fir d'Etüdschäpche fir de Schoulhaff Strutzbiere.

Wann een d'Analys vum Budget ordinaire mécht, da mierkt een dass insgesamt all d'Frais fir de Bren-

nes, Gas, Pellets asw. wéi d'Elektresch, d'Personal a Schoulmaterial eropginn. Ab 2023 gëtt et awer dann nëmmen nach Bio-Uebst an eise Schoulen. Och bei de Crèchë kënn et zu enger Hausse am Ordinaire vum 350.000.- € bedéngt entre autres duerch d'Energiepräisser an och eng Augmentatioun vun de Restaurationskäschen. 115 Kanner sinn aktuell an eise Crèchen ageschriwwen. An der Altersgrupp 3 bis 4 Joer si manner Kanner ageschriwwen, dëst well méi eng grouss Offer am Precocé mat 96 Plaze besteet. D'Crèche Italie fonctionéiert vun dësem Joer u ganz an ass ganz besat. Ervirzesträichen ass, dass et an eise Crèchë Reserveplaze fir Urgencé gëtt. E puer Wuert zu de Maisons Relais, besser gesot zu dem SEA. Nei Gebailechkeeten heescht méi Offer. Sou ass d'Zuel vun den Aschreiwungen 2022 op 1256 Kanner gestiegen, wat der nach eng Kéier 67 méi wéi 2021 waren. Méi Kanner ophuele verlaangt natierlech och méi edukatiivt Personal astellen. Sou wüsst de Service SEA stänneg. 2017, wou ech an d'Pensioun gaange sinn, ware mer zu 115. Mëttlerweil hu mer schonn e ganze Koup Leit bäikritt. Et si 6 Leit an der Administratioun, dovun eng Responsabel fir de Projet Inklusioun an de Crèchen an de Maisons Relais. Diddeleng spillt wéi sou oft mat dësem Projet eng Virreideroll hei am Land. Weider 180 Leit schaffen am CDI, 11 am CDD, am Pool fir ze ersetze si 50 Leit. Am Ordinaire gesi mer insgesamt eng Hausse vun de Fonctionnementskäsche vum 1,7 Milliounen, vun 13,9 op 15,6 Milliounen par rapport zu 2022. Dëst gréisstendeels duerch d'Präishaussen an d'Eropsetze vun eenzele Budgetsartikelen betreffend Material oder Frais d'équipement, bedéngt duerch den Zouwues vum de Gebailechkeeten an dee vun den Aschreiwungen. Eng vun den Haussen, déi an d'A fällt ass déi vun der Restauratioun, wou 2023 de Budget vun 1,4 op 1,620, also 220.000.- € eropgeet. Sou ass schonn dëst Joer eng Adaptatioun vun 10% op dem Menü gemeet ginn a mir sinn elo ongeféier op 6 Euro geklommen. Jo, och de Liewensmëttelsektor gouf net verschount. Sou si vun Oktober 2021 bis Oktober 2022 z.B. d'Präisser fir frëscht Geméis plus 20%, Mëllech plus 16%, Brout a Fleesch plus 14% fir nëmmen dës puer ze nennen, geklommen. An et ass nach net fäerdeg. D'Aféierung vum gratis Mëttesdësch hat kee weideren Impakt op d'Aschreiwungen.

E puer Wuert zu deene méi grouss Kanner, der Jugend. 2020-2021 waren, bedéngt duerch d'Covid-Kris schwéier Jore fir eis alleguerten, mee speziell och fir déi Jonk. 2022 war zum Gléck de Retour zur Normalitéit. Et goufen erëm eng Hällewull Aktivitéite vun der Ekip vum Jugendhaus organiséiert. Zum Deel och méi grouss Evenementer goufen durchgeführt. Wéi de Jugendsommer mat de Kanner aus der Maison Relais mat 400 Aschreiwungen an 22 verschiddenen Atelierien, grad wéi e Fussballsturnéier, bei deem méi wéi 200 Jonker participéiert hunn, fir nëmmen dëst ervirzehiewen. All Dag passéieren nees eng gutt 60 Jonker an der Maison des Jeunes. Eleng sech op d'Maison des Jeunes ze begrenzen ass der Equipe dirigeante net duergaangen. Zu der Rencontre indoor koom dofir d'Rencontre outdoor, also d'op-

sichend Jugendarbecht dobäi. Sou sinn net manner wéi 24 verschidden Aktivitéiten am Kader vum Outreach Youthwork mat 106 Jonker gemeet ginn. 2 Projeten, déi ervirzesträiche sinn ass engersäits de Container Neischmelz an den Émbau vun der Roulotte virum Jugendhaus. Fir 2023 si méi an nei Aktivitéite geplangt, dofir ass de Budget liicht an d'Luucht gesat ginn. Als President vun der Familljekommissioun kann ech behaupten dass fir d'Famillje vill gemaach gëtt. Och hei ginn et 2023 keng Ofstrécher.

D'Konventioun mat BabyPLUS vun der Initiativ Liewensufank gëtt verlängert. Schon dëst Joer goufen 140 Visite bei de Leit gemeet. 16 Gespréicher goufen a Visio gemeet an 30 Telefongespréicher goufe gefouert. Baby-Massagekursen hunn och nees stattfonnt. Net méi an der Schoul Balzeng, mee an der neier Crèche Italien. Babysittercourse goufen och nees op dem Territoire vun der Gemeng Diddeleng offréiert. An den 2 Course Lëtzebuergesch a Franséisch hunn en tout 42 Participanten deelgeholl. D'nächst Joer sollen 2 Coursen à 40 Participanten ugebuede ginn. D'nächst Joer wäerten dann och d'Éischthëllefscourse fir jonk Elteren op Lëtzebuergesch a Franséisch stattfannen. An der Internetstuf fir d'Senioren, och déi gehéieren zur Famill, wou et Jonker sinn déi de Senioren den Émgang mam iPad bäibréngen, fannen am Club Senior zweemol am Mount, dëst während 6 Méint, statt. 14 Seniore konnten un dëser éischer Sessioun deelhuele. Méi Studente waren net dispo. Eng nei Sessioun ass fir de Mee 2023 erëm virgesinn. 2023 wäert och eise mëttlerweil traditionelle Familljendag mat Animatiounen, Informatiounen, Spill a Spaass fir Grouss a Kleng stattfannen. Am Kader vum Dag vum Bam gouf ee Bam symbolesch fir all neigebuerent Kand gesat. An all jonk Famill krut e klengen Äppelbam als Undenken.

Wat eis zwee Projeten, de pedagogesche Bongert mat einheimischen Hecken a Gesträich zu Butschebuerg an der Le'h d'Restauratioun vum Kannerwanderwee, dee mat engem Mobilitéitswee kombinéiert soll ginn, muss ech leider soen dass mer dëst Joer net richteg virukomm sinn an dëst zwee Mol duerch den Ausfall iwwer länger Zäit vun zwou dreiwende Kräften an dësen zwee Projeten. Eng Kéier e Mataarbechter aus eise Gärtnereisbetrib an eng Kéier e Mataarbechter aus der Ekip vum Fierschter. Dëst well alle béid seriö Problemer mat der Gesondheet hatten. Si hu mëttlerweil erëm ugefaange mat schaffen, an ech hoffen, dass mer am Fréijoer déi zwee Projeten un d'Netz kréien.

Ech wéilt meng Interventioun net ofschléissen ouni als President vum Office social e Wuert zum Sozialen ze soen. Villes gouf schonn d'lescht Woch ronderëm de Rapport d'activité vum Office social geschwat. D'Gemeng mécht säit jeehier vill fir déi Leit, déi an enger prekärer Situatioun sinn. Bedéngt duerch d'Energiekris an déi generell Präishaussen huet eis Gemeng den Taux vun der Allocation compensatoire pour taxes communales vu 45% op 50% eropgesat an eng Allocation pour l'énergie agefouert. D'Empfän-



ger vun der Prime Energie kréie sou vun der Gemeng nach 25% zousätzlech vun dësem Montant. Wa gemengt gëtt, dat wier selbstverständlech, da muss ech d'Leit mol bieden, e kleng Bléck op déi aner Gemenge ronderëm ze werfen, ob dat do och genau d'selwecht ass. Och geet de soziale Wunnengsbau vun der Gemeng weider. 5 Famillje mat wéinstens 2 Kanner kënnen ganz geschwënn an een Haus op Lenkschlei mat engem hirem Revenu ugepasste Loyer anzéien. De wichteg Bauprojet mat 2 Bi-Famillialen a 4 Haiser mat Logement intégré an der Rue Nic Bodry wäert uganks 2023 ufänken. 3,7 Milliounen stinn am Budget extraordinaire. Et gëtt ëmmer erëm Gedanken gemeet fir nei Projeten am soziale Logement z'entwéckelen. An och an dësem Budget sinn nees Fonges virgesi fir z.B. zwee Haiser ze kafen, déi kënnen eventuell ëmgebaut ginn zu Unitéiten, déi am meeschten sollicitéiert ginn. Ech wëll net ophalen ouni un de Projet Logement Jeunes vum Office social an der neier Struktur Rue du Commerce ze erwänen, wou mer jonke Leit vun 18 bis 30 Joer eng temporär Wunne-méiglechkeet bis maximal 3 Joer an den 10 Chambres meublées kënnen ubidden. Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci dem Här Zuang fir seng Interventioun, an da gi mer riwwer, den Här Gangler.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Merci Här Buergermeeschter fir d'Wuert. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech enchainéieren haut zu menger Ried vum leschte Joer. Ech hat deemools scho meng Bedenken zu eiser Gemeng hirer finanzieller Situatioun geäussert, mee awer och meng Bewonnerung ausgedréckt, dass eis Gemeng et an dëse Krisenzäite fäerdegbréngt, ëmmer nach d'Enner zesummenzebréngen. Meng Bedenken a kritesch Aussoe vun deemools sinn nach ëmmer aktuell. Dëst Joer hate mer missen en Emprunt vun 10 Milliounen ophuele fir iwwert d'Ronnen ze kommen. Dee leschten Emprunt vun 13 Milliounen war 2016 fir de Riseprojet vum Hartmann. Deemools hat de Schäfferot argumentéiert, dass et finanztechnesch besser wier en Emprunt opzehuele wéi un eis Reserven ze goen. Wéi ech dunn awer d'Ennerlage fir d'Finanzkommissioun kritt hunn an do op en theoreteschen Emprunt vu 40 Milliounen gefall sinn, du ass et mer bal dronke ginn. Bon, deen aneren Dag hunn ech an der Zeitung gelies, dass se zu Esch 125 Milliounen léinen, du sinn ech alt erëm e bëssen op de Buedem komm. Alt erëm hunn ech wéi d'lescht Joer ugefaan-

gen ze sichen, wéi da sou eppes méiglech wier. Wéi virun engem Joer hu mer en immens héijen extraordinäre Budget. An de leschte Joren huet de Schäfferot drop gehalen, trotz Krisen den Investitiounsniveau héich ze halen. Dat war e Wonsch, dee vum Inneministère a Pandemiezäite souwuel an der Circulaire fir 2021 wéi och fir 2022 erauszeliese war. D'Gemenge sollte probéieren, hir Investissementer héich ze halen, fir d'Betribler ze ënnerstëtzen an d'Ekonomie erëm unzekuerbelen. An der leschter Circulaire vum 28. Oktober 2022 huet een déi Recommandatioun awer net méi gelies. Sou kënnt et, dass eis Gemeng vun de leschten 2 Joer vill Bauprojeten um Lafen huet, déi 2023 réischt solle fäerdeg ginn. Deelweis si se net séier genuch virugaangen, deelweis sinn et ganz héich Montanten u Subventiounen, déi nach vum Staat ausstinn.

Fir 2022 hu mer keng Projete fale gelooss a souguer neier lancéiert. Mir haten am Budget initial vun 2022 en extraordinären Ausgabevolume vun 43 Milliounen. Mir haten awer keng iwwerflësseg oder "Bling-Bling"-Projeten. Fir 2023 ass d'Grondastellung déi selwecht. Den extraordinären Ausgabevolume fir 2023 ass awer mat 61,6 Milliounen vill méi héich wéi 2022, bedéngt eben duerch lafend Projeten, déi musse fäerdeggestallt ginn, an awer och nei Investor a Wunnengsbau, Schoulen a Stroossebau, déi néideg sinn an net verschobe kënnen ginn. Déi nei Projete maachen awer nëmmen 3,4 Milliounen, dat si 5,6% aus, géint 12,7% am leschte Budget. An deenen 59 Milliounen un Einnahme fir 2023 ass elo schonn dee potentiellen Emprunt vu 40 Milliounen enthalen a 17,3 Milliounen u Subsidien. Wann deen Emprunt géif ganz gezu ginn, da géifen eis Annuitéite bal verduebelt ginn. Vun 1,450 Milliounen d'Joer op 2022 op 2,622 Milliounen d'Joer 2023. D'Pro-Kapp-Verschëldung géif sech verdreifache vun 955.- € op 2.622.- €.

Ech wëll lo keng Schwaarzmlerei bedreiwen, mee just bemierken, dass deen Trend bedenklech ass. Eise Här Buergermeeschter gesäit dat guer net sou enk wéi ech. Sengen Aussoen no wier déi erwaarte Gemengeverschëldung, déi vun 1,22% op bal 4% eropgeet nach ëmmer "confortabel". D'rout Luucht géif eréischt bei 15% ugoen. Fir mech perséinlech ass et awer éischer bedréckend dass mer sou en héijen Emprunt musse virgesi fir schlëmmstefalls eise Budget am Gläichgewicht ze halen a fir net op de Punkt ze kommen, dass mer eng Kéier eis Paien net méi kéinte bezuelen. Alt erëm eng Kéier froen ech mech: Wéi gëtt eis Situatioun da réischt, wa mer bis richtig mat eise Riseprojet NeiSchmelz ufänken? Dann däreft een net vergiessen, datt an engem Budgetsjoer ëmmer erëm Kreditter mussen nogestëmmt ginn, well se en Cours de route méi deier gi si wéi am initiale Budget virgesinn. 2020 waren dat 1,7 Milliounen. 2021 ronn 2,5 Milliounen an 2022 7 Milliounen. Vum Hall polyvalent an der Beetebuergerstrooss ass scho geschwat ginn.

Wann ech dann am Budgetsdokument liesen, dass schonn nëmmen d'Etüd fir den Ausbau vun der Balz-

enger Schoul mat enger Maison Relais (Positioun 4/913) op 560.000.- € chiffriert sinn, dann hunn ech mech gefrot, ob een da muss dovun ausgoen, dass de Projet sech herno op dat 10 bis 15facht beleeft? D'Madame Kayser, déi war méi schnell an huet d'Äntwert scho virdru ginn. Si huet am Plan plurianuel financier e Montant vun 20 Milliounen fonnt. Eis Bauprojeten hunn an deene leschten 2 Joer jo schonn eng skurril Evolutioun matgemaach. Heiansdo kënnt et vir, dass mer op Ausschreiwunge keng Äntwert kréien oder et mellst sech just een, an da muss een zu deem senge Konditiounen bauen an hoffen, dass en net iergend eng Kéier mat engem Devis remanié ugeschlach kënnt. De Wuesstem am Land ass net méi sou euphoresch wéi virun e puer Joer. Mir musse vläicht oppassen, dass mer eis Projekte méi espacéieren a prioriséieren. Mir waren deemools beim Bau vum Sportszenter Hartmann en neie Wee gaange mam Dialogue compétitif. Do hatt een d'Garantie, dass déi festgesaten Enveloppe net konnt iwwerzu ginn. Ech géif de Schäfferot gär froen, ob een net déi Prozedur fir kommend grouss Bauprojeten nees an d'A faasse wéilt? Allerdéngs fonctionéiert den Dialogue compétitif och nëmmen, wa sech genuch Ubidder op d'Aschreiwung mellen. De Moment huet een éischter den Androck, dass et de Baufirme gutt geet an dass si net op all Ausschreiwung vun enger Gemeng sprangen. Dann hat ech aus der Press och vun enger neier Iddi gelies, déi d'Stater Gemeng proposéiert, wann et drëm geet, d'Sportinfrastrukturen ze bauen: da réit d'Gemeng der Veräiner, de Bauprojet selwer an Ugrëff ze huelen. D'Gemeng steiert dann eng 80% bäi, an de Rescht kritt de Veräin direkt vum Ministère. Domat géif vill manner Zäit verluer goen. Ech fäerten allerdéngs dass déi gutt Iddi just bei deene méi betuuchte Veräiner vun der Stad Lëtzebuerg fonctionéiert an net hei an der Provënz.

Ech wéilt dann nach op e puer méi spezifesch Punkten agoen. Éischtens mol de Volet Ëmwelt. Et ass gewosst dass eis Gemeng zanter den 90er Jore gutt ënnerwee ass. Mat Klimabündnis, Klimapakt 1 + 2, Nohaltegkeets-Masterplang, Covenant of Mayors an neierdénks nach Naturpakt si mer mat eisen Efforten zu Ëmwelt- an Naturschutz gutt opgestallt. Recettë vun ongeféier 6,6 Milliounen am Ordinaire a 4 Milliounen am Extraordinaire, also en Total vu 10,6 Milliounen, stinn Ausgabe vu ronn 8 Milliounen am Ordinaire a 6,6 Milliounen am Extraordinaire, also am Total 14,6 Milliounen, entgéint. Ze bemerken ass eis konsequent Ëmstellung vun der Stroossebelichtung op LED. Grad sou wéi och eis zousätzlech Subventiounen un d'Stëit, déi Problemer hunn, hir Taxen ze bezuelen. Mir begréissen och, dass de Schäfferot decidéiert huet, déi zweet Erhéijung vum Waasserpräis, déi d'SES eis ugemellt huet, net direkt erëm duerch eng Waassertaxenerhéijung un d'Stëit virunzeginn. Och wa mer domat nach ëmmer net käschtedeckend sinn. Engersäits wëlle mer eis Diddelenger Awunner net onnéideg belasteschten an anerersäits kréie mer déi Erhéijung duerch d'konstant Wuesse vun eiser Bevëlkerung deelweis nees opgefaangen.

Nei dobäikomm ass dëst Joer den Naturpakt, deen 2030 ausleeft an an deem eis Gemeng sech spezifesch zu Naturschutz a Biodiversitéit engagéiert. Am Ganze rechne mer do mat Recettë vun ongeféier 980.000.- € iwwert 10 Joer. Eis Ustrengunge beinhalten ënner anerem Projekte mam SICONA, déi 2023 vun 63.000.- op 84.000.- € erop solle goen. Fir 2023 viséiere mer mol d'Basis-Zertifizierung a kucke mat engem gewëssen Näid op eis Nopeschgemeng Beetebuerg, déi scho Gold-zertifiziéiert ass. Do hätt ech awer an deem Kontext nach eng Fro zum Artikel 3/541 am ordinäre Budget. Do geet rieds vun engem „Projet pédagogique et environnemental“, deen intituléiert ass „Fir Mënsch an Natur“ fir 75.000.- €. Do ass et mer, wéi wa mer dozou nach keng Detailer gesot kritt hätten. Ass dee Projet am Kontext vum Naturpakt oder vum Klimapakt? A wéini ass virgesinn, eis dee Projet virzestellen? De Klimapaktberoder an deen neien Naturpaktberoder gi vum Staat bezuelt. Am Klimapakt hu mer eis Zertifizierung am Joer 2022 tëscht 2 Auditten ëm 10% gesteigert, wat eis Efforten op deem Plang weist. Trotzdeem dass de Moosnamekatalog schonn zweemol revidéiert gouf, viséiere mer lo de Gold-Zertifikat, an domat méi héich Subventiounen. D'Ausseruerdentlech Einname vum Klimapakt ginn eriwier an de Fonds de réserve Pacte climat an deem mer elo nach ronn 912.000.- € hunn. Do hu mer iwwer 3 Joer 410.000.- € erausgeholl fir d'Etüden zum Nohaltegkeets-Masterplang a vum Covenant of Mayors ze bezuelen. Weider geplangten Ausgaben aus deem Fond ginn dann d'nächst Joer an zwou Etüde gestach, eng zur energetescher Planifikatioun Horizont 2050 an eng zur Adaptatioun un de Klimachangement fir zesummen 200.000.- €. Well zu dësem Volet och dee vun der Erneuerung vun eisen Ofwaassernetzer zielt, hätt ech nach eng Verständnisfro zu de staatleche Subventiounen. Den Här Buergermeeschter huet am leschte Gemengerot erkläert – oder war et just an der Finanzkommissioun? – ech sinn net méi sécher, dass et sech beim Poste Foxenhiel ëm e Stroossebauprojet handelt, dass awer beim Tiefbau keng Subventioun vum Staat ze erwaarde wieren.

Am Budget fannen ech awer eng ausseruerdentlech Recette als Subventioun zur Erneuerung vun der Ree- waasserkanaleséierung Rue du Commerce, Route de Zoufftgen, Rue de la Libération (Positioun 1/520). Wéi ass dat ze erklären? Wou ass do d'Differenz? Am Volet Energie ass eis Gemeng grad sou wéi all Bewunner an déi national Acteuren am Land opgefuerdert, fir massiv Energie anzespieren, fir méi onofhängeg ze gi vu fossile Brennstoffen, virun allem aus Russland. Eng Fuerderung, déi och op europäeschem Plang spillt. Positiv ervirzehiewen ass dem Schäfferot seng Ukënnegung, all nei an donieft weider 12 bestoend Gemeindegebaier mat Photovoltaikanlagen auszerëschten, dorënner och eist Stadhaus, ënnert der Konditioun, dass dat och vun de staatlechen Instanzen autoriséiert gëtt, well dat Gebai steet jo bekanntlech ënner Denkmalschutz. Nodeems mer an der Vergaangenheet de Bierger, déi eis duerno gefrot hunn ëmmer hu misse soen, dat wier net machbar,

schéngt deen technesche Volet awer lo méiglech ze sinn, ënner anerem well déi aktuell Anlage méi performant a méi llicht sinn. De Klimateam huet en Aarbechtsgrupp Energie zesummegevat, deen am Januar seng Aarbecht ophélt.

Ze begrëssen ass an deem Kontext och d'Ukënnung, dass am Januar eng Versammlung mat de Veräiner soll si fir de Projet vun enger Charta zur gemeinsamer Energieerspuernis ze konkretiséieren. Mat der Käschenexplosioun am Energiesektor klamme fir d'Gemeng d'Efforten, fir den Impakt fir Gemeindebetreiber, Industrie a Privatsektor méiglechst kleng ze halen. An deem Kontext war mer e Gedanken duerch de Kapp komm – a lo muss d'Madame Erpelding sech vläicht d'Oueren zouhalen – wat d'Kierch betrëfft. Do hu mer jo zanter dem 13.12.2019 eng Konventioun an där festgehalen ass, dass sech d'Gemeng als Proprietär vum Gebai zu 20% un den Heizkäsche vum Gebai bedeelegt, mee gedeckelt op 5.000.- € järelech. Et geet drëms, fir eng konstant Temperatur kënnen ze halen, zum gudden Erhale vun deenen deiere restauréierte Biens meubles aus der Gemeng hirem Besëtz, dem Kräizwee vum Dominique Lang an der Stahlhuth-Uergel. Lo ass et awer sou, dass déi Heizkäsche vun 2022 op 2023 ëm 28% geklomme sinn a sech par rapport zu 2021 verduebelt hunn. 2021 waren et 22.000.- €, 2022 37.000.- € an 2023 gëtt mat 57.000.- € gerechent. Dee Bäitrag vun der Gemeng vu 5.000.- € ass ëm e Villfacht iwwerschrott. Mir wëssen dass déi Verhandlungen deemools guer net einfach waren. Mee meng Fro ass, ob deemools net dru geduecht gi war, fir bei Bedarf vläicht dee gedeckelte Montant an engem Avenant unzepassen? Oder ass deen ad eternum a Stee gemeesselt? Dem Locataire seng Situatioun gëtt ëmmer méi prekär. Sāi Loyer ass indexéiert, an d'Käsche fir andersäits Waasser an Elektresch ginn de Moment drastesch erop, net zulescht, well de Chantier vun der Fassadenrenovatioun Waasser an Elektresch vum Compteur vum Locataire ofzaapt.

Dann hätt ech nach e puer Froen. Déi éischt, de Projet Senior Plus, dee bleift am Budget konstant an immens niddreg. Ass et méiglech gewuer ze ginn, wéi vill Ufroer fir déi Betreuer doheem vun Einzelpersonen respektiv Koppelen am Joer 2022 a par rapport zu 2021 gestalt goufen? Zweetens, wat huet et mat deem „Bureau pour portier mobile“ (Positioun 3/131) op sech? Drëttens, ech hat et mengen ech nach net matkritt, wann et eventuell de leschte Freide gesot gi war, mee wéi vill Leit sinn am CIGL beschäftegt? An déi leschte Fro bezitt sech op de Poste Videoopzeechnung vum Gemengerot. Mat der Bildopzeechnung vum Gemengerot ass schonn am Mäerz 2020 opgehalen ginn an duerno gouf et an der Pandemie bei eise Sitzungen am opderschmelz nach vereenzelt Bedeelegunge vun isoléierte Conseillere duerch Visio-konferenz. Zanter enger gewësser Zäit resuméieren sech d'Opzeechnungen awer nach just op eng Tounopzeechnung, déi mat eisem scho laang bestoende Material gemaach gëtt. Ech erënneren un de Fil rouge vun de Conseillere vun der leschter Sëtzung:

Geet mäi Mikro? Ausserdeem war d'Tounqualitéit vum leschte Freideg net déi allerbescht, well iwwersteiert. Lo steet am Budget fir dee Posten eng Depense vun 19.794,65.- € fir 2021. A fir d'Budgeten 2022 an 2023 si jeeeweils 40.000.- € virgesinn.

Meng Fro: Mécht et Sënn, fir dee Posten nach sou héich mat Montanten anzesetzen, wuelwëssend, dass scho laang keng extern Bildopzeechnungsfirma méi implizéiert ass an dass och keen neien Invest an déi scho laang funktionéierend Tounopzeechnung mat deem besteende Material gemaach gëtt? Am Poste 411 ass e Poste de conférence mobile mat Kamera fir 41.000.- € ze fannen. Vlächicht kéint de Schäfferot eis matdeelen, ëm wat et do geet? Ech soen dem Schäfferot am viraus Merci fir déi Äntwerten op meng Froen. Da muss ech awer nach e Luef lassginn, ech hat de Jongen dat deemools versprochen. De leschte Samschdeg war opderschmelz de 15. Gebuertsdag vun eisem Centre culturel. Bei där Geleeënheet hat d'Ekip vum opderschmelz en ëmwerfend gudden Jazzconcert organiséiert mat héichkarätege Lëtzebuerger Museker, déi all schonn hei opgetruede sinn. Den Direkter sot: „Dat Bescht vu Museker wat Lëtzebuerg ze bidden huet.“ Den Här Buergermeeschter sot „Diddeleng ass d'Lëtzebuurger Haaptstad vum Jazz“. An ech souz nieft dem Mayor vu Leborn senger Madame an hunn hir dat direkt op Englesch iwwersat. D'Fra war beandrockt. (Iwwerhaupt, dee Mayor ass elo schonn 28 Joer Mayor zu Leborn, dat ass impressionant.) Also ech hunn dat der Fra direkt op Englesch iwwersat, a si war wierklech beandrockt. Mee och ouni et a Superlativen auszedrécke wollt ech awer meng Zefriddenheet ausdrécken a soen, dass mer och an der Kultur gutt hei zu Diddeleng ënnerwee sinn an dass déi Sue gutt ugeluecht sinn. Domat soen ech lech, léif Kolleeginnen a Kolleegen, Merci fir d'Nolauschteren a wënschen eis all besënnelech Feierdeeg. Feiert och mat méi héijen Energiepräisser waarm an häerzlech Fester am Familljekrees a bleift weider gesond.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci Här Gangler fir Är Interventioun an dat huele mer eis ganz gären zu Härz an dat huele mer dann och mat. Dann den nächste Riedner, den Här Claude.

BOB CLAUDE (LSAP): Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Häre vum Schäffen- a Gemengerot, et si lo 11 Joer hir, wou ech meng éischt Stellungnam zum Budget gemaach hat. Dëst Joer huelen ech eigentlech zweemol d'Wuert. Nämlech fir d'12. a fir d'lescht. Och a menger dësäreger Interventioun stellen ech fest, datt den Zenario sech vu Joer zu Joer kaum verännert huet. Virun enger Woch hunn den Här Buergermeeschter an déi Dammen an Häre Schäffen hir jeeeweileg Ressorte mat vill Begeescherung ganz detailléiert explizéiert a kommentéiert. Op dëser Plaz wëll ech si alle fënnf fir hir engagéiert Aarbecht zum Wuel vun all Diddelenger Bierger felicitéieren a Merci soen. Dobäi dierf een awer net de Pascal Pull mat senger ganzer Ekip bei der Opstellung vum Budget vergiessen. Och dëst Joer hunn

d'Riednerin vum der Opposition dat eent oder anert Hoer an der Budgetszuelenzopp fonnt a wäerten zum Schluss beim Vott de rektifizierten an den initiale Budget net matstëmmen. Trotz enger weiderer Kris duerch de Krich an der Ukrain huet eis de Schäferot erëm e couragéierten an an d'Zukunft orientierte Budget fir 2023 presentéiert.

Déi ugefaangen Infrastrukturaarbechte gi weidergefouert. Anerer, och déi duerch d'Pandemie a Verzuuch gerode waren, sinn an Ugrëff geholl ginn. Och vill Etüde fir spéider Projete stinn am Budget. An domat wäert ech wéi gewinnt op verschidde Beräicher agoen. Als President vum der Subsidiekommissioun fir Schüler a Studenten wëll ech déi 70.000.- € am Budget 2023 ernimmen. Anescht wéi am leschte Joer war d'Publikatioun am Bliedchen an um Internetsite schonn ufanks September. Bis den 9. Dezember konnten d'Schüler an d'Studenten hir Demanden erareeche. Mat 414 Demandë kënnen mir e Plus vun 29 par rapport zum leschte Joer enregistréieren. Am Februar ruffe mer d'Kommissioun zesummen, fir iwwert eng Rei méi onkloer Fäll ze diskutéieren an ze tranchéieren. Sou kënnen am Fréijoer d'Montanten iwwerweisen an d'Diplomer op enger Receptioun iwwerrecht ginn.

D'Kommunikatioun am allgemengen an déi nei Medien am spezielle sinn a bleiwe fir mech vu gréisster Wichtigkeet. Ganz vill Bierger gräifen nach ëmmer op déi schrëftlech Annoncen a Publikatiounen an eise Diddelenger Bliedchen zréck. Dat kascht awer och eng Staang Geld. Donieft bleift den Internetsite dudelang. lu eng Vitriinn vum eiser Stad. Do kënn de Bierger schnell un all déi neiste Matdeelungen. Genau virum engem Joer ass eng nei Versioun online gaangen. An der Tëschenzäit kann een ëmmer besser op déi verschidde Rubricen zougräifen. Interessant ass et, datt an Zukunft d'Umeldungen zu de Sprooch- an Internetcourse souwéi d'Demandë fir Subsidien online kënnen gemaach ginn. Wann d'Méiglechkeet besteet, wär et flott, d'Zuel vum de Klicken op eise Site gewuer ze ginn. Interessant och ass neierdénks de Link op de Klimapakt. En zweete prakteschen Outil ass eis City-App, déi méttlerweil vu 5628 Bierger benotzt gëtt a ganz beléift ass. Et sinn 229 Messagë verschéckt ginn. Bei der Rubrik "Report-it" si 504 Meldungen erakomm. De besuergte Bierger huet esou d'Geleeënheet, op verschidde Mëssstänn opmierksam ze maachen. Dat klappt ëmmer besser bei den Interventiounen vum den zoustännege Servicer. Ech wëll elo net méi op all déi bestoend Rubricen zréckkommen. Ëmmerhin ass eng grouss Zuel vu Geschäfte a Restaurants an der Rubrik „Shopping“ virgestallt ginn. Nei ass d'Rubrik „Parking“, déi och mat der Indigo Neo-App vernetzt ass. D'Chantiersbornen a Flex-Autoe ginn ugewisen. Och d'Vélospiste ginn digitaliséiert. Da wäert nach eng „Alerte“ Rubrik bäikommen. D'Digitaliséierung an eise Schoulen a Maison Relais ass net méi ewechzedenken a gëtt systematesch vum eise Service informatique a mat der Firma EducDesign an de kommende Jore weidergefouert.



An dann zum Beräich Sport. Während 12 Joer widderhuelen ech mech gär andeem ech behaupten, datt d'Stad Diddeleng eng Héichbuerg am Lëtzebuurger Sport ass an eng gutt Reklamm fir Diddeleng bleift. Och wa mir verwinnten Diddelenger an deene leschten 2 Joer e wéineg manner Championstitele feiere konnten, versichen déi benevoll Comitésmemberen an eise Sportsveräiner hire Sportlerinnen a Sportler déi beschtméiglech qualifizéiert Traineren zur Verfügung ze stellen. Domat kënnen mer hoffnungsvoll an d'Zukunft kucken an eis weider op eis Resultater freeën. An deem Sënn gëtt och ganz gutt Aarbecht mat de Kanner a Jugendleche gemaach. Dobäi muss een déi Veräiner luewen, déi nieft den Héichtalentierten och déi manner talentéiert hir Sportart praktizéiere loossen an domat eng wichteg Roll an hirer Erzéiung iwwerhuelen. Breedessport fir Kanner gëtt donieft och an der Maison Relais an an der LASEP ugebueden. En uerdentlecht Ausübe vum eise Sportsaktivitéite fir Jonk an Al setzt modern an a guddem Zoustand gehalten Infrastrukture viraus. De Bau vum neie Sportkomplex mat Sportshal a Schwämm um Strutzbiere ass voll am Gaang. Am Budget 2023 stinn dofir ëmmerhin 8 Milliounen Euro. Fir den neie synthetische Belag um Stade Barozzi ass ½ Millioun virgesinn. Donieft gëtt um fréiere Clublokal d'Chaudière ersat. Eng nei Tennishal an eng Hal fir den C.A. Diddeleng op dem Kennedy-Terrain si weider an der Planifikatioun. Verbesserungsarbechte ginn um Stade Jos Nosbaum weidergefouert. D'Käschte fir de Masterplan hannert dem jëtzege Stade Meyer an der Butschebuurgerstrooss stinn am Budget. Am Centre Hartmann ass d'Uschafung vu Spinning-Véloe virgesinn. De Service des Sports ass déi wichteg Ulaftell fir all eis Sportsveräiner a Schoulen. Hei ginn all d'Do-leancen an Ufroen ugeholl an d'Programmation vum eisen 21 Sportsinfrastrukture koordinéiert. An et ass d'Sportskommissioun, déi den 9. Februar d'Éie-rungssoirée fir eis verdéngschtvoll Sportlerinnen a Sportler organiséiert.

Diddeleng ass eng dynamesch Stad an dat virun allem dank eise lokale Veräinsliewen. An eise Internet-site hunn ech d'Lëscht vum insgesamt 203 Veräiner an Associatiounen fonnt. Eng Hällewull vum Aktivitéite ginn a folgende Beräicher ugebueden: Konscht, Theater, Musek a Gesang, Natur, Scoutismus, Sport a Fitness, Gesondheet, karitativ Hëllef, Quartiersliewen an divers Fräizäitaktivitéiten. De Bierger kann also eppes vum allem an dëse sëllege Veräiner a Vereenunge fannen. Vill vum hinnen hëllef an bei



deene ville Manifestatiounen a Fester queesch duerch d'Joer. D'Veräiner wäerten och d'Charta vun der Nohaltegkeet ënnerschreiwen. Fir eng Rei vu Veräiner an Associatiounen ginn et alljärelech ordinär an extraordinär Subsidien. Si sollen eng Motivatioun si fir déi wichteg Sozialiséierungs- an Integratiounsarbecht an eiser Gesellschaft weiderzeféieren. Et ass evident, datt déi infrastrukturell, materiell a logistesche Ënnerstëtzung vu Säite vun eiser Gemeng och weiderhi wäerten assuréiert ginn. Erfreelech ass, datt de Bau vun engem Hall polyvalent elo am Fréijoer färdiggestallt ass. Da kann eis Veräinswelt vun deem Bau profitéieren an do hir Versammlungen, Schoulungen, Konferenzen, Ausstellungen a Fester organiséieren. Interessant ass, datt dës Konstruktionsprouf ofgerappt an op NeiSchmelz opgeriicht ka ginn. Voilà, Dir Dammen an Dir Hären, domat wëll ech meng Interventioun zu der Budgetsdebatte vun haut ofschléissen. Ech wäert dem rectificéierte Budget 2022 an dem initiale Budget 2023 zustëmmen a soenlech Merci fir d'Nolauschteren.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci dem Här Claude. Madame Ahmedova.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert Här Buergermeeschter, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech wëll fir d'alleréischt dem ganze Service vun der Comptabilitéit Merci soe fir déi wichteg a gutt Aarbecht, déi si all Joers leeschten. Schlussendlech ouni Budget, kéint och näischt kënnen ëmgesat ginn an engem Gemeng.

Fir d'alleréischt zum Logement. Niewent den Auswierkungen vun der Kris op d'Wirtschaft an och op d'Menagen gehéiert de Logement och zu der Suergekanner Nummer 1, an dat ass eng grouss Erausforderung vun eiser Zäit. D'lescht Joer hu mer scho vun enger gewëssener Onsécherheet geschwat, déi an der Loft schwieft. Et huet een natierlech ëmmer erëm déi Hoffnung, datt déi Saache besser ausginn dat Joer drop. Mee leider si mir nach ëmmer an enger onsécherer Zäit. Mir erdroen nach déi Konsequenzen vun enger sanitärer Kris, déi en plus vun engem Ukrain-Krich verstärkt gi sinn. Den Immobiliemarché stagnéiert. Et hätt ee sech och kënne virstellen, datt dee Moment d'Präisser erofginn an datt d'Leit méi einfach Zougang zu engem Logement géife kréien. Mee leider kënnen d'Leit sech nach ëmmer just ganz schwéier eng eegem Wunneng leeschten och wéinst deem héijen Zënssaz, dee momentan sou bedriwwen

gëtt. En plus, opgrond vun der héijer Inflatoun sinn déi Mënschen mat klengen a méittlere Revenue wäit méi belastscht wéi Spëtzeverdenner. D'Präisser hu sech momentan stabiliséiert, wéi ech virdru gesot hunn, momentan. Mee de ganz Bausektor wäert déi nächst Zäit schwéier Konsequenzen mussen droen wéinst der Liwwerkette vun der Matière première, déi wéinst der Kris wierklech e groussen Sprong no uewe gemaach huet. Doduerch fülle sech och, leider, d'Carnet de commandé vun den Entrepreneuren vill méi lues wéi virdru. Dofir fann mir datt mir als Gemeng dat Ganz antizipéieren mussen, well mir wëssen datt héchstwahrscheinlech nach méi eng schwéier Kris op eis duerkënnt wat de Logement ugeet a wat de Bausektor ugeet. Mir mussen dofir als ëffentlech Instanz weiderhi bauen a souguer méi bauen, méi séier bauen an och méi attraktiv bauen. Fir sou eise Bierger eng Léisung zum Logementsproblem unzeféieren, mee och fir kënne weider eis Wirtschaft ze ënnerstëtzen. Mir bleiwen der Meinung datt d'Gemeng Diddeleng kann a soll vill méi proaktiv agéieren a vill méi Wunnengen selwer kafen, fir se kënnen ze abondabele Präisser ze verlounen awer och ze verkaufen. Verstëtt mech och hei net falsch. Mir begreiffe wierklech all d'Efforten, déi elo scho gemaach ginn, mee mir mussen dës Problematik vill méi prioriséieren. Dofir muss am Budget vill méi e generéisen Montant virgesi gi fir de Sektour ze ënnerstëtzen, fir de Bausektor ze ënnerstëtzen an och fir d'Leit ze ënnerstëtzen. Et ass och scho virdru gesot ginn, mir gesinn am Budget leider just 500.000.- € fir de Kaf vun Terrainen. A ech froe mech, wann e Potenzial do wier, mat 500.000.- € kënne mer absolut net vill kafen an ob do déi Méiglechkeet besteet, falls wéi gesot, eng Occasioun sech ubitt, fir do méi kënnen auszeginn?

De Pacte Logement, just kuerz. Mir sinn elo an enger zweeter Phas am Pacte Logement. Mir hunn de sougenannten PAL, dat heescht, dat ass eng Strategie, déi mir eis ginn. De PAL ass de Plan d'action local. An dofir verstë mer och net, firwat net méi Budget an deem Sënn virgesinn ass. Mir mussen och nei Weeër siche fir de Leit Léisungen unzeféieren fir de Bausektor, awer och fir déi Bauweiser, wéi mer iwwerhaupt haut liewen. Mir brauchen och méi Budget fir nei Wunnformen a fir Pilotprojeten. Mir brauche fir méi innovativ an de Wunnensbau an an d'Bauweiser, wéi ech scho virdru gesot hunn, ze agéieren, sief et participativ a Wunnengen, vläicht op ëffentlech Terrainen, do schwätze mer vun enger Emphytéose, do ass erëm d'Gemeng gefrot, fir Terrainen eventuell zur Verfügung ze stellen. Intergenerationell Wunnengen, mee och vun der Bauweiser modulabel Wunnengen, Tiny Houses, wéi sou oft dovunner geschwat gëtt, Holzkonstruktiounen oder traditionell. Lauter Pisten, déi wéi mir fannen, kéinten e bësse méi exploréiert ginn an ugewannt ginn. Mir sollen och e Budget virgesi fir Privatterrainer kënnen ze lounen. Sief dat op 5, 10, 15 Joer. Meeschtens wëssen d'Leit wéini si sou en eidel stoenden Terrain, déi sougenannt Baulücke wäerte brauchen. A mir sinn do der Meinung, datt d'Gemeng kéint wierklech proaktiv mat der Leit schwätze goe fir eng temporär Notzung vun deem Lücken ze féieren,

andeems si mat modulabel Wunnengen, déi séier opgebaut an erëm ofgebaut a vläicht op enger anerer Plaz opgebaut kënnen ginn. Virun allem fir Logement d'urgencen. Ech schwätze vu Logement d'urgencen, mee natierlech sinn dat och Sozialwunnengen an och Wunnenge fir Studenten. An do kommen ech zu enger anerer Problematik. Wéi ech och scho virdru gesot hunn, Logement d'urgencen. Ech froe mech, wéi vill sou Wunnenge mir nach hunn? Ech schwätze lo net vu Sozialwunnengen, mee wierklech Logement d'urgencen am Fall vun engem Brand oder am Fall vun enger Iwwerschwemmung, en cas de force majeure eeben.

Kuerz zu der Vie sociale zu Diddeleng. Diddeleng ass bekannt mat senger Festivaller a seng Fester an dëst ass jo ganz am Sënn vum Vivre ensemble an eiser Gesellschaft. Eis Stad op d'Zukunft virbereeden, fir dass jidderee gutt liewe kann, dat heescht natierlech awer och an Infrastrukturen investéieren, an urban Amenagementen, wou d'Leit déi Méiglechkeet hunn, sech dobaussen ze treffen. An do gesi mir och vill Verbesserungspotential. Méi Gréngs, méi Sëtzméiglechkeeten, méi Jardin participativen, Jardin communautaires, méi Gemeinschaftsraum. A firwat net, dat huet lo direkt näischt mam Budget ze dinn, firwat net bei all PAP, deen e Promoteur mécht a wou Appartementshaiser kommen, direkt eng Konditioun setzen datt de Promoteur soll wierklech ronderëm d'Gebai direkt eng semi-ëffentlech Plaz maachen mat Bänken, wou déi Leit aus deem Gebai sech iwwerhaupt kënnen treffen. Well haut ass et oft esou, datt deen een Noper net deen anere kennt. Dee vum 1. Stack weess net, wien um 4. Stack wunnt.

Spillplazen. Dat hu mer och am Budget, dat begräisse mer ausféierlech. Mee wéi gesot, méi fir d'soziaalt Liewe wier flott. Ech hunn och néiers am Budget fonnt, dass Sue virgesi si fir Urban gardening an ech wëll dat Ganzt net an d'Breet zéien, mee dat wieren natierlech Virdeeler fir Biodiversitéit, Pédagogie, lokal Produktioun, saisonal Produktioun an natierlech Zesummeliewen. Mir hu virdru gesot, datt mer iwwer 100 Nationalitéiten hei zu Diddeleng hunn, ënnert anerem och Leit, déi kuerzfristeg aus der Ukrain komm sinn. An an engem Gaart schaffen oder sech do begéien ass natierlech och en Integratiounsfacteur. Accessibilitéit a Barrièrefräiheet, ganz kuerz. Mir sollen als Gemeng nach eng Kéier ënnert d'Lupp huelen ëffentlech Plazen, Gebaier, Dokterpraxisse vläicht, de Shared Space ass virdrun och ugeschwat ginn. Mir fannen do och, datt et e gewësse Potenzial gëtt, fir dat nach eng Kéier ze verbesseren duerch akustesche a visuell Signaler.

Zum drëtten Alter. Firwat net eng integréiert an intergenerationell Crèche? Dat wär gutt fir d'Kanner, mee och virun allem fir déi eeler Leit wär et vläicht net oninteressant, fir sech och an deem Sënn méi um soziale Liewen ze bedeelegen, andeems ee mat de Kanner spillt a vläicht och Geschichten a Bicher liest. Zu der Solidaritéit. D'Gemeng sinn déi éischt Ulaftell fir Leit, déi op Lëtzebuerg kommen. Eis Kommuni-

katioun soll dofir och op d'Mooss geschnidde sinn. Et ass wichteg ze kommunizéieren och ënnert anerem, wou ee sech iwwerhaupt kann engagéieren a wou een och ka Benevolat ginn. Firwat net déi Demarché fir Hëllef, egal a wéi enger Richtung se ginn, vereinfachen, a vläicht och automatiséieren? Mat automatiséiere mengen ech, datt ee vläicht e Suivi vun der Gemeng aus mécht, datt een dee vläicht schonn dëst Joer eng Hëllef kritt huet, datt automatesch gekuckt gëtt, ob en dat Joer drop eligibel ass. Fir datt déi Persoun sech net onbedéngt ëmmer muss bis op d'Gemeng deplacéieren.

Ech hunn am Budget gelies, Protection sociale, dat ass an dem Intitulé a mir hate fir d'lescht Joer 940.000.- € virgesinn, déi och ausgi gi sinn. A fir nächst Joer hu mer, ech soe lo mol „just“ 290.000.- €, wuelwëssend datt et ka ganz séier goen datt mer Flüchtlinge mussen ophuelen. Firwat ass am Budget sou mann virgesi ginn?

Kuerz zu der Klimakris. Ech mengen d'Madame Heinen ass och méi explizitt drop agaangen. D'Klimakris ass och eng vun deene gréissten Erausforderungen vun eiser Zäit. Mir sollen hei och nei Weeër sichen an eis déi Fro stellen, ob eis traditionell Liewensweis déi richtig ass. Déi Fro déi sech hei stellt wier: Wéi baue mer? Wéi schaffe mer? Wéi wëlle mir liewen? Wéi beweege mer eis virun? Am Albau, wéi maache mer et fir datt d'energetesch Sanéierung och gräift? An domat kommen ech direkt zu menger Fro. Quitt datt d'Unzuel vun de Berodungen eropgaangen ass déi Ausdeelung vum PrimeHouse, also net vum PrimeHouse, mee dat, wat och bei der Gemeng ka gefrot gi fir déi energetesch Sanéierung wierklech net ganz héich. A firwat sinn déi Zuelen ëmmer nach sou niddreg? Ass do e Manque vu Kommunikatioun? Wëssen d'Leit net, datt et Subventiounen ginn? A vläicht kënnst Der mer drop äntweren, wat ass de Prozentsatz vun alen Haiser, déi hei zu Diddeleng renovéiert ginn?

Als Gemeng kéint ee méi proaktiv virgoen, wat de Solarkadaster och ugeet. Och wann ee keng Südsäit huet, kann een trotzdem Photovoltaik oder Solarpanneauen dropsetzen. Déi funktionéiere meeschtens mat der Hellegkeet, an net onbedéngt, datt voll Sonn muss drop prallen. Déi Kommunikatioun soll een och maachen. A mir hunn och d'Gefill, datt iergendwéi vill Leit zécken, well se ëmmer déi ganz Bürokratie viru sech gesinn an net wierklech wëssen, wou se sollen ufänken. Den Här Manderscheid hat eis eng Foire ugekënnegt fir erneierbar Energien, Wärmepumpen etc. Gëtt et do schonn en Datum dofir? D'Klimapolitik soll weidergedriwwen ginn, fir datt se och net zu enger sozialer Kris gëtt. Dat wëlle mir hei wierklech op dëser Plaz betounen.

An da kommen ech zum Schluss bei d'Kultur, fir op enger positiver Nott dat Ganzt ofzeschléissen. E wichtigen Aspekt vum Vivre ensemble ass ganz sécher d'Kultur. Si bréngt d'Mënschen zesammen. Si schaaft Gemeinschaftsgefill, Zesammenhalt, Inclusioun a Liewensqualitéit. Kultur ass wichteg, well



se stäerkt eis Demokratie a si vermëttelt schonn eise Jéngste wichteg Wäerter. Dofir soll dëse Budget och hei weiderhin héich gehale ginn. An natierlech begrësse mir och de Festival vum USINA, deen d'nächst Joer virgesinn ass. Merci villmools.

DAN BICALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Madame Ahmedova, dann den Här Haas.

VICTOR HAAS (ONOFHÄNGEGE MEMBER): Här Buergermeeschter, Merci. Dir Dammen an Dir Hären hei Merci och. E schlaue Geescht huet gesot, dass al Leit an der Politik geféierlech sinn, well si hir Zukunft schonn hanneru sech hunn. Fir dass et a mengem Fall net souwäit kënnt, wäert dat heite mäi leschte Budget sinn. An ech soen lech Merci. Ech muss awer nach soen, dass ech de Budget matstëmmen.

DAN BICALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Här Haas fir Är fei Wieder. Da géife mer hei weiderfueren. Här Friedrich.

JEAN-PAUL FRIEDRICH (CSV): Merci fir d'Wuert. Här Buergermeeschter, léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Schaffen- a Gemengerot, als éischt och vu menger Säit e grouse Merci un de Pascal Pull a seng Ekip, déi och dëst Joer eng genee an iwwersiichtlech finanziell Situatioun vun eiser Gemeng presentéiert hunn, ouni déi et quasi onméiglech wier fir eis, sech e konkret Bild ze maache vun eiser Gemeng. Ech géif bei menger Interventioun op d'Beräicher Sport, Kultur, Jumelage a Sécurité publique agoen. Mäi Kolleeg, de Claude Martini, wäert sech ënner anerem dem Thema Verkéier unhuelen. Och wann 2022 Corona net méi sou am Mëttelpunkt steet wéi déi 2 Joer virdrun, sou huet de Benevolat an och d'Unzuel vun de Sportler dorënner gelidden. Eng Partie vun hinnen hunn d'Loscht verluer, sech ze engagéieren, respektiv hunn opgehalen, hirem Sport nozegen oder maache léiwer eng aner Aktivitéit. Ëmsou méi brauche mer d'Veräiner, déi wou nach iwwreg sinn, fir Woch fir Woch a Weekend fir Weekend ze garantéieren, dass d'Trainingen an d'Matcher an alles ronderëm funktionéiert. De Service des sports hëllef sou gutt et geet, an och si garantéieren dass 7 op 7 Deeg de Sport ka stattfannen. Wéi den Här Spina scho gesot huet, 21 verschidde Sitten, 47000 Stonne Sport a 66000 Entréeën, dat muss emol gestëmmt ginn. An ech Merci un all déi, wou dat erméiglechen, well de Sport huet net nëmme e gesondheetlech Facteur mee spillt och eng wichteg Roll am soziale Beräich.

De Projet Strutzbiereg ass am Bau a wäert sécher hëllef, d'Offer ze vergréisseren an och d'oppe Schwämm huet 2022 hir Dieren opgemaach mat engem grouse Succès. D'Wieder huet matgespillt an och wann nach e puer Verbesserung muss gemaach ginn, sou war dat dach sécher eng Beräicherung. Merci am viraus och vun de Muppen aus, déi dann um Enn vun der Saison 2023 kënnen e Bad huelen. Do wäert mäin da sécher op dobäi sinn.

De Stade Barozzi kritt en neie synthetesch Belag fir 500.000.- € an nei Spinning-Véloe si fir 55.000.- € am Budget virgesinn. Néideg Investissementer, well engersäits sou en Terrain no enger Zäit muss erneiert ginn an op där anerer Säit eng Demande do ass, fir Spinning-Coursen, respektiv Training ofzehalen. Op dem Stade Meyer wier et net vu Muttwëll, op dem Trainings- a Jugendterrain e klengen Ënnerdaach ze baue fir de Responsabel an Elteren e bësse méi Confort ze bidden, well si sti ganz oft am Reen an dat wär sécherlech eng Alternativ fir hinnen e bësse méi entgéint ze kommen. Stade Jos Nosbaum, do soll d'Buvette renovéiert ginn. 2022 steet am Budget e Betrag vun 20.000.- € am Dokument. 2023 hunn ech elo mol näischt gesinn. Wichteg ass et allemol, dass Renovatiounen gemaach ginn, woubäi e ganz neien Terrain beim Stade Meyer mëttelfristeg sécher dem F91 méi gerecht géif ginn. Wéi gesäit et do genee mat dem Zäitplang aus? Sinn do scho konkret Saachen um Lafen? Wéi gesäit et och aus mat der neier Hal C.A. Diddeleng an dem Tennis? Gëtt et schonn eng konkret Zäitschinn, wéini dass de Projet eventuell fäerdeg ass? D'Sportleréierung fënnt den 9. Februar 2023 statt, organiséiert vun der Sportskommissioun a moderéiert vum Corinne Folscheid, wat sécher eng besser Moderatioun mécht wéi déi leschte Kéier an e flotten an nohaltege Cadeau waart och op d'Laureaten.

Kultur ass net nëmme e Begrëff zu Diddeleng, mee eng Realitéit. Mir hunn d'Chance, eng ganz dynamesch Kulturkommissioun ze hunn, awer och ouni d'Ekippen, déi sech an deem Beräich vu Kultur mat Fester, Concerten, Evenementer a sou weider këmmen, wier et onméiglech, sou e Programm ze stemmen, wéi en zu Diddeleng ugebuede gëtt. Ech grouse Merci un de Service Fêtes et manifestations an och un den John Rech a seng ganz Ekip. Si liewen d'Kultur, an ouni si wier et onméiglech, sou e räichhaltege Programm Joer fir Joer fir Jonk a manner Jonk ze presentéieren. Och beim Kulturjoer Esch2022 war



Diddeleng méi wéi present mat 22 Projeten, an do war fir jiddwereen eppes dobäi. Den Här Spina sot et schonn. 95.000 Visiteure si gezielt gi ronderëm d'Eventer, déi zu Diddeleng 2022 am Kulturberäich ugebuede goufen. Wichteg dobäi ze erwänen ass och, dass probéiert gëtt, sozial Präisser unzebidden, well d'Kultur soll net eppes si wat enger privilegiierter Gesellschaft reservéiert ass, mee zougänglech an erschwénglech fir jiddereen. An och d'Bibliothék ass gutt besicht mat 900 Prête pro Mount a bitt 37000 Titelen un. Si solle lo méi digital ginn. Mee och do ass jo virgesinn, keen am Ree stoen ze loossen an deenen ze hëllefen, déi keng eegen E-mail-Adress hunn. D'Bibliothék soll och weiderhin de Kanner d'Freed um Liesen erméiglechen. Mir kënnen eis och op 2023 freeën, well och do an der Kulturkommissioun schonn en Deel vum Programm presentéiert ginn ass, an et ass fir jiddwereen eppes dobäi, an et ass schwéier, en Argument ze fannen, fir net deelzehuelen. De Covid huet och seng Spuere beim Jumelage hannerlooss. Nodeems 2021 praktesch näischt gelaf ass an och keng Kommissioun stattfonnt huet, si mir gewuer ginn, dass et ganz schwéier ass, de Kontakt erëm hierstelle wéi virum Covid. Leborg war lo beim Opmaache vum Chrëschtmaart dobäi, mee bei engem groussen Deel vun de Partnerstied erweist et sech awer éischer schwierig, erëm an d'Gäng ze kommen an an de Kontakt ze kommen. Et ass zum Deel och well net méi déi selwecht Leit sech dorëms këmmen oder awer aner Facteure matspillen. Et muss op alle Fall weider versicht ginn, dës Partnerstied fir de Jumelage ze motivéieren an ze hoffen, dass et Uklang fënnt.

Zwou Kommissiounen vun der Sécurité publique konnten och nees 2022 ofgehalen ginn. Ze erwänen och ass hei den Nationale Dag vum Rauchmelder, wou hei och ee virun der Dier gratis un d'Populatioun verdeelt ginn ass. D'Sécherheet muss och weiderhi grouss geschriwwen ginn zu Diddeleng. An och wa mir vläicht net sou Problemer hu wéi an aner Stied, sou ass et trotzdem wichteg, reegelméisseg och dës Kommissioun anzeberufen an och déi Problemer opzegräife wou sech stellen. Diddeleng ass keng Insel, an och hei ass d'Virbeugung an d'Sécherheet absolut en Thema. Ech soen lech Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Här Friedrich fir Är Stellungnam, an da ginn ech d'Wuert weider un den Här Clement.

ALAIN CLEMENT (LSAP): Merci Här Buergermeeschter, léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Gemengrot a Schafferrot, meng Stellungnam bezitt sech op d'Circulatioun, Travaux publics, Commerce, Service à l'égalité des chances an op d'Museksschoul.

Circulatioun. Mir hunn dëst Joer 30 weider Parkauere mat engem Invest vun iwwer 450.000.- € a ganz Diddeleng opgeriicht fir dëst Netz weider ze verstärken. Beim Centre sportif an A Bëlleg goufen nei Bushaisercher gesat mat Solar a begrëngtem Daach. 2023 si weider 3 hei virgesinn. Sait 2019 si

mer am Gaang, déi 139 Foussgängersträife behënnertegerecht ëmzebauen an och gutt ze belichten. Dëse Prozess ass dëst Joer weidergelaf a beschäftegt eis och nach 2023. Vëlo fuere gëtt ëmmer méi beléift, an dofir setze mir eis och als LSAP staark an, fir dëser Entwécklung Rechnung ze droen. Mir hunn dëst Joer weider d'Marquagen an d'Beschëlderung verbessert an erweidert, a fieren domat och 2023 konsequent weider. Vun alle Mesuren, déi mer ëmgesat hunn huet eng sou richtig gutt gedoen, an zwar dass eise laange Kampf mam Ministère 2022 endlech Friichte gedroen huet, sou dass mer an der Rue du Parc, op der Héicht vum Lycée konnten eng Zon 30 aféieren, déi sech mat engem anere Belag an Insel vum Rescht ofhieft. Dëst setzt d'Sécherheet vun de Lycéesschüler enorm an d'Luucht. 2023 gëtt de Vëloswee Route de Luxembourg bis an d'Rue Jean Simon weidergefouert. Domat kréie mer dann eng besser Verbindung un d'national Vëlospist tëschent Diddeleng a Beetebuerg. D'Studie fir eng richtig Vëlospist an der Rue Emile Mayrisch de St. Hubert ze realiséieren ass och elo fäerdeg, so dass déi kann an d'Planung vun deem Chantier eng Kéier ka mat afléisen. A wat wierklech ganz flott ass, ass de Vëloswee duerch déi ganz Südgemengen, déi sougenannte Minnett Cycle Tour, déi 2023 opgeet. Fir eise Vël'Ok hu mer dëst Joer 20 nei Vëloen a Betrib geholl, an 2023 wäerte mer eng Rei besteeënd Statiounen reparéieren oder souguer ausbauen. Fir de Vëlo géif et nach vill ze soen, mee dat sprengt d'Rumm. Fest steet, dës Majoritéit léisst et net beim Versprieche an Planen, et gëtt och realiséiert.

Just kuerz zum SUMP, dem Nohaltegkeetsplang fir d'Mobilitéit. Dee gëtt 2023 fäerdeggestallt. Hei huet d'Politik mam Bierger iwwer de Biergerpanel aktiv zesummege schafft. Iwwert d'App-Erweiterung soen ech elo näischt, do ass den Här Claude schonn drop agaangen. Als Spriecher vun der LSAP-Fraktioun wëll ech awer dem Pit Demuth e grouss Merci ausschwätzen. De Pit ass e richtig feinen an engagéiert Mënsch op deem säi Wuert ee sech ëmmer ka verlossen. Dann zur Voirie. Dee markantste Chantier, dee mer aktuell am Gaang sinn ass jo dee vun der 3. Phas vum Shared Space an dee vum Croisement Route de Zoufftgen, Rue du Commerce an der Rue de la Libération. Dës Chantiere lafen op Héichtouren an sinn an den Delaien. Et kann ee sech och well e bësse virstellen, wéi et ongeféier wäert ausgesi wann et bis fäerdeg ass. E gutt Beispill ass hei schonn d'Frantz Kinnen-Plaz. Mir hu well de Parc Emile Mayrisch, wou

sech iwwer de Summer eng sëllege Familien ophalen. Dann d'Plaz am Duerf mat senge Commercen, Caféeen an Terrassen. An 2023 dann och nach d'Frantz Kinnen-Plaz déi dobäikënnt. Dës dräi Plaze si schéi verdeelt duerch den Zentrum, bilden e Ganzt, an dat gëtt richteg flott. Dës zwee Chantiere suergen de Moment zwar nach fir e bëssen lenger, mee wa se bis fäerdeg sinn an anenee fléissen, da gesäit een Plus-value, déi se fir Diddeleng wäerten hunn. Hei siefen nach e puer Stroossen opgezielt, déi mer 2022 vu bannen a baussen nei gemeet hunn. D'Rue Gare-Usines an en Deel vun der Rue des Minières sinn dëst Joer fäerdeg ginn. Komplette nei gemaach goufen d'Rue Jean Friedrich an d'Rue de l'Étang. Dann hu mer 2022 eng Rei nei Râclagë gemeet. Dëst an engem Deel vun der Route de Bettembourg, an der Rue des Aubépines, an der Rue des Prunelles an an der Rue Goethe. 2023 kréien d'Rue Sidney Thomas, d'Vélospist tëschent der Rue Sidney Thomas an der Rue Henri Bessemer an d'Route de Burange tëschent dem Rond-point Q8 an der Barrière an neie Râclage. 2023 starte mer mam komplette Reamenagement vun der Route de Boudersberg, e Chantier deen iwwer 7 Milliounen wäert kaschten. Dat selwecht gëllt fir d'Rue des Écoles an d'Rue de l'Indépendance, wou mat iwwer 3 Milliounen wäert zu Buch schloen. E grouse Merci och hei vun der LSAP-Fraktioun un de Mica da Silva an un de ganze Service fir hiert grousst Engagement.

Elo zum Commerce. Säit Corona, Ukrain-Krich, Energiekris an enger drastesch steigender Inflation kämpft den Einzelhandel a verschiddene Branchen nach méi ëm d'Iwwerliewen. Ech hoffen, et trëfft eise Commerce net ze haart. Well och hei ass et wéi bei Villem: Et weess ee réischt ze schätze wat een hat, wann een et bis net méi huet. Bon, ech sinn net hei fir Trübsal ze blosen, mee fir ze weisen, dass d'LSAP déi Situatioun um Marché net einfach nëmmen zur Kenntnis hält, mee sech schonns laang virun de Krisen dem Einzelhandel an dem Horeca zu Diddeleng ugeholl huet. Et ass dëser Majoritéit bewosst, dass se mat muss hëllefen, de Commerce duerch schwéier Zäiten ze manövréieren, well et deenen um Terrain net méi eleng aus eegener Kraaft geléngt. Hei niift dem Shared Space e klengen Deel vun deene Moossnamen, déi d'Gemeng ënnerhält fir eise Commerce ze stäerken. 6 Lokaler lount d'Gemeng mëttlerweil fir kënnen e gréissere Leerstand ze vermeiden, wéi dat an anere Gemenge leider de Fall ass. An dëse Lokaler kënnen Pop-uppe fir eng Zäit probéieren, ob se mat hire Produiten um Marché eng Chance hunn. Et solle sech awer och Commerce längerfristeg a sou Lokale kënnen etabléieren. Dës Lokale ginn eis d'Méiglechkeet, d'Commerce geziilt ze besetzen, ouni awer ze vill an de fräie Marché anzegräifen. Et dierf een dat Ganzt net sech selwer iwwerloossen, soss riskéiert een op eemol eng Geschäftsstrooss ze kréien, déi vläicht ze eesäiteg gëtt.

2023 verstärke mer den Animatiounsprogramm am Zentrum, fir méi Leit an Diddeleng ze zéien. Wann déi 3. Phas vum Shared Space bis fäerdeg ass erreeche mer en Attraktivitéitsniveau, dee mer bis elo sou an

Diddeleng net kannt hunn. Dëst bréngt zwar de Bierger net méi Suen an d'Täsch, mee et suergt sécher dofir, dass eng Rei Diddelenger nees méi lokal akafen. Dëst wier dann e wichtege Ausgleich. Da leeft nach ëmmer d'Campagne „Diddeleng läit mer um Häerz“, déi eise Handel ganz gutt zu Gesiicht steet. Dës Campagne soll d'Mënschlechkeet an de Service ënnersträichen, deen een zu Diddeleng am Einzelhandel erëmfënnt. Bei gréissere Manifestatiounen, wéi eise Braderien, stellt och d'Gemeng d'Parkinge gratis zur Verfügung. Vum Nohaltegkeets- a vum Chrëschtmaart profitéiert eisen Einzelhandel och. Déi Diddelenger LSAP weess, wat en attraktive Stadkär wäert ass, weess awer och ëm de Wäert vun engem staarken Einzelhandel, a béid Elementer si wichtege Etikette fir deen, dee vu bause kënn a virun allem fir d'Diddelenger a maachen eis Stad mat zu deem wat se ass. A mengen Aen déi schéinst a liewenswäertst Stad hei am Süden. Merci dem Schäfferot, dem City-Manager, der Claude Leners an och jidderengem deen heibannen d'Hand gehuewen huet an am Kontext vum Handel d'Fro gestallt huet: Wien ass dofir?

Weider geet et mam Service à l'Égalité des chances et de la non-discrimination. Dëse Service gehéiert mat zu deenen klengsten an eiser Gemeng, mee an dësem Service gëtt richteg geschafft. Hier Projekte falen de Bierger zwar net sou op wéi déi vum Service Travaux publics, mee fir deen Eenzelen, deen hei gehollef kritt de Wee ze fannen aus oft prekäre Situatiounen, fir deen ass et an deem Moment dee wichtigste Service, deen eis Gemeng huet. E Service, dee sech ëm dat Tëschemënschlecht an och ganz staark ëm d'Gläichstellung vun de Geschlechter an alle senge Formen këmmert. De Service huet 2022 eng ronn 104 verschidde Veranstaltungen organiséiert oder war do present. Wéi eis dräi Dammen dat higebéit krute bleift hiert Rezept. Ech ka just soen: Chapeau Isabelle, Sandrine a Michelle! E grouse Merci vun der LSAP-Fraktioun un lech dräi aus deem grouse klengen Service.

A last but not least bleift mer nach e puer Wuert iwwer eis Museksschoul ze soen. Eis Museksschoul wisst, wisst a wisst an huet mëttlerweil 1427 Schüler. Dat gi lo net alles Beruffsmuseker. Mee mir hu jo och eng Rei Museken an Diddeleng a ronderëm, déi sech iwwer Nowuess kënnen freeën. Eent vun deenen groussen Evenementer, deen ech wëll ernimmen niift deene sëllege Concerten an Auditiounen ass de 14. European Youth Music Festival Remix 2022 hei zu Lëtzebuerg, wou während engem Weekend 1500 Museksschüler aus allen europäesche Länner zesummen de Süde vum Land musikaalesch beräichert hunn. Bei dësem Projet war och eis Museksschoul vertrauten, huet auslännesch Partnerschoulen empfaangen a mat deene wéi mat eise Schüler op Evenementer wéi dem Festival am Fond de Gras oder bei der Cérémonie d'ouverture matgewierkt. Dëst kléngt alles flott an amüsant, mee do war eng Heedenaarbecht handendrun. A wéi den Direkter eis dovun an der Kommissioun erzielt huet, huet ee gespuert, dass et eng enorm Erausforderung war, dat Ganzt ze managen.

Ech wëll et dobäi beloossen, wat elo déi ganz Projeten ëm d'Museksschoul ugeet, wëll awer op dëser Plaz aus net mëssen, dem Bob Morhard, dem Laurent Felten souwéi dem ganze Museksschoulpersonal vun der LSAP-Fraktioun aus Merci ze soe fir dat gelongent Joer 2022. An domat wär ech mat menger Stellungnam fäerdeg a soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Här Clement fir Är Stellungnam. An da gi mer erëm op déi aner Bänk eriwwe. Här Martini.

CLAUDE MARTINI (CSV): Villmools Merci fir d'Wuert. Dann huelen ech d'Wuert elo an der schéinsten Gemeng hei aus dem Süden, wéi den Här Clement lo grad gesot huet, zum Budget 2023. Et ass lo dee 6. dee mer hunn an dee leschte fir dës Period. D'Majoritéit huet eis d'lescht Woch de Budget presentéiert fir 2023, mee awer och scho fir déi Joren doriwwer eraus, wou een e bësselche gesäit, wou mer wäerten histeieren. Viru 6 Joer wou mer ugetruede sinn, do hätte mer net geduecht, dass mer haut an enger komplizierter Liewensphas wiere wéi mer haut stinn a wéi se lo haut ass. Mir hate geduecht, et gi 6 Joer, wou mer iwwer kommunal Problemer debattéiere géifen, nei Infrastrukture bauen, Vëlosweeër, Spillplazen, Quartier NeiSchmelz, de Shared Space, dee vläicht fir déi eng awer léiwer Foussgängerzon wär a fir déi aner dann awer léiwer Shared Space oder net. A sou si mer säit 2020 vun enger Kris, vun engem Krisemodus an en anere Krisemodus gefall. Och wa mir dat net gäre sou héieren, mee et ass awer esou. Mir als Gemengeconseillere, Dir als Schäfte an och de Buergermeeschter, ech fannen dass mir méi beelaascht gi sinn a méi gefuerdert gi si wéi all déi Jore virun duerch déi Krisen, déi mer do hunn. Mir hunn eis Aarbecht als Schäfte, als Conseiller ze maachen, mee déi huet sech an de leschten 2 Joer intensivéiert. D'Leit hu vill Suergen a Problemer an et ass awer effektiv am Moment nach keen Enn ze gesinn. Inflatoun, Präisdeierecht, awer och nach ëmmer Krankheete maachen de Leit vill Suergen. Och wann et mam Covid de Moment méi liicht verleeft, ginn et awer vill Krankeschäiner, déi mussen ersat ginn. Et sinn eng ganz Rei Leit, déi mam Long-Covid ze kämpfen hunn an dat dierf een nach ëmmer net vergiessen. Mir hunn als Gesellschaft vill matgemeet an et ass eng schwéier Zäit fir d'Leit. Als Gemeng hu mir d'Responsabilitéit fir de Bien-être vun den Diddelenger. Mir mussen dofir suergen, dass d'Liewensqualitéit sou gutt wéi méiglech ass. An ech muss soen, dass mir als Gemeng Diddeleng dat Beschte maachen, dass et den Diddelenger an all deenen, wou bei eis kommen, sou gutt wéi méiglech geet. An dobäi, dat Wichtigst, mir mussen de Budget respektéieren, fir dass mer dat sou laang wéi méiglech kënnen oprecht erhalen. Dat ass an de leschte Joren a virun allem dës Joer an déi Jore wou kommen, eng ganz schwéier Aufgab.

Dobäi muss ee sech awer soen, dass et d'Krise sinn, déi eis Gesellschaft innovativ maachen an dass mir mat de Krisen och méi schnell evoluéieren. An d'Geschäftswelt ass méi komplex ginn. A mir hunn als



CSV sou gutt wéi all Projet ënnerstëtzt, deen de Geschäftler zegutt kënnt. Fir dass et der Geschäftswelt awer besser geet mussen mir méi Leit op Diddeleng kréien, déi och hie consomméieren. A mir hunn et schonns gesot a bleiwe weider drun, dass et immens wichteg ass, fir an Zukunft méi Aarbechtsplazen op Diddeleng ze kréien, déi och am Zentrum, respektiv no beim Zentrum ënnerzekeréien, fir dass dës Leit, déi hei schaffen och hei konsuméieren kënnen. Eng grouss Chance entsteet hei am Quartier NeiSchmelz, dee bis d'Plaz Fohrmann geet. Och wann ech ganz gäre mam Vëlo a mam Bus ënnerwee si mussen mer eis awer eng Kéier d'Fro stellen, ob et net awer sënnvoll wier, fir d'Geschäftswelt nach méi ze fërderen, wann de Parking Samschdes gratis wär.

Bei de Senioren. Bei der Seniorepolitik gëtt vill a gutt geschafft, mee et geet eis net wäit genuch. Ons feelen nach ëmmer Projeten, wéi Méigeneratiounenhaiser awer och Wunnstrukture fir eeler Leit. Vill eeler Leit mussen ausserhalb vun Diddeleng wunne goe wann et hei am CIPA keng Plaz méi gëtt. Sou och meng Bom, déi ech wëll als Beispill huelen, déi hei grouss ginn ass, déi éiweg hei gewunnt huet an déi keng Plaz méi zu Diddeleng krut wou et net méi gaangen ass fir eleng doheem ze wunnen. Du huet se missen aus Diddeleng erausgoen. Dat war effektiv schued fir d'Fra, an et si ganz vill eeler Leit, déi an deem Fall sinn, an ech mengen, dass mer do an Zukunft wierklech eng Schépp mussen bäileeën. Mir fanne weiderhin dass och am Senioreberäich en Outreach-Projet géif Sënn maache fir eeler Leit, déi sech vill zréckzéie méi unzeschwätzen. Mir erreechen effektiv, wann ech dat richteg verstanen hunn, just d'Leit, déi am Seniorenhaus ugemellt sinn. D'Solitude ass awer virun allem an de leschten 2 Joer nach méi grouss ginn. Och e Projet fir Familljen ze hëllefen, déi hir Kanner net an eng parascholesch Struktur ginn, kéint mat Seniore Sënn maachen. Fir z.B. d'Kanner an d'Schoul sichen ze goen, scho mol eppes ze kache bis d'Elteren dann doheem sinn. Sou kéint een aktiv géint d'Einsamkeet virbeugen, Familljen ënnerstëtzen an dës Projet kéint z.B. Active ageing genannt ginn. D'Gemeng. Do muss och weider un engem gudden Aarbechtsklima geschafft gi fir dass ons Gemengeservicer weider gutt lafen. Nëmme mat zefriddenen Aarbechter leeft de Betrib gutt.

En Audit iwwer Aarbechtsklima a Motivatioun muss reegelméisseg gemeet ginn. Zu dësem Punkt hunn ech awer näischt am Budget fonnt. An ech wollt och



mol froen, ob mir eng Rei Zertifikatiounen an Akreditatiounen maache mussen op der Gemeng fir en règle ze sinn an ze bleiwen? Dovunner hunn ech och näischt am Budget fonnt. Ech froen dat, well an anere Beräicher gëtt vill méi Valeur drop geluecht an et gëtt vill méi ugeschwat, wéi mir dat am Fong hei gemeet hunn. Dofir wollt ech gären eng Kéier eng Stellungnam vum Här Buergermeeschter hunn, wéi dat dann an Zukunft soll ausgesinn.

Bei der Mobilitéit, do hu mer am Aarbechtsgrupp vill iwwer d'Mobilité douce geschwat a mir hunn déi lescht Jore gesinn, dass mir oft mat eisen Iddie vu Ponts & Chaussées ausgebremst ginn. Awer eng Rei Ännerunge koumen, déi mir als CSV an eise Walprogramm stoen haten. Wéi z.B. och d'Zon 30 virun de Schoulen. Mir fanne weiderhin, dass et awer och e bëssen u politeschem Courage feelt fir de Vëlo an och esou d'Mobilité douce nach méi ze fërderen. Mee dofir gëtt awer de Moment ganz intensiv mat Vëlo Diddeleng zesummege schafft, wou d'Kommunikatioun ganz gutt ass an och Villes ëmgesat gëtt, wat proposéiert gëtt. Mir wäerten eis awer weider fir sécher Vëlosweeër asetzen. Ech sinn als Vëlofuerer awer och frou dass mir déi Spinning-Vëlo kréien. Dat mécht ganz einfach Spaass an dat hält fit a mir brauchen och net d'Vëloinfrastruktur op de Stroossen dofir auszubauen. De Vëlosummer. De Vëlosummer wou mir matmaachen, dee misst an eisen Aen awer weider ausgebaut ginn. Well wéi ech en eng Kéier proposéiert hunn, de Vëlosummer ass dann iwwert den August, wou vill Leit an der Vakanz sinn. Déi puer, déi hei sinn, déi profitéieren dann och dovunner, awer duerno, wann et drop ugeet, fir d'Mobilité douce ze fërderen, wann d'Schoulen uginn, fir sécher mam Vëlo an d'Schoul ze fueren, do happert ech awer ganz gewaltig, well do komme mer nämlech net méi weider. Ech hat z.B. probéiert, fir da mam Vëlo iwwert e séchere Wee vu Butschebuerg bis an de Lycée ze kommen. Dat ass awer net sou evident. Dat ass awer relativ geféierlech. An ech denken, dass et géif Sënn maachen, virun allem bei der Rentrée, Pop-up-Weeër opzeiichten oder ze zeechnen, wou ee mam Vëlo sécher an de Lycée kënnt awer och an d'Primärschoul.

Beim Transport freeë mer eis iwwert déi nei Linn vum Citybus, deen duerch d'Gaffelt fiert. Ech sinn zwar scho laang dobäi, och an der Sektoun, awer ech hat en net méi sou richtig am Kapp. An effektiv, wou ech en da sou geraumt hunn, wéi d'Monique do hannen och geraumt huet, du hunn ech dann eppes erëmfonnt

vun 2014 an du hu meng Kolleegen, den Här Gangler, d'Madame Kayser an den Här Friedrich, déi haten du effektiv e Citybus fir de Quartier Gaffelt gefrot. An deemools war d'Äntwert, den TICE seet Neen, et waren awer nach aner Saachen, déi dra waren, eng Busverbindung fir de Staatslabo an den Hela, den neie Supermarché a sou weider. Den TICE seet Neen. Mir froen e Ruffbus. D'LSAP seet Neen. Mir froen en Late-Night-Bus. D'LSAP seet Neen. Diddeleng ass déi eenzeg Gemeng am TICE-Syndikat, déi keng direkt Busverbindung an d'Stad huet. Bon, wann ech awer d'Situatioun mat haut vergläichen, sinn awer ganz vill Saachen, déi ëmgesat goufen. Wann ech mech net ieren, war dat heiten 2014? Hei si mer lo 2022, dat si gutt 8 Joer. Ech mengen, wann ee Propositionen an der Oppositoun mécht, komme se awer iergendwann eng Kéier un. An dat huet mech immens gefreet, wann ech bedenken, dass dei Saachen, déi mer dann hei proposéieren, wéi Pop-up-Weeër, Aarbechtsplazen am Zentrum a sou weider, dass dat dann awer an den nächste Jore ka gutt ëmgesat ginn, fir dass mer dann och eis Stad nach méi flott kënne gestalten.

Eppes wat keng 8 Joer gedauert huet, dat war 2017, wou ech déi éischt Proposition hei gemeet hunn iwwert d'Trottoiren an iwwert d'Foussgängerweeër, also d'Sträife fir iwwert d'Strooss ze goen. Do waren d'Trottoire relativ héich. Do hunn ech ëmmer gesot, dass een do net gutt mat der Kutsch oder mam Rollstull eropkënnt. An d'Madamm Dall'Agnol huet ëmmer gesot, mir halen eis un dat, wat mer vun ADAPT gesot kréien, dat sinn 3 Zentimeter. A wann ech awer elo haut kucken, da sinn awer iwwer 50 Zebrasträifen, déi nei gemeet goufen an elo kënnt ee super mam Rollstull erop an erof. Et kënnt een exzellent mat der Kutsch erop an erof. Also, wéi Der gesitt, et dauert net ëmmer 8 Joer, bis eppes ëmgesat gëtt. Effektiv, verschidde Saache ginn och méi schnell an et huet mech och ganz gefreet, dass dann awer sou Propositionen, déi gemeet ginn, dass déi net op daf Quere stoussen. Sou gesäit een, dass et eng konstruktiv Politik am Sënn vun der Gesellschaft ass. Mir musse weider zesummen an engem Strang zéien. An dofir ass et wichteg, dass mer sou Aarbechtsgruppe maachen, déi mer och fir de SUMP haten, fir Diddeleng weider no vir ze bréngen. Dat war meng Interventioun. Ech wënschen lech schéi Feierdeeg, an da kucke mer mol, wéi de Vott hei ausgeet.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): An der Rei Här Martini, villmools Merci fir Är Interventioun, Dir maacht et jo ganz spannend. Madame Kemp.

FRANÇOISE KEMP (CSV): Merci fir d'Wuert. Gudde Moie léiwe Buergermeeschter, léiwe Schäfferot, léif Conseilleren, léif Press. E grouse Merci dem Här Pascal Pull an de Servicer fir d'Erstelle vun dësem Budget. Dëse Budget 2023 ass dee leschte vun dëser Majoritéit, deen och erméiglecht, e Bilan ze zéien, wat gemeet ginn ass. Zur Zäit ass et e schwieereg ekonomesch Einfeld an deem mir eis befannen. Logement ass a bleift eng vun de gréisste Suerge vun de Lëtzebuerger Bierger. Ech hu mech dofir mat



de Chiffere vum Logement hei zu Diddeleng ausernee-gesat. Un de Suen, déi een ausgëtt gesäit een, wéi wichteg oder prioritär engem dee Problem ass. Zu Diddeleng si laut dem Budget 2023 3,9% virgesi fir Logement, mat den Terrainen, déi kaaft ginn. Am Vergläich huet d'Stad Lëtzebuerg méi wéi 6,8% virgesi fir Logement mat den Terrainen. Do ass also nach Sputt no uewen. Et wier flott gewiescht, gewuer ze ginn, wéi vill dës Schafferot an dëser Legislatur-period ausginn huet fir de Logement ze schafen. Et héiert ee rezent aus dem Secteur, dass eng grouss Onsécherheet um Marché ass an dass d'Promoteuren zécken, hir Projeten ëmzesetzen oder carrement hir Projeten op Äis leeën. Dofir ass meng Fro un de Schafferot, ob si e Réckgang vun den Demandé fir Baugeneemegunge gesinn? D'Handwierker maache sech Suergen ëm d'Liquiditéitsproblemer um Marché a soen, hir Carnete wiere just gefëllt bis Mëtt des Joers. Kënnt Dir en Ënnerscheid feststellen, ob Dir méi Offere kritt wéi virun engem Joer, wann eng Ausschreibung gemeet ginn ass? Kënne mir als ëffentlech Hand profitiere vum Manktem un Demandé vum private Secteur?

Fir deem Problem vum Logement bei deene Jonken entgéintzewierken wëlle mir eis asetze fir d'Iddi vu Start-up-Wunnenge fir jonk Diddelenger fir deene Jonken no hirer Ausbildung eng Chance um Logementsmarché ze ginn. Fir datt d'Diddelenger kënne zu Diddeleng wunne bleiwe si meng Fraktioun an ech der Meenung, dass dëst och soll e Projet sinn, deen zu Diddeleng soll Realitéit ginn. D'CSV begreist dofir, dass och d'Majoritéit op dee Wee matgaangen ass fir Wunraum fir Jonker ze schafen, wéi mir explizit an eisem Walprogramm stoen haten. D'Caramutas-Haus mat 10 Zëmmeren an 2 Appartementer geet schonn an déi richteg Richtung. Mee sou Projekte sollen net eenzeler bleiwen. An deem Kontext si meng Froen: Wéi eng Krittäre gi festgehalten, fir an de Genoss vu sou enger Wunne méiglechkeet ze kommen? Wéi al däerf ee sinn? Wéi laang muss een zu Diddeleng wunne fir däerfen eng Demande ze maachen? Wéi laang däerf een dra wunne bleiwen, respektiv op wéi vill Joer gëtt de Bail de location gemaach? Wat däerf ee verdénge, respektiv wéi vill muss ee bezuelen? Zousätzlech kéinte mir als Diddelenger Virreider ginn am Beräich Mehrgeneratiounenhaiser. Eis Bevëlkerung gëtt ëmmer méi al, an ass oft op sech eleng gestallt. An zum anere klëmmt de Prozentsaz vun elengsteeënde Jonker stänneg. D'Anonymitéit géint d'Gebuergeheet an enger Gemeinschaft antauschen. Mehrgeneratiounenhaiser bidden dës Méiglechkeet a beugen der Einsamkeit vir a stäerken den Zesummenhalt an der Noperschaft. Ass vläicht ugeduecht, so e Pilotprojet ze starten? Dëst bréngt mech och op meng nächst Iddi. Tiny houses op Baulücke mat Averständnis vum Proprietär ze setzen a sou zousätzleche Wunraum ze schafen. Mee net nëmmen d'Proprietäre sollen an d'Verantwortung gezu ginn, och d'Gemeng kéint Stellplaze fir Tiny houses zur Verfügung stellen.

Zum Beispill geet d'Gemeng Stroossen op dës Wee a kann eis berode bei der Ëmsetzung. Ass vläicht

ugeduecht, eng ëffentlech Campagne ze lancéieren, fir d'Proprietären ze motivéieren, Terrainen zur Verfügung ze stellen? Dat wär jo och ëmmer eng Locatioun vun Terrain op Zäit. D'CSV huet ëmmer drop higewisen, wéi wichteg et ass, Baulandreserven unzeschaffe fir kommunal Projeten ze verwerklechen. Dass dat net einfach ass mat verschiddene Proprietären eens ze ginn ass eis och bewusst. Mee grad wa mir wëllen an den abordabele respektiv soziale Wunnengsbau investéieren brauche mer Terrainen, respektiv Wunnengen. Do däerf mir net zécken ze investéieren. Et däerf ee sech awer och net verschléissen, fir mat private Promoteure konstruktiv zesummenzeschaffen. Privat geet d'Bauen eeben einfach méi schnell. Zum Beispill ass innerhalb vun 3 Joer d'Veräinshaus, respektiv de Centre St. Martin ofgerappt ginn an abordabele Wunraum geschaaft ginn. Dat war eng Initiative vum Kierchefong mat der OPD vun Diddeleng. Och eisen Office social huet do Wunnengen ugelount. Sou Pisten däerf een net aus den Ae verléieren. Logement schafen ass ee vun de groussen Problemer. D'Gemenge si gefuerdert. Mir hunn hir hei e puer Pisten opgezielt. Mir hoffen dass eis Iddien och beim Schafferot Succès hunn. Merci fir d'Nolauschteren.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Madame Kemp fir Är Interventioun. Dir hutt Är Stëmm net geschout. Da géif ech d'Wuert weiderginn un eise leschte Riedner, den Här Berettini.

WALTER BERETTINI (LSAP): Här Buergermeeschter, Kollegen a Schaffen- a Gemengerot, ech op menger Säit huele Stellung zum Tourismus, Jumelage, Sécurité publique, CIGL, Senioren, Hygiène a Propretéit.

Ech géif da mat dem Jumelage ufänken. D'Joren 2022-2021 ware schwierig Joren an net un Visiten ze denken war net ze denken. An der zoustänneger Kommissioun, déi ech d'Éier hunn ze presidéieren gouf dëst Joer d'Initiativ geholl, fir mat eise Partnerstied a Kontakt ze trieden. Vun Ufank u wollt ech schnell an onkomplizéiert de Kontakt mat eise Partnerstied erëm opliewe loossen. An enger éischter Phas waren online Treffte geplangt. Mir wollten einfach mol wëssen, wéi et hinne während der Covid-Pandemie ergaangen ass, a wéi si dës schwierig Zäit gemeeschtert hunn. Déi eng ware prett fir méi wäit ze goen. Anerer hunn op onsen nächste Schrëtt gewaart an nach anerer haten nach ëmmer mat der Pandemie ze kämpfen. Mir hunn op alle Fall net gezéckt an eis Partnerstied invitéiert, eis besichen ze kommen.

Awer mat vill Engagement vun eiser Säit. An hei sief mer erlaabt, en décke Merci un eise Sekretär vun der Kommissioun, de Christian Flamang, ze riichten. Mir hunn et awer fäerdegbruecht, dass 2 Partnerstied, an zwar Berane aus dem Montenegro a Lebork aus Polen fir d'Ouverture vun eisem Chrëschtmaart op Diddeleng zougesot haten. Leider hunn d'Frënn vu Berane missten a leschter Minutt ofsoen. Mir waren awer immens frou fir dofir eng Delegatioun mat ënner anerem dem Buergermeeschter a Sekretär mat jeeweils hire Partnerinne vu Lebork aus Polen déi lescht Woch hei zu Diddeleng ze begréissen. Et war en immens interessanten Austausch an och e soss gelongene Weekend. Mir hunn eis et natierlech net huele gelooss, hinnen déi schéinste Plazen a Projeten ze weisen déi Diddeleng ze bidden huet. Ausserdeem gouf et och interessant Gespréicher iwwer Jugend, Kultur a Sport.

Punkto Sport: eis Partnerstad Berane huet duerch d'Invitatioun, déi se leider net konnte wouerhuelen hire Kontakt tëschent eisen zwee Handballveräiner erëm opgefrëscht a wäert mam HBD am Kader vum Youth Cup zesumme plangen. Ech wëll awer transparent bleiwen a virun allem fair vis-à-vis vun de Kolleege vu Lauenburg. Si waren déi éischt, déi op eis Invitatioun geäntwert haten a si wäere schrecklech gär dobäi gewiescht, mee si hunn den 9.12. genau wéi mir hiren eegenen traditionelle Chrëschtmaart ageweit an dofir konnte se net dobäi sinn. Mat eise Partnerstied si mer verbliwven, dass mer eis am Fréijoer kuerzschléisse fir 2023 virzebereeden a konkret verschidde Projeten an Ugrëff ze huelen. Well et gëtt eppes ze feieren. D'nächst Joer sinn et nämlech 75 Joer, dass den deemolege Buergermeeschter Jengi Fohrmann dës Initiativ vum Conseil de l'Europe hei zu Diddeleng iwwerholl huet an de Jumelage an d'Liewe geruff huet. Nom Krich war erkannt ginn dass den Austausch vun den Natiounen an hire Stied a Bierger noutwenneg war a Frëndschafte gutt fir d'Demokratie am de Friden ënnert de Vëlker ass. Dat huet sech bis haut net geännert. A mir si ganz houfreg, dass vun de Stied, déi vun Ufank an dobäi waren, Lauenburg a Manom och haut nach ëmmer mat eis jumeléiert sinn.

Dir Dammen an Dir Hären, ech kommen dann zum Tourismus. Mir haten d'lescht Joer a fir dëst Joer 2022 e puer grouss Projeten ageschriwwen. Dat sinn dann ënner anerem Renovéierungsarbechten un deenen zwee fréiere Gebaier um Site NeiSchmelz. Dat souwuel de Vestiaire Wagonnage wéi och den Hall Lokomotive, déi an d'Rei gesat goufen an nach ëmmer deels ginn an déi iwwer d'Kulturjoer 2022 eraus Diddeleng erhalen bleiwen an deem neie Quartier hire besonnesche Flair wäerte ginn. De Vestiaire Wagonnage, de VEWA, deen de kreativen Zentrum vun NeiSchmelz ginn ass mat sengen Atelieren, Ausstellungen, Repair Café, Concerten. De Lokomotivatelier, deen deemnächst eng Brasserie beherbergt a wou erëm Diddelenger Béier hiergestallt gëtt. Fir déi eng ass et en nice to have. Fir mech ass et a bleift et eng exzellent touristesch Attraktioun, de sougenannte

Floater. E Gîte, deen am Kader vum Esch2022 entstanen ass an am Waasserbaseng virum Waassertuerm op Pilieren opgeriicht gouf. En nohaltege Projet, wou scho vill Leit aussergewöhnlech Iwwernuechtungen verbruecht hunn. Déi puer Echoen déi ech krut, waren all positiv. Restaurateuren an Diddeleng spillen och mat, wann et drëms geet, eppes ze bestelle fir z'iessen, souguer de Kaffi mueres ka geliwwert ginn. Mir wäerten och am Beräich Tourismus d'Visite guidéeën déi d'Leit kennen an déi och gutt genotzt ginn, weiderhin ubidden. A sou wéi et d'lescht Joer schonn de Fall war, ass fir d'Joer 2023 och virgesinn, erëm en neien aktualiséierten Depliant ze maachen fir dass d'Touriste vun no a wäit ëmmer um leschte Stand si wat hei zu Diddeleng ugebueden ass. Diddeleng ass och Member vum ORT Süden, an hei gëtt schonn un neie Projekte geschafft. Ee vun deene grouss Projeten, déi fir 2023 geplangt sinn, ass de Grand Tour de Luxembourg, en Oldtimer-Parcours duerch d'ganz Land, deen dann och eng Escalade zu Diddeleng mécht.

Betreffend d'Kommissioun vun der Sécurité publique, wou ech säit Ufank dëst Joer presidéieren, do muss ech soen, dass ech mech mol selwer hu missen domat beschäftegen, Fouss ze faassen. Am Beräich Sécurité huet sech sou munches geännert. Dëst huet der Kommissioun hire Wee net méi einfach gemaach. Mat der wichteger Ënnerstëtzung vum Sekretär vun der Kommissioun, dem Pierre Glesener, mee awer och Kolleege vum CGDIS wéi Kolleege vum Diddelenger CIS ass et ons gelongen, den 10. Oktober beim nationalen Dag vum Rauchmelder matzemaachen. Sief erwänt dass dësen Event op nationaler Eebene vum CGDIS organiséiert gouf an a verschidde grouss Geschäfte iwwert d'Land ewech Rauchmelder verdeelt goufen. Als Diddelenger Gemeng an enker Zesummenaarbecht mam CGDIS ware mir déi eenzeg am Land, souwäit ech weess, déi aktiv waren an dëst eeben ënnert der Regie an dem Impuls vun onser Kommissioun, eis un dëser Aktioun bedeelegt hunn an hei zu Diddeleng ëmgesat hunn. Net ze vergiessen, dass dës Aktioun am Kader war, och Matbierger drun ze erënneren dass ab dem 1.1.2023 Rauchmelder Pflicht sinn. Och dësen Event kann een nëmmen als e volle Succès kennzeechnen. Bannent dräi Stonne goufen op der Gemengeplaz ronn 900 Rauchmelder gratis verdeelt. Et war awer och eng selleg Informatiounen an Austausch mat den Diddelenger Bierger zustane komm. Sensibiliséierung, wat am Fong d'Zil war, huet voll a ganz gegräff. Fir 2023 steet jo schonn en net onwichtigen Event virun der Dier. Am Januar organiséiere mer mat der Police en Informatiounsabend iwwer wéi ee sech bei Abréich preventiv schützen kann. Jidderee ka mol vu sou enger Situatioun betraff ginn. Fir dass et net souwäit kënnt ass d'Police do fir gutt Rotschléi ze ginn. Generell muss ee soen, an och dat gouf eis vun der Police matgedeelt, also reng statistesch gesinn ass Diddeleng eng sécher Stad. Ma dat spiert een och, wann een am Alldag duerch Diddeleng trëppelt. Dat huet sécher och mat der gudder Liebensqualitéit ze dinn, déi een hei erëmfënnt.



Wann an deene leschte Jore vill jonk Familljen hiert neit Doheem hei zu Diddeleng fannen, dann ënners-träicht dat dat nach emol méi. Ech wëll nach e puer Wieder zum CIGL verléieren. Als Member vum Conseil d'administration ass et mer eng Freed un den Diskussiounen deelzehuelen. Hei gëtt iwwert Initiative geschwat, déi sech ëm Leit këmmere, deenen hir professionell Laufbahn à la base net ganz roseg ausgesäit an da gëtt alles gemeet, fir ze beschtméiglech ze ënnerstëtzen. De CIGL huet u sech 2 grouss wichteg Voleten. De Volet Aarbechtsbeschäftegung, voire Aktivitéit fir Leit an de Volet Hëllefstellung fir ons Diddelenger Matbierger. Am Beräich Aarbechtsbeschäftegung erméiglecht de CIGL deene Leit, déi op iergend eng Aart a Weis keng Aarbecht fonnt hunn oder hir Aarbecht verluer hunn, sech erëm an d'Aarbechtswelt zrëck ze integréieren. Parallel dozou gëtt während där Zäit net nëmmen dofir gesuergt, dass si den Dag iwwer do schaffen, mee si ginn och während där Zäit begleet, dat heescht et gëtt hinnen ënner anerem Weiterbildungsméiglechkeeten ugebueden. Dëst an der Hoffnung dass si no der Zäit beim CIGL kënnen enger fester Aarbechtsplaz nogoen oder via eng Erwuessenenausbildung e Beruff kënnen léieren.

Op där anerer Säit bidde mir onsen Diddelenger Bierger verschidden Déngschtleeschungen un, zum Beispill de Coup de main oder onse Recycler. Ausserdem ginn zum Beispill duerch de Fauchage tardif an der Zon Riedgen a Wolser oder eng Hällewull aner Entretiensaarbechte fir a mat der Gemeng gemaach. En neie Projet, deen dëst Joer ugefaangen huet ass de Second Hand Shop am STEP. De CIGL a STEP hunn dee Projet an enker Zesummenaarbecht realiséiert an dat huet nawell grouss Succès.

Dann eriwuer zum Club Senior an deem ech och am Conseil d'administration sëtzen. Et sief hei kuerz erwäant, de Club Senior bitt eng ganz Palett vun Déngschtleeschungen u fir eis Matbierger a Matbiergerinnen. De Club am schwaarze Wee oder och Senior Plus zesumme mat der Stéftung Doheem, de Flexibus, Repas sur roues wéi och den Telealarm an all déi bis dato besteeënd Initiative wäerte weiderhi bestoe bleiwen, voire verbessert gi selon les besoins. En neie Projet, deen 2022 agesat gouf, dréit definitiv seng Friichten, nämlech fir d'Digitalisatioun méi no un d'Senioren an d'Seniorinnen ze bréngen. Mat der Aktioun Internet, Tablet, Handy an dëst virun allem an Zesummenaarbecht mat dem Lycée Nic Biver an dem Jugendhaus, wou déi Jonk deene manner Jonken Hëllefstellung ginn. E voll Succès wéi gesot.

Dann zum Thema Hygiène a Propretéit. Mir hunn an der Gemengerotssitzung vum 11.11.2022 iwwert d'Offallwirtschaft an den neie Moment geschwat, fir dass ab Januar 2023 bei de Vidangé vun de Poubellen net nëmme méi wéi bis dato pro Levée berechent gëtt, mee och pro Gewicht. Mir hunn och iwwert déi verschidden Tariffer geschwat an och mat Beispiller gesinn, dass wann een d'Poubelle Déchets ménagers nëmmen da rausstellt, wa se voll ass, een um Enn dës Joers ënnert dem Stréch souguer Geld spuere

kann. Ufanks dës Joers kritt dann och all Haushalt eng kloer an detailléiert Broschür iwwer dëst neit Verfahren. Och wëll ech nach eng Kéier drop hiweisen, dass pro Dag net manner wéi 35 Gemengenaarbechter am Asaz sinn an dofir suergen, dass Diddeleng propper ass a bleift. Eent ass awer fir eis kloer, just déi Diddelenger Matbierger kënnen d'Stad zesumme propper halen. D'Propretéit an Hygiène betrëfft net nëmmen den Eenzen an och net nëmmen eis 35 Mataarbechter, mee et betrëfft ons, ons alleguer. Kommt loosst eis dat zesummen upaken!

Wéi Der also feststelle kënt si Solidaritéit, sozialen Engagement, Gerechtegkeet, Fräiheet, Integratioun, Zesummeliwen op Jonk oder manner Jonk fir eis keng eidel Wieder. Et ass genau sou, wéi mir eis eng mënschewierdeg Gesellschaft virstellen. Ob jidde Fall wäert d'LSAP, sou wéi dat scho Joerzénge de Fall war, weiderhin an dës bemierkenswäert Valeure ganz vill Zäit investéieren an och déi néideg Akzenter ëmmer erëm setze wann de Besoin do ass. Ech soen lech Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci dem Här Berettini. Domadder wär och déi lescht Stellungnam gemeet.

2. ÄNTWERTE VUM SCHÄFFEROT

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci fir Är disbezüglech Interventiounen. Ech hunn hei mat de Kolleegeinnen a Kollegen aus dem Schäfferot ofgeschwat, dass mer prett sinn och op déi verschidde Punkten anzegoen. Sou dass ech proposéieren, dass mer dat och deementspriedend géife maachen. Mir géifen da probéieren, op déi verschidde Froen, déi hei gestallt goufen ze äntweren an da wäerten d'Kolleegeinne a Kollegen aus dem Schäfferot op hir Ressorten agoen. An ech géif da vläicht ufänke mat menge Ressorten, respektiv och mat e puer méi generell Appreciatiounen. Virop mol alleguerten e ganz ganz grouss Merci, et huet een de Mueren awer erausgespuert, fir déi ganz sachlech a konstruktiv Debatt, déi mer hei hate ronderëm de Budget rectifié an de Budget initial fir d'Joer 2023. Ech wëll vun der Stad ausdrécklech hei begréissen, keen huet deen aneren hei „Topert“ vernannt. Ech mengen et ass och sou, wéi et hei sollt lafen. Et sollt een iwwert de Fong diskutéieren an awer korrekt a respektvoll an

der Form sinn. An et ass och dat, wat d'Plus-value an och d'Valeur vun engem demokrateschen Debat soll sinn.

An trotz den Nuancen, déi hei mol virbruecht goufen, fir déi eng wou et ze wäit geet, fir déi aner net wäit genuch, mee ech mengen et ass dann och um Fong wou een déi Ënnerscheeder mierkt op där enger oder där anerer Säit. Ech mierken awer summa sumarum, dass déi generell Ausrichtung, déi mer hei presentéiert hunn net integral a Fro gestallt gouf, well och d'Approchë vun deene verschiddenen Parteien hei ganz nuancéiert waren, natierlech mat verschiddenen Téin. Mee op alle Fall hu mer hei probéiert, politesch Prioritéiten an deem Budget ze setze fir och Diddeleng weiderzebréngen, respektiv och Projeten ëmzesetzen, déi Diddeleng weider op der Mapp halen als véiertgréisst Stad hei zu Lëtzebuerg. Dat war déi e bësse méi generell Remark wat d'Qualitéit vum Debat hei haut de Mueren ugeet. An nach eng Kéier, ech appreciëieren dat, dass dat hei ënnert där Form stattfonnt huet. Da vläicht eng zweet, generell Appreciatioun iwwergeuerdent iwwert d'Finanzen. Ech weess net, wien et hei am Debat gesot huet, ech hat et och d'lescht Woch gesot. Mat der Finanzpolitik gëtt ee sech och gewësse Prioritéiten, da kann een och Projeten ëmsetzen an deene verschiddene Beräicher. An déi aktuell Situatioun och fir den Initial 2023, do bleiwe mer awer, dat muss ee ganz kloer ënnersträiche finanztechnesch zolidd opgestallt.

D'Finanzsituatioun vun der Stad Diddeleng ass net hypothekéiert. Mir hunn och do nach weidere Gestaltungsraum. An och dat ass wichteg, well mer eis als véiertgréisst Stad net an där Funktioun gesinn, dass mer just hei nach Diddeleng verwalten. Dat ass sécherlech och keng Optioun. A mir wëlle weider gestalten, engersäits mat de besteeënde Projeten, déi 2023 voll zu Buch schloen.

De Prozentsaz vun neie Projeten, déi am Budget 2023 drastinn, déi effektiv méi kleng sinn, dat sinn nei besteeënd Projeten, déi hei vum Gemengerot gestëmmt goufen, déi mer 2023 ëmsetzen an déi och sécherlech engersäits dëst Joer wäerte fäerdeggestallt ginn an anerer sécherlech am Joer 2024. Wann een dann och e bëssen d'Prämissen kuckt 2017 bis 2021, do hu mer am Fong och en Haushalt hei gehat, dee mer weider konsolidéiert hunn. Mir hu jo och keen Emprunt opgeholl an d'Verschëldung vun der Stad Diddeleng ass jo och erofgaangen. Dat ass och ganz gutt sou. A grad a besseren Zäiten, Covid-Kris hin oder hir, déi 2020 zu engem gewëssen Deel zu Buch geschloen huet, och 2021. Do soll een dat jo maachen. Do soll ee jo kucken, grad an deenen Zäiten, och seng Finanzsituatioun nach ze verbessern. An ech mengen dass mer dat an der Stad Diddeleng ganz kloer och gemeet hunn.

Dat heescht, déi virsiichteg Finanzpolitik, déi ass hei weidergedroe ginn an déi Gesamtaschätzung wat d'Finanzpolitik an d'finanziell Ausrichtung vun der Stad Diddeleng ass en tant que tel, sou hunn ech et hei eraushéieren, net integral a Fro gestallt ginn.

Et ass éischer gesot ginn, dass mer hei de richtige Wee ageschloen hunn, natierlech mat deenen Nuancen, déi tëscht Majoritéit an Oppositioun mol erauskommen. Dat ass jo och an deem Sënn ganz normal. Mee integral a Fro gestallt gouf et deementspreechend jo hei och net. Dat heescht, dass déi Ausrichtung, déi hei ageschloen gouf net déi falsch ass. An dat weist jo awer och un deene sëllege Projeten, an och d'Vertrieder vun der Majoritéit an och d'Vertrieder vun der Oppositioun sinn drop agaangen, dass eng ganz Rei Projeten, déi hei vum Schäfferot presentéiert goufen och matgedroe goufen am Intérêt vun der Stad Diddeleng. Also louche mer vläicht och net sou falsch als Majoritéit, fir déi Projeten dann op d'Schinn ze setzen. Un d'Reserve goen an en Emprunt maachen, dat ass jo u sech näischt Schlechtes. Oft gëtt duergestallt, dass en Emprunt maachen eppes Negatives ass, mat eppes Negatives behaft ass. Ech fannen net. Wann ee kuckt, den Emprunt, dee mer d'lescht Joer gemeet hunn, den Emprunt dee mer fir 2023 wëllen zéien, dat gëtt eis jo och d'Méiglechkeet, den Investitiounsvolumen héich ze halen. Engersäits d'Projete fir d'Stad Diddeleng an d'Liewensqualitéit an d'Dynamik an dëser Stad weiderzedreiwen. An op där anerer Säit behale mer jo dann och d'Méiglechkeet, weider och an d'Ekonomie ze investéieren an déi mëttelstänneg Betriber. Well et si jo och déi, déi normalerweis bei deenen Appeller déi mer maachen a bei de Projeten déi mer ëmsetzen, viséiert ginn. A si sinn natierlech e ganz wichtige Pilier an eise wirtschafleche Spektrum hei zu Lëtzebuerg. Wat natierlech och d'Finanzpolitik ugeet, an ech mengen dass et do kee gréisseren Ënnerschied gëtt bei de Gemengen, och beim Staat, dat ass natierlech, wann een e Budget opstellt, dass den Initial ëmmer evoluéiert. Dofir ass och ëmmer de Rectifié e bëssen anescht, an dofir ass och ëmmer de Kont e bëssen anescht. Dat sinn am Fong dräi verschidde Momenter, bei alleguerten deenen 102 Gemengen ass dat identesch, dofir ass Diddeleng keng Ausnam. A beim Staat ass et och esou. An do léisst ee sech jo och den néidege Spott fir eng Rei vun Adaptatiounen ze maachen am Kader vun der Finanzpolitik an am Kader vun de Projeten, déi een opstellt.

Ech hu gemierkt bei verschidden Interventiounen, Manner bei deene Gréngen a bei de Lénken, awer virun allem awer bei der CSV e bëssen eng Kontradiktioun. Ech wollt dat kuerz hei opgräifen. Engersäits, an déi Aschätzung deelen ech, en Appell, dass ee besser soll oppasse bei sengen Ausgaben. Dass et engersäits méi previsibel soll sinn. An am selwechten Otemzuch sot Der selwer, dass et schwéier ass, an eng Glaskugel ze kucken, dass et grad an dësen Zäiten schwéier ass, fir besser previsibel ze sinn. Dat sinn zwee Messagen, déi net onbedéngt d'Strooss halen, obwuel déi zwou Aussoen isoléiert gesinn natierlech richtig sinn, mee an deem internationalen, europäeschen an nationale Kontext, an deem mer evoluéieren, mat där wirtschaflecher Situatioun, déi mer erliewen, mengen ech ass dat awer e bësse kontradiktöresch, well déi zwee sech zesummen net halen. Isoléiert wuel, mee zesummen net. An dofir mengen

ech, an do sinn ech och bei den Ausféierungen, déi d'LSAP gemeet huet, d'Madame Kohn, dass mer hei op eng virsiichteg Finanzpolitik setzen. Dass mer déi och konsolidéieren an ausbauen. An ech wëll awer hei och nach eng Kéier soen, dass mer bis dato och nëmmen dann en Emprunt opgeholl hu wann et néideg war. A wa mer dann een opgeholl hunn, nëmmen dee Montant, deen néideg war. Also effektiv zwou Bremsen, zwou virsiichteg Approchen, fir déi virsiichteg Finanzpolitik vun dëser Stad ëmzesetzen an déi Projeten ëmzesetzen.

An ech wëll awer hei och ënnersträichen, well dat och e puer Mol ugeklungen ass, et geet ville Gemengen an och dem Staat net anescht, dass et nach ni sou schwéier gewiescht ass fir eis Servicer insgesamt, Devisen opzestelle wéi während an no der Covid-Kris. Do ass e gewëssenen Facteur d'incertitude deen do bëikomm ass, well mer net alleguer d'Elementer maîtriséieren. Dat war virun der Covid-Kris sécherlech vill vill méi einfach. Mee mir kënnen net allegueren d'Parametere kontrolléieren, dat wär ze einfach. Do sinn eng ganz Rei Elementer, déi méi wäit wéi de lokale Kontext ginn. Nach ass et och sécherlech wichteg, eng weider Kontrollfunktoun bäizebehale vis-à-vis vun de Finanzen. Dat war e bëssen déi zweet an déi drëtt méi generell Remark an Ausriichtung, wat dës Budget an d'Toile de fond ugeet unhand vun den Diskussiounen, déi de Mueren hei stattfonnt hunn.

Ech géif vläicht dann op déi eenzel Punkten agoen, wou déi verschidde Conseillere hei drop agaange sinn, wat meng Ressourcen ugeet. Et hat opgehale mat der CSV. An d'Madame Kayser huet e puer Saaen hei gesot, dass Vertraue gutt ass a Kontroll besser ass. Ech mengen dass mer dat jo och ganz kloer maachen. Mee ech hunn och jo awer och ganz kloer gesot, dass Devisen opstellen, grad ab 2020 méi schwéier ginn ass an dat och keng Science exacte ass a ka sinn. An ass sécherlech méi einfach, den Output kënnen ausrechnen wann een och all Parametere kontrolléiere kann. Mir hu jo och grad gesinn, dass mer eng ganz Rei Projeten och nogestëmmt hunn. Deen Emprunt, wou hei gesot gëtt, dass mer deen à la va vite opgeholl hätten, vun 10 Milliounen Euro. Ech deelen déi Aschätzung net, well initial hu mer jo en toute transparence déi 30 Milliounen ageschriwwen. Herno huet den Interieur eis e Rectificatif gemaach, well mer ze vill Boni haten. Do ass deen Emprunt op 26 Milliounen erofgesat ginn. Mir hunn zu kengem Zäitpunkt gesot, dass mer deen Emprunt net bräichten. An d'fir si mer jo och higaangen, sou wéi och d'Recommandatiounen sinn an der Circulaire, dass, wann een en Emprunt ophëlt, een dee réischt am Hierscht ophëlt.

D'fir si mer jo och hei an de Gemengerot komm. An unhand vum Kont dee virlooch huet sech kloer eragestallt, dass mer net d'Integralitéit vum Emprunt bräichten opzehuelen an dass deementspreechend en Emprunt vun 10 Milliounen duerheet fir insgesamt de Budget vum Joer 2022 an den Equilibre ze bréngen nieft der Reserv déi mer geholl hu vu 4 Milliounen.

Da war sou déi Remark, dass mer oft a Situatiounen waren, wou d'Delaie géifen depasséiert ginn. Och dat kann ech net sou direkt deelen, well wa mir Projeten ëmsetzen, da befanne mir eis engersäits am Kader vum Marchés-publics-Gesetz. Do musse mer Ausschreiwunge maachen. Do ass dann déi eng Realitéit virun der Covid-Kris, dass mer vill Offeren haten. D'Realitéit déi mer elo hunn, dat hutt Der jo selwer gemierkt, ass, dass mer just eng Offer hunn an dass och deementspreechend d'Montanten depasséiert sinn. Mir ware jo och scho mol a Situatiounen, wou mer Marchéen annulléiert hunn. Dat heescht, mir beweegen eis ganz kloer am Kader vum Marchés-publics-Gesetz. Et ass dee Kader, deen eis och e Rayon d'action gëtt fir ëffentlech Projeten ëmzesetzen. An dann herno natierlech an der Ausaarbechtung, an der Exekutioun vum Projet selwer, do übe mer eis Kontrollfunktoun aus. Mee och do wësse mer, dass ab der Covid-Kris eng ganz Rei Parametere bëikomm si wat d'Maîtrise vum Chantier ugeet. Mir wëssen dass duerch déi ganz Reprise dat och besser gaangen ass, och elo déi ganz Situatioun besser ass, wär net ab Fréijoer vun dësem Joer de Krich ausgebrach, wat och en Impakt op d'Projeten huet. Dat ass hei sécherlech eng rekurrent Diskussioun déi een huet. Mir sinn natierlech net sou opgestallt wéi wann e Private säi Projet opsetzt, dee kee Marchés-publics-Gesetz ze respektéiere brauch, dee keng Ausschreiwung brauch ze maachen. An natierlech kënn een do a ganz aner Situatiounen, wat d'Delaie ugeet a punkto Exekutioun vu Projeten. An et ass och dowéinst, dass mer op de Wee gaange sinn, an déi Remark ass hei déi eng oder aner Kéier hei opkomm, oder éischer den Appell: Maacht dach Logementsprojete mat private Promoteuren. Ma grad dat si mer jo am Gaangen ze maachen. An der Rue Lenkeschleé si mer am Gaang, dat ze maachen. An der Rue Nic Bodry si mer am Gaang, dat ze maachen. Am zukünftege Quartier PAP A Bëlleg maache mir dat.

Effektiv, wann een de Projet an der Rue du Commerce kuckt, do ware mer ganz gutt an der Zäit. Déi Aarbechten hu virun der Covid-Kris ugefaangen. Do ass natierlech e kleng Retard gewiescht duerch den Impakt op de Chantier well d'Gemeng do de Bauhär war. Dann ass och déi Remark gemeet gi par rapport zu eisem Impôt commercial. Jo, ech bedauern och, dass mer als Stad Diddeleng wéineg Impôt commercial hunn. Wann ee verschidde Budgete liest vun anere Gemengen, notament déi gréisser Gemeng, déi gréisst Gemeng hei am Land, déi huet natierlech och en Deel Reserven, op déi se kann zréckgräifen. Mee déi huet natierlech och déi Chance d'Services financiers ze hunn duerch verschidde politesch Decisiounen, déi geholl goufen um nationale Plang, déi historischer Natur sinn. An d'Südgemengen au sens large hu klassesch d'Industriebetriben an et sinn net déi, déi masseg Gewënn ofwerfen fir den Impôt commercial an enger Héicht ze hunn, déi eis och am ordinäre Budget e bësse méi Sputt géif ginn. An insgesamt gesi mer och am Kader vun der Circulaire dass den Impôt commercial jo landeswäit éischer erofgeet an dat natierlech och en Impakt op de Budget vun der

Stad Diddeleng huet duerch de Verdeelungsprinzip deen en huet.

Wat Aschätzung zur Personalpolitik ugeet, do hu mer ganz kloer am Joer 2022 an och 2023 eng Brems agesat. Dat kann een hei och soen. Och well mir eis un dem Audit orientéiert hunn, dee mir gemeet hunn. Dofir hu mer dee jo och gemeet a gekuckt, wéi mer méi Synergië kënnen schafen. Op där anerer Säit mierkt een dann natierlech, dass Biennalen, dass Indexbranche, dass eng Revalorisatioun vun de Karriären, ob dat elo bei de Beamten ass oder bei eise Salariéen, natierlech op déi besteeënd Masse salariale och e gréisseren Impakt huet. An dësem Budget initial, et ass an dëser Gemeng net anescht wéi bei anere Gemengen oder wéi och am Staatsbudget, do ass natierlech déi 3. Indexbranche net virgesinn. Well mer och net wëssen, ass déi am 3. Quartal oder am 4. Quartal. Dat gesi mer dann, wann et sou wäit ass. Well een och dann déi konkret, prezis Montanten muss hu fir déi kënnen anzesetzen. An do si mer nach wäit dovunner ewech. Dann, par rapport zu deene Froe ronderëm NeiSchmelz, Schoul, Maison Relais. Do hu mer Kreditter agesat fir déi ze plangen. Well mer jo och an Diskussioun si mam Schoulministère, mat der Éducation nationale. An natierlech hu mer och weider Visiounen, wat dee ganze Volet vum Gesondheetsberäich ugeet. De Gemengerot huet dat jo hei matgestëmmt, dass déi 4. Apdikt op NeiSchmelz kënnt. Mir hunn och dee Besoin fir eng Apdikt ganz kloer un de Fonds de Logement weiderginn, deen dat och a seng Pläng am PAP mat integréiert huet.

Dir sot dat „ominéist Südspidol“, ech gesinn et net als ominéis. Et ass e staatleche Projet, wou och d’Gemengen, déi eng dezentral Gesondheetspolitik bedreiwen, an do sinn der jo eng ganz Rei am CHEM vertrueden, ganz kloer hannert deem Projet stinn. Dee gëtt jo réischt ab 2028 fäerdeg. Dat ass déi Situatioun, déi mer hunn. An un där Approche Poliklinik huet sech absolut guer näischt geännert, déi ass jo zu kengem Moment a Fro gestallt ginn. An ech hunn et am Fong net gären, wann ëmmer latent versicht gëtt an engem politeschen Discours Saaachen a Fro ze stellen, wéi wa se net méi en Acquis wäeren. Well mir hunn och vu staatlecher Säit, also säitens vum CHEM, absolut kee Message kritt, deen an déi dote Richtung géif goen. Au contraire, éischer fir d’Médecine de proximité weider dezentral ze konsolidéieren an och oprecht ze halen. Ech deelen och net déi Aschätzung dass déi nei Gemeindegebaier, respektiv de GMP an der Rue de l’Abattoir, dass dat géif schleefen, well déi Aarbechte lafen op Volltounen. D’Aarbechte si voll am Gaangen an déi kommen do ganz gutt virun. An och d’Ausschreiwung wat d’Déierenasyl ugeet ass am Gaangen. Et ass an der Prozedur, et stoung an der Zeitung. Dat heescht dass mer och do um gudde Wee sinn.

Da par rapport zu der wirtschaftlecher Entwécklung Koibestrachen. Do sinn 300.000.- € dran. Jo, well mer jo och komplett nei Momenter hunn. Dass duerch de Plan sectoriel d’Zone d’activité économique

eng national Zon ass. Dat hat nach ëmmer d’Bestriewung, eng national Zon ze ginn. Och hei den Uschäin ze ginn, dass et eng kommunal Zon sollt ginn, dat ass net richtig. Dofir ass jo och de Staatslabo dohinner komm, dat ass jo en nationale Labo, e Staatslabo. Et gëtt jo kee Sënn an enger kommunaler Zon eng national Entitéit ze hunn. Dofir war ab initio ëmmer d’Ausriichtung am Kader vun de Plans sectoriels, do eng national Zon ze hunn. Dat ass jo am Kader vum PAG deen elo agetrueden ass och en vigueur. Do sinn d’Fundamenter gesat, respektiv kann een och elo soen, an dat gëllt och fir op Helper, dass elo och Demarché si mat verschiddene Propriétaires. A vu dass et och eng national Zon ass, ass de Staat am Gaang, ee Schratt nom aneren, déi eng oder aner Propriétaires ze kontaktéiere fir Terrainen kënnen opzekafen, fir dat do kënnen weider ze entwéckelen. Dann de Volet Koibestrachen an deen aneren Deel op Helper op där anerer Säit, och do si Kontakter mat verschiddene Propriétaires fir och, lo wou de PAG a Kraaft ass, do si jo och Schéma directeurs, respektiv PAPen, déi Aussaarbechtung deementspreechend kënnen ze maachen.

Dann ass hei d’Fro gestallt gi par rapport zur Acquisitioun vun Terrainen. Et ass e puer Mol hei mentionéiert ginn. Mir setzen do ëmmer Kreditter a well, an där Situatiounen hate mer jo hei méi wéi eng Kéier, wa mer an de Gemengerot komm sinn a wa mer d’Virkaufsrecht gezunn hunn, dofir hu mer jo déi Kreditter hei ginn, wann d’Situatiounen sech presentéieren, dass mer och déi néideg Kreditter hunn, fir eist Virkaufsrecht kënnen ze zéien. Dat war par rapport zu den Ausféierunge vum der Madame Kayser. Dann deelen ech absolut d’Aschätzung vun der Madame Kohn, déi méi wéi eng Kéier ënnerstrach huet, dass mer an enger gudder Situatioun sinn, wat d’Finanzen ugeet. Dass mer net blauäueg un d’Projeten erugi wéi d’CSV dat behaupt huet. An dass mer och mat deem Emprunt, dee mer hei viraussichtlech virgesinn hu vun 40 Milliounen Euro, dass mer do de richtige Wee aschreide fir déi heite Projekte kënnen ëmzesetzen. Et ass jo och richtig ze kucken, ob mer wierklech déi 40 Milliounen Emprunt brauchen. Et ass natierlech e konsequenten Emprunt, dat huet si och gesot, fir dann déi Projeten hei ëmzesetzen, déi dëst Joer voll zu Buch schloen.

Da ginn ech iwwer op d’Froen, déi d’Madame Heinen gestallt huet par rapport zu der 4. Phas vum Shared Space. Do hu mer méi Kreditter agesat, well wa mer dat wëllen ëmsetzen och par rapport zum PAP hei op der Fohrmannsplaz, do hu mer méi missen asetze fir och méi zügeg virunzuekommen. Well mer eng Zäitchen hunn 2024 – 2025 - 2026 fir dat kënnen ëmzesetzen, well duerno och déi Aarbechte ronderëm d’Fohrmannsplaz, respektiv d’Verleeung vun der Route de Thionville, déi d’Ponts & Chaussées wäert maachen, well dann déi Aarbechte stattfannen. Mir kënnen schlecht déi zwee Projeten zesumme maachen. Dat hu mer och esou mat de staatleche Stellen ofgekläert. Et ass also d’Iddi, dat elo ze maachen. Well wann een et net elo géif maachen, da misst een

et réischt duerno maachen. Dat heescht, da si mer an enger komplett anerer Zäitschinn. Dat heescht, dat ass eng Saach vu Koordinatioun. Dofir sinn och hei méi Kreditter agesat, fir déi dote 4. Phas kënnen ëmzesetzen um Niveau vun den Etüden.

Da musse mer natierlech den Transfert maache vum Silo op NeiSchmelz. An der Acierie, do musse mer jo raus, ech hat dat hei probéiert ze erklären, well de Fonds de Logement do Aarbechte wäert ufänken. Par rapport zu Ärer Fro: Dat si mer jo am Gaang ze klären, wa mer do raus mussen, ob mer dat aalt Gebai vun de Primavera notze kënnen. Hei muss ee jo wëssen, dass dat Gebai, respektiv deen Terrain, wou dat Gebai sech befënnt, dat gehéiert der Gemeng. An et ass jo sou, dass ufanks der 90er Joren d'Gemeng dat Gebai u Primavera verlount huet, a mir dee Contrat de bail mat Primavera gekënnegt hunn, respektiv si jo och gefrot haten, fir do kënnen fortzegoen. Dat ass lo kierzlech geschitt. Mir sinn do Proprietär a brauchen also kee Loyer ze bezuelen. Mir kréien och kee Loyer. Op där anerer Säit probéiere mer natierlech mat deem kuerzen Delai déi mir haten, dat do opzefänke wat d'Depoten ugeet, déi op NeiSchmelz waren.

Dann Är Remark zum Fuerpark. Effektiv ass just ee virgesinn. Mir probéiere jo och ëmmer, engersäits eise Fuerpark ze erneieren an och ze kucken, wat mer kënnen vun Elektroautoe respektiv Elektrocamiionnettë kafen. A bei de Camionnetten, hei si jo haaptsächlech Camionnettë virgesinn, do bleiwe mer nach zimmlech limitéiert. Bei den Elektroautoen ass dat vill méi einfach an déi kafe mer dann och als Elektroautoen an. Wann et an déi méi gréisser Gefierer geet, wéi z.B. Camionnetten, do ass dat méi schwéier. Well déi jo och all Dag am Asaz sinn an eis Aarbechter an Aarbechterinnen, wa se erausfueren, drop ugewise sinn. Dofir probéiere mer do e Choix ze maachen. Wou Elektroaute Sënn maachen, do kafe mer se och. Bäi anere Gefierer, wou et net méiglech ass, do gräife mer op de konventionelle Modus iwwer.

Dann hat Dir eng Remark gemaach par rapport zum ADRenalin, par rapport zum Lycée, ech wollt dat opgräifen. Ech mengen et geet an déi selwecht Richtung mat där Ausso vun der Gare. Dir hat sécherlech alléguer d'Geleeënheet, dee schéine Video ze kucke vun där selwechter Jugendbewegung, déi virun e puer Deeg an den nationale Medie war. Ech mengen dat seet genuch aus, wéi ee mat där doten Thematik net soll ëmgoen. Et soll ee méi eng raisonéiert Approche hunn an net eng populistesch Approche par rapport zu där doter Thematik. Da par rapport zu Ärer Demande ronderëm NeiSchmelz, mat den Aarbechten déi de Fonds de Logement mécht, ob do de Skatepark muss plënnere. Neen, dee muss net plënnere. Dat heescht, do wou elo alleguer d'Rampe sinn op deem Parking, dat ka bestoe bleiwen. A par rapport zu Ärer Fro zum Reewaasserkollekter. Ech mengen do soll ee sech un eise Service technique wende fir eng Geneemegung ze kréien. Et kritt ee jo och Subsidien, och vun der Gemeng. Ech mengen Dir hat d'Demande gestallt, ob een eng Geneemegung brauch. Ech menge

wann een dat gäre wëll maachen, da soll ee sech och kënnen un eise Service wende. Dann, wat ech awer och net sou am Raum wollt stoe loossen, dat ass, wann d'Publikatiounen vun der Gemeng gemeet ginn op de soziale Medien oder „Meng Stad“, dass do d'Opposition net vill drop ass. Ech géif soen, d'Opposition ass op deene Fotoe wa se do ass. Ech mengen dass dat awer de Fall ass. Dir kënnt gäre laachen. All Kéiers wann d'Opposition do ass, da ginn d'Fotoe gemeet an Dir sidd och do, an dat gesitt Der och ganz kloer an de Publikatiounen. Mee dat wollt ech awer hei nach eng Kéier ganz kloer soen.

Par rapport zu Ärer Demande, déi effektiv net onwichtig ass, zu de Videoen, déi mer gemeet hunn iwwer déi Diddelenger Bierger mat hirem Abléck an hiert Liewen. Do hate mer en Appell gemeet op de soziale Medien an och am Bliedchen. Do haten eng ganz Rei Leit sech gemellt. Mir haten och eng Rei Sujete virginn an unhand vun de Sujeten a vun der Liewenssituatioun vun deene Leit sinn dann och déi Choix gemeet gi fir dat deementspreechend ze maachen. Op där anerer Säit war och nach Är Fro, wat de Fonds de Logement ugeet, mam Innovation Hub, wou mer Locataire sinn. De Moment ass net a Fro gestallt, dass mer do musse plënnere, respektiv dass dat dote Gebai soll ofgerappt ginn. Wat jo virgesinn ass, dass déi Start-uppen déi do sinn oder déi nächst, déi kommen, dass déi natierlech op NeiSchmelz kënnen iwwersidelen. Dass dat hei e bëssen de Virgänger ass vun deem Hub, deen op NeiSchmelz sollt kommen.

An da wollt ech nach eng generell Remark hei lassginn, dass et och geet, wann ee wëll Energiekäsche spueren. Ech wëll awer hei ënnersträichen, an de René Manderscheid wäert vläicht herno nach eng Kéier drop agoen, dass mer sécherlech am Kader vun dëser Energiekris forcéiert waren, a jidderee war dozou forcéiert, net nëmmen d'Stad Diddeleng, e bësse méi wäit ze kucken. Mee dass mer awer och do virun eng ganz Rei Projeten ëmgesat hunn, déi och hei am Gemengerot gestëmmt goufen an déi och Bestanddeel ware vum Budget, wou a Richtung Energiekäsche spuere gaange sinn. Dat wëll ech awer hei ganz kloer nach eng Kéier ënnersträichen als generell Remark. Et ka jo sinn, dass de Manderscheids René herno nach méi am Detail drop ageet.

Da ginn ech eriwier op d'Madame Erpelding, déi gesot huet, dass ee sech Zäit soll huele par rapport zum Kont. Ech hat jo viru gesot hei, den Initial, de Rectifié an de Kont, dat sinn dräi verschidde Momenter. An dësem Haus oder an dësem Gemengerot hu mer jo ëmmer eemol am Joer de Compte de gestion an de Compte administratif deen hei virläit mat Remarque vum Interieur. Also et gött kee besseren a méi transparente Moment, well et war jo en Appell hei un d'Transparenz, wéi hei am Gemengerot, an dat ass souguer eng Oblatioun, de Kont ze approvieren. Fir och Diskussiounen hei ze féieren iwwer de Kont. Ech mengen dass dat dann och dofir do ass. Ech deelen awer Är Aschätzung, an dat hunn ech och ugangs gesot, dass een nëmmen dann en Emprunt

soll huele wann néideg. Absolut. Dat probéiere mer och deementspriedend ze maachen. An ech deelen déi Aschätzung, an dofir hu mer dat och politesch sou hei festgehalen, dass mer souwuel wat den Offall a wat d'Waasser ugeet, keng Taxenerhéijung wäerte maachen. An ech sinn och bei lech, wann Der sot, dass mer d'Continuité de service musse garantéieren. Ech mengen dass dat grad a Krisenzäite immens wichteg war, déi Continuité de service kënnen ze maachen.

A wou mer manner an där selwechter Ausriichtung sinn, dat ass Är Remark, déi Dir gemeet hutt par rapport zu de Culen, dass mer do als Stad Diddeleng kee Matsproocherecht hätten. Ech menge mir sinn als Stad Diddeleng Proprietär vun der Kierch. Ech fannen dass dat awer och e ganz wichteg Patrimoine architectural ass. Net nëmmen dass et e Patrimoine religieux ass, mee och e Patrimoine architectural an eiser Gemeng, deen da jo och klasséiert ass. An et ass och wichteg, wéi bei all aner Diskussioun, déi mer hei ronderëm de Patrimoine féieren, ronderëm Patrimoine industriel notament, ronderëm Patrimoine bâti vun anere Leit. An deem hu mer eis ni verschloss, grad well mer eng Stad sinn, déi och Kultur au sens large héich hält. Dass mer dee Patrimoine hei, deen och klasséiert ass, deementspriedend valoriséieren an och ënnersträichen.

Par rapport zu deene Remarque wat de Logement ugeet, do wëll ech just hei generell soen, dass mer hei och Kreditter virgesinn hu fir engersäits an der Lëtzeburgerstrooss, respektiv an der Fontainesstrooss. Dat hat ech hei gesot, dass mer do 2 Milliounen virgesinn hu fir hei Gebaier ze kafen. Et sinn natierlech och déi Etüde ronderëm den Eecherdall, déi lafen natierlech weider, fir do abordabele Wunnraum ze maachen. Mir haten eis jo och eng Strategie ginn, do hate mer kierzlech hei eng Diskussioun am Gemengerot ronderëm de PAL. De PAL ass jo grad dofir geduecht, fir sech kënnen eng Strategie ze ginn, respektiv fir ze kucken, wéi een dat kann deklinéieren a wéi eng Prioritéiten ee sech do och ka ginn.

Da kommen ech eriwier zum Här Gangler, deen et bedenklech fonnt huet, dass mer en Emprunt ophuele vu 40 Milliounen Euro. Ech soen hei nach eng Kéier dat, wat ech schonn ugangs gesot hunn. Mir huelen nëmmen deen Emprunt op, dee mer effektiv brauchen. Dat hu mer all déi Jore virdrun och sou gemeet. Wa mer kee gebraucht hu brauche mer keen opzehuelen. A wa mer ee virgesinn hunn, dann huele mer och nëmmen dat op, wat mer brauchen. An do alignéiere mer eis och par rapport zu där Circulaire, déi deementspriedend komm ass. Dann eng pertinent Remark, déi Dir gemeet hutt, dat ass par rapport zum Dialogue compétitif. Ech mengen Dir hutt lech och selwer d'Äntwert ginn an Är Froestellung. Engersäits dass den Dialogue compétitif nëmme da Sënn mécht wann een och weess, dass genuch Offeren do leie wann een déi ëffentlech Ausschreiwung mécht. Or si mer wäit ewech dovun an der aktueller Situatioun. An awer ass d'Gesetzgebung iwwert d'Marchés

publics och sou formuléiert, dass een op den Dialogue compétitif soll zréckgräifen, wann ee virun zimmlech komplexe Projeten ass. Och dat ass eng Konditioun fir op den Dialogue compétitif zréckzegräifen. Bon, de Moment si mer éischer an enger Situatioun, wou mer den Offeren nolafe wëlte fir och besser Vergläicher kënnen ze maachen, wat déi verschidde Präispolitik och ass vun där enger oder aner Offer, déi mer virleien hunn. Wann ee just eng Offer virleien huet, da muss ech soen, dann hëlleft och den Dialogue compétitif net vill.

Ech mengen Dir hutt lech och schonn d'Äntwert gi par rapport zu engem Paradigmewiessel par rapport zu verschidde Projeten, wou een dann och kéint Veräiner mat abannen. Dir hutt lech selwer d'Äntwert ginn, dass eng Stad Lëtzebuerg, déi sech finanziell anescht steet wéi d'Stad Diddeleng, déi vläicht och Veräiner huet, déi méi betuucht sinn, dat ka sinn. Ech wëll awer och net an eng Situatioun kommen, wou een de Veräiner, déi am Benevolat täteg sinn och nach eng zousätzlech Responsabilitéit wëll opdrummen am Kader vun der Ëmsetzung vu Projeten. Et dierf een net vergiessen, dass awer Veräiner, egal a wéi enger Situatioun dass se sinn, awer nach ëmmer am Benevolat fonctionéieren. An ech mengen dass, wann ee Projeten ëmsetzt, entweder, wann e Veräin déi Decisioun hält, selwer wëllen e Projet ëmsetzen, dass een et entweder subsidiéiert. Mee d'Gemeng soll sech do net suppleéieren. Respektiv wann d'Gemeng e Projet ëmsetzt, da soll se natierlech och de Veräin mat bäihuelen an där Beispiller ginn et jo eng Rei, déi mer och hei an der Stad Diddeleng ëmgebaut hunn. Stéchwuert Déierenasyl, respektiv Flegestatioun fir Wëlldéieren.

Dann nach eng generell Remark, well dat och gefrot ginn ass iwwert d'Finanzen, firwat mer beim Déifbau keng Subside ginn. Dat ass de Prinzip. Iwwer dee Prinzip kann een natierlech och mat de staatlechen Instanzen diskutéieren. Mee de Prinzip ass, alles wat Déifbau ass, do kréie mer keng Subsidien beim Commerce. Beim Shared Space do kréie mer jo Subsidien, well mer Subside kréie fir d'Konzept, fir d'Ëmgestaltung vum Shared Space. Do kréie mer vum Interieur Subsidien a vum FEDER, also europäesch Subsidiegelder. Mee dat ass fir de gesamte Projet. Dat ass awer nëmme fir dat wat de ganzen Amenagement uewen ugeet. Alles wat d'Kanalisation ugeet, dat fléisst do net dran eran. Mee mir hunn och fir de gesamte Projet Subside kritt. Dann, par rapport zu der Konvention, déi mer hu mat der Kierchefabrik. Ech hat de Moment net ugeduecht, dass mer do lo onbedéngt en Avenant wëlte maache wat deen dote Prinzip ugeet mat de Käschten. Mir waren eis do eens, dass mer dat géifen deckelen an à ce stade ass lo weider keng Demande komm. Mee ech menge mir sollen eis awer hei och un déi Konventionen halen, déi mer am bilateral ofgemaach hunn.

Da par rapport zu Är Demande zu de Büro vum de mobile Portieren. Et ass jo sou, dass déi de Moment hir Büroun op NeiSchmelz hunn. Wann d'Aarbechte

lassgi mussen och si plënnere. An och do ass dann eppes virgesinn, e Modulbau, wou och d'Conciergerie mobile ka maachen.

Da par rapport zu Ärer leschter Fro, d'Tounopzeechnung, déi hei ëmmer gemeet gëtt. Et ass jo sou, dass mer jo wëlles haten, dat war nach virun der Covid-Kris, dass mer op fest Material géifen zrëckgräifen, net méi op mobil Material. Während der ganzer Covid-Kris an doriwwer eraus war dat net méiglech, do hu mer jo och probéiert, d'Unzuel vun de Leit, souwuel am Centre culturel wéi och hei ze limitéieren. Mir hu lo Kreditter virgesi fir eng fest Installatioun ze maachen. An effektiv ass et elo och sou, dass wann de Gemengerot och den néidege Budget gëtt, dass mer dann och do déi Bestellungen kënne maache fir fest Installatiounen hei am Sall kënne ze maache fir dann och eng Videoiwwerdroung ze maachen. Mir wëssen dass dat duerch déi ganz Covid-Kris net méiglech war. Par rapport zu den Ausféierunge vum Här Claude, dass dëse Budget zukunftsorientéiert ass. Deem kann ech nëmmen zoustëmme well en och maassgeblech hei Projeten huet déi ëmgesat ginn, déi ganz wichteg si fir Diddeleng. An ech hat och probéiert d'lescht Woch an der Budgets-presentatioun, op déi verschidde Projeten anzegoen, déi wierklech an deene verschiddene Ressorten Diddeleng wäerte wäitgoend markéieren.

Da ginn ech eriwwer op d'Ausféierunge vun der Maddam Ahmedova. Si hätt sech erhofft, dass mer méi generéis Montanten an de Budget gesat hätte fir de Bausecteur ze ënnerstëtzen a fir d'Leit ze ënnerstëtzen. A meng Äntwert drop kann nëmme sinn: Dir gesitt dass mer 61,6 Milliounen wëllen investéieren, dass mer en Emprunt ophuele vu 40 Milliounen Euro. Dir hutt jo och eraushéieren, wéi eng Projeten dass mer gär dëst Joer wëllen ëmsetzen. Sinn dat keng Projeten, stellen ech lech hei d'Fro, déi de Bausecteur ënnerstëtzen? Sinn dat keng Projeten, déi d'Leit ënnerstëtzen, notament eis jonk Leit hei zu Diddeleng, wa mer an eis Schoulinfrastrukturen investéieren? A weider an eis Maison Relaisen? A respektiv an eis Veräiner? Ech mengen dass dat, an och d'Logementsprojeten déi mer maachen, ganz kloer Projete sinn, wou mer d'Leit ënnerstëtzen. Ausser Dir wéilt nach méi generéis Montanten. Da musst Der eis awer och kloer soe wéi vill. An och wéi vill Emprunten Der der Meenung wiert, dass mer sollen ophuele par rapport zu der aktueller Situatioun, wou mer lo sinn. Well méi e generéise Montant heescht jo dann och méi finanziell Belaaschtung fir d'Stad Diddeleng. An dovunner hunn ech awer elo näischt eraushéieren, ech hu just héieren, méi e generéise Montant. Ass dat elo 63 Milliounen oder 80, 90 oder 100 Milliounen Euro vun Depensen am extraordinäre Beräich? Mee mat der Konsequenz, dass dat natierlech och en Impakt huet op d'Emprunten, respektiv op d'Dépenses ordinaires, well da jo och d'Annuitéiten am ordinäre Beräich deementspreechend eropginn. Dat awer als Remark par rapport zu Ärem Appell, deen Dir hei gemeet hutt.

Dann natierlech déi ganz Ausféierungen, déi Dir gemeet hutt par rapport zu nei Pisten exploréieren. Ech mengen dat si mer och am Gaang mat eise Servicer ze maachen. D'Iwwerleeung Terrainen iwwer Emphyteos zur Verfügung ze stellen, jo. Natierlech muss do dann och de Proprietär, wann een dee kontaktéiert, och mat op de Wee goe fir dat kënne ze maachen. Ech weess dass eng Rei Gemengen an och d'Stad Diddeleng am Gaang sinn, dat ze iwwerpräiwen. An ech muss och soen, dass dat éischter rezent Diskussioun sinn, déi elo stattfannen an déi een net soll ausschléisse fir och fir eng temporär Notzung e Modulbau ze maachen. An natierlech sinn dat Reflexiounen, déi een net soll ausser Uecht loossen.

Ech mengen dass et sécherlech och net oninteressant ass, a verschidde Promoteure maachen dat am Kader vun hire PAPen, dass se och Plazen ausweisen, déi zu enger Liewensqualitét kënne bäidroen. Dat ass natierlech keng Obligatioun, mee et sinn awer eng ganz Rei Promoteuren an Architekten, déi awer och vermehrt, an dat mierkt een och a PAPen, déi presentéiert ginn, déi vermehrt drop setzen.

A wann ech hei Ären Appell héieren, fir generell méi Urban gardening ze maachen, da muss ech soen, mir hunn Urban gardening op NeiSchmelz, mee wann e schwätzt vun Urban gardening, da muss ee sech natierlech och bewosst sinn, dass dat och mat sech bréngt, dass och d'Biergerinnen a d'Bierger matzéien. Urban gardening ze maachen, wou dann d'Gemeng d'Initiativ hëlt, ass alles schéin a gutt, mee mer brauchen och d'Implikatioun vun de Biergerinnen a Bierger. An ech kann lech awer hei soen aus den Erfahrungswäerter, déi mer gemaach hunn am Quartier NeiSchmelz mat de Biergerinnen a Bierger aus dem Schmelzer Quartier an dem Quartier Italien. Deelweis klappt dat, deelweis klappt dat och net. Et ass ëmmer gutt a flott wann ee seet Urban gardening. Et ass jo och eng flott Initiativ, an et ass och flott wann dat um Liewe gehale gëtt. Nach mengen ech ass et och wichteg, dass och d'Biergerinnen a Bierger sech mat implizéieren an dat och um Liewen halen. Well soss bréngt et net vill Wäert, wann d'Gemeng dat selwer um Liewen hält. Et ass och wichteg, dass et dee richtegen Driff da kritt. Voilà. Dat nach dozou.

Da par rapport zu den Ausféierungen, déi den Här Clement gemeet huet, an ech komme sou lues zum Schluss. Ech mengen dass mer eis eens sinn, dass mer probéieren, sou vill wéi méiglech Efforten an déi néideg Efforten ze maachen, wann et drëms geet, fir d'Geschäftswelt ze stäerken. Mir soen awer och ëmmer dass et eng gesond Limit gëtt, well d'ëffentlech Hand net alles ka maachen. An dofir ass et a mengen Aen och nach ëmmer wichteg, dass och déi Privathand sech mat implizéiert, ob dat e Kollektiv ass vu Geschäftsleit oder en eenzele Geschäftsmann, Geschäftsfra. Och si mussen zesumme mat der Gemeng un engem Strang zéie wa mer gäre weider wëllen eis Geschäftswelt stäerken. Well och d'Geschäftswelt d'Réckgrad vun enger Stad ass.

Par rapport zu den Ausféierunge vum Här Martini, dass et wichteg wär, méi Aarbechtsplazen ze scha-

fen. Jo, ech mengen och dass eng Rei Initiative gelaf si fir dat ze maachen. Den Innovatioun Hub ass een Deel dovunner. Um Greisendall ass eng Antenn vu PwC, do sinn ëm déi 70 Leit, déi do schaffen. Dat sinn nei Aarbechtsplazen, déi um Territoire vun der Stad Diddeleng kreéiert goufen, wat ganz positiv ass. Op den Industriezonen hutt Der jo och héieren, dass nei Aarbechtsplaze geschaaft gi mat nei Betriber, déi sech och usidelen, Industriebetriber. Déi awer och an der Recherche an an der Wëssenschaft tätég sinn. Och dat ass ganz positiv fir d'Stad Diddeleng. Dann hutt Der d'Fro gestallt, ob et Zertifikatiounen oder Akkreditatiounen ginn. Et kann een de Privatsektor, de Gesondheessektor net eent zu eent mam ëffentlechen Sektor vergläichen. Mir hunn also keng ISO9000 Akkreditatiounen an Zertifikatiounen an der Fonctioun publique, dat gëtt et do net. Ech weess natierlech, dass et dat am Gesondheessektor gëtt, dass et dat am Privatsektor gëtt. Mir sinn hei an der Fonctioun publique, Staat, Gemengen. Am Kader vun der Fonctioun publique gouf et Akkreditatiounen, Approchen, quitt dass dat elo ofgeschaaft gouf, well et och an der Kritik war, de sougenannte Bewäertungssystem um Niveau vun der Fonctioun publique. Mee Dir hutt jo matkritt, dass am Kader vum rezenten Accord salarial dat elo och wäert ofgeschaaft ginn. Souwuel an der Fonctioun publique wou klassesch un de Staat geduecht, gëtt, mee wat awer och Repressiounen huet am Gemengesektor.

Dann, par rapport zu den Ausféierunge vun der Madame Kemp. Ech mierken de Moment net, dass mer e risegrouse Réckgang hu wat d'Baugeneemegungen ugeet. Et mierkt ee bei de Privatleit, déi déi ufroen, dass der awer nach zimmlech vill ënnerschriwwen ginn. Also mengen ech do ass et éischter stabil. Och wéi déi ekonomesch Reprise war goufen och eng ganz Rei erëm ugefrot. An Dir hutt lech do och selwer d'Äntwert gi bei den Ausschreiwungen, dass mer ëmmer méi an der Situatioun sinn, wou mer just eng Offer hunn. Och hei kann ech mer et awer net verknäifen ze soen, dass Der begreist, dass mer e Projet maache fir Jonker an der Rue du Commerce. An dat war och eng Demande vun der CSV. Et war och ëmmer fir dës Majoritéit wichteg, dass wa mer Wunnraum schafen, dass mer och Wunnraum fir déi Jonk schafen. Dir begreist dat. Mir begreissen dat och. Dat ass och ganz gutt a ganz wichteg. Ech wollt awer hei nach eng Kéier ënnersträichen dass, wat de Projet Rue du Commerce ugeet, d'CSV net fir Logementer war. D'CSV war fir Bürofläch. Grad eeben an enger Situatioun wou awer d'Logementskris do ass, ass et mengen ech awer wichteg, dass mer dëse Projet zesummen ëmgesat hunn an dass mer do lo dann e Projet hu fir Jonker. Mee mir haten hei an dësem Gemengerot verschidden Ausriichtunge wat dëse Projet ugeet. Mee ech mengen dass mer lo hei flotte Wunnengsraum geschaaft hunn, abordabele Wunnengsraum fir Jonker, déi a prekäre Situatiounen sinn.

Är Demande och fir Tiny Houses. Och do muss ee soen, dass dat jo net vun haut op muer zu Stroossen ëmgesat gëtt. Well och d'Stroossener Gemeng

muss hir Adaptatioun, hir Reglementatioun, hire PAG änneren, fir dat kënnen ze maachen. Et ass sou eriwierkomm, wéi wann dat muer kéint lassgoen, wann een e bëssen d'Press gelies huet. Wéi gesot, hei si se am Gaang, hir Reglementer unzepassen. Dee Projet an och Emphyteos, ech mengen dass dat Saache sinn, déi ee sollt vermehrt oudenken. Och bei der Emphyteos, als ëffentlechen Acteur ass dat sécherlech méi einfach. E Privaten dozou ze beweegen, seng Terraine fir eng gewëssen Zäit als Emphyteos zu Verfügung ze stellen. De Moment, dee Kader dee mer hunn, ass natierlech eng Diskussioun wäert. Well da muss jo och de Privatmann, d'Privatfra op de Wee goen, fir dat ze maachen an net op de Wee goe fir an där Iwwerleeung ze bleiwen, Proprietär Mordikus ze bleiwen an net wëllen ze verkafen, mee och aner Weeër anzeschloen. Ech mengen dass och do eng gewëssen Iwwerzeegungsarbecht néideg ass an dass sécherlech och do déi ganz Diskussioun ronderëm Baulandreserven, mat notament ob dat elo Mobilisatiouns- oder Spekulationssteuer ass. Ech mengen dass dat sécherlech Elementer sinn, déi dat doten och méi zum Droe kënnen bréngen. An ofschléissend Pisten ze préiwe fir mat Privatdréier, Privatpromoteuren, Dir hutt hei d'Kierchefabrik genannt, fir mat deene Projeten ëmzesetzen. Ech hat uganks gesot, dat maache mer jo. Lenkeschléi, Nic Bodry, A Bëlleg, dat si jo Projeten, wou mer mat Privatpromoteuren abordabele Wunnraum schafen. Also mir probéieren do sou vill Piste wéi méiglech ëmzesetzen. Ech hat probéiert, op déi verschidde Punkten anzegoe wat meng Ressourcen ugeet. An da géif ech lo hei d'Wuert weiderginn un de Loris Spina. Merci.

LORIS SPINA (LSAP – SCHÄFFEN): Jo Merci fir d'Wuert Här Buergermeeschter, ech géif da mam Sport ufänken, well do déi meeschte Bemierkungen an Interventiounen komm sinn, wat meng Beräicher ubelaangt. Jo Madame Kayser, ech kann lech berouegen, effektiv ass eis och vill dru geleeën, dass mer owes eis Luuchten ausmaache wann eis Infrastrukturen net méi benotzt ginn. An dofir hu mer jo och ënner anere eng Conciergerie mobile, déi do am Asaz ass. An dat net nëmme säit dësem Joer. A wann et mol eng Kéier sollt virkommen, dass eng Luucht vergiess ginn ass, da sot einfach den Dag drop dem Service des sports Bescheid an da kucke mer dass dat net méi virkënnt.

D'Spinning-Vëloen, dat war och eng Fro an e Sujet vun der Madame Heinen. Do muss ee lo kucken, wéi vill et der am Endeffekt gi mat deem Budget. 14, 15 Spinning-Vëloer wëlle mer do kafen, well, mir hunn et och scho vun anere Plazen hei héieren, dat ass e Sport, dee scho méi laang am Trend ass an och do eng grouss Demande ass. An do kann een herno, änlech wéi bei anere Coursen, déi mir ubidden als Service des sports sech umellen an eng gewësse Cotisatioun bezuelen an dann do matmaachen. An eis Veräiner kënnen awer och déi Vëloen zur Verfügung gestallt kréie fir zum Beispill, wann elo een eng Verletzung huet, deen awer wëll erëm e bëssen am Cardio-Beräich schaffen ouni dat eent oder dat anert ze vill ze



belaaschten, da kann een natierlech och op déi dote Vëloen zréckgräifen. Jo, d'Kommunikatioun ronderëm de Sport. Do wou vill lass ass, do wou vill gemeet gëtt ass et och ëmmer schwéier alles ofzedecken. Mir probéieren dat mat eisem Service de communication, Relations publique an eisem Service des sports sou gutt wéi et geet ze maachen. Am schlëmmste Fall, dem Service des sports uruffen, dat geet ëmmer. Also wann een iergendwou eng Info brauch, dofir sinn déi jo och do. Et ass awer elo net sou, dass et katastrophal wier, well soss géif déi ganz Sportswelt hei zu Diddeleng net sou gutt fonctionéieren.

Babyschwammen. Jo, och do ass d'Demande grouss wéi bei Villem. En plus ass lo am Moment eng Schwämm ewechgefall. Dat wësse mer jo, dass de Strutzbierg nei opgebaut gëtt. A fir dann eeben eis Schoulen, d'École fondamentale, de Lycée, eis Veräiner, de Public an déi sëllege Coursen ënnerdaach ze kréien, da gëtt et iergendwann e bëssen enk. Ech mengen dat läit op der Hand.

Ech wëll och dem Här Claude fir, wéi en dat genannt huet, seng leschte Budgetsinterventioun, Merci soen, well hien et och haut erëm fäerdegbruecht huet, a senger flotter an dynamescher Aart a Weis en Iwwerschlag ze maachen, wat hei zu Diddeleng am Sport ugebuede gëtt. Net nëmmen am Sport. Mee ech si jo hei am Sportsberäich ënnerwee. An dat huet hien erëm ganz analytesch a virun allem ënnerstëtzend gemaach. An hien huet och erëm drop higewisen, dass d'Infrastrukturen op engem gudden Niveau sinn an do reegelméisseg muss investéiert ginn, wat mer och maachen. A ganz wichteg: dat fënnt ëmmer statt am Austausch mat de Veräiner. Och dat ass eng Zort vu Valorisation vum Benevolat an och eng Ënnerstëtzung.

Am sportleche Fairplay war den Här Friedrich haut och ënnerwee. Hien huet ganz vill gelueft, wat de Service des sports ubitt an och wat d'Gemeng am Kader vum Sport mécht. Dat erfreet eis ganz vill. E konkreten Timing Kennedy an och ronderëm de Meyer, dat ass schwierig. Well wann ech lech elo hei en Datum soen an deem Datum kann net agehale ginn, da kréie mer déi Delaien herno ënnert d'Nues geriwwen. An dofir, mir wëssen et, et sinn engersäits ganz komplex Projete mat ville bekannten Onbekannte géing ech soen. Dofir géing ech mech lo hei hidden, en Timing ze soen. Mee et gëtt weider dru geschafft. Dofir sinn och déi Etüdschäschte virgesinn.

Kultur: Jo Merci fir déi ganz léif Ënnerstëtzung, déi mer op alle Bänke kritt hunn. Dee Message ass och scho weiderginn un eise Service. Mir haten effektiv e ganz ustrengend, schwierig awer och flott Joer hannert eis. Den USINA, deem hale mer bäi, well dat war e super Erfolleg op deem herrleche Site. Och wa mer de Budget do ugepasst hunn zu deenen aktuelle Situatiounen, déi mer kennen. Dofir ass deem ofgespeckt ginn. Nichtsdestotrotz erwaart eis do e ganz flotten a spannende Programm, dee mer an engem knappe Mount och wäerten offiziell maachen. An den USINA an de Floater sinn dann nach e bëssen d'Über-

bleibsel vun Esch2022. Eng Kulturkommissioun, déi ganz gutt geleet gëtt vum Martine Kohn, déi eis och haut de Moien e flotten Iwwerschlag gemaach huet, wat kulturell hei zu Diddeleng alles ugebuede ginn ass. A virun allem d'Ënnerstëtzung vun de lëtzeburgergescher Kulturzeen ass eis wichteg. Dofir stelle mer déi sëlleg Bühnen an och Galerien zur Verfügung, fir dass si sech kënne weiderentwéckelen an engem breede Publikum weisen.

D'Fête de la musique an den Zeltik hat d'Madame Heinen festgestallt, ass méi deier ginn. Dat hat ech effektiv och schonn erwäant. De Celtic gëtt jo d'nächst Joer op 2 Deeg ausgebaut. Dat ass da meeschtens méi deier, wéi wann een et just 1 Dag mécht. An am allgemenge muss ee soen, dass virun allem de Personalmangel an deem Beräich vun Eventtechnik ronderëm d'Kultur an an der post-Covid-Tendenz, gekoppelt mat der Energiekris an där mir eis befannen, do am allgemengen Haussen erëmfanne sinn wat sech notament bei der Organisatioun vun der Fête de la musique, well dat sou e groussen Event ass, leider erëmfënnt. Nichtsdestotrotz freeë mer eis op eng flott 30. Editioun.

De participative Biergerbedeelegungsprozess ass zu Diddeleng säit Jore lancéiert an do si mer, wéi och d'Madame Kohn gesot huet, mat der Uni ganz gutt ënnerwee, wou och hien analytesche Réckbléck och ëmmer ganz positiv ass mat de konkrete Verbesserungsverschléi, déi mer dann och ëmmer probéieren ëmzesetzen. Deementspriedend kann ech der Madame Erpelding net Recht gi wa se seet, mir géife just kleng Efforte maachen. Also kleng Efforten ass definitiv eppes Anescht. Ech géif lo gäre wëssen, wéi eng Gemeng hei zu Lëtzebuerg méi mécht an deem dote Kader. Nichtsdestotrotz si mir iwwerzeegt, dass mir eis do nach wëlle weiderentwéckelen. Et ass en neie Moment fir Lëtzebuerg an och fir Diddeleng. A mir sinn natierlech oppen, fir eis do nach kënne weiderzëentwéckelen. De Budget participatif mat 25 Projeten déi agereecht goufen, do kann een net soen, dass d'Kommunikatioun do ronderëm schlecht war, soss hätte mer net fir déi éischt Editioun sou vill positive Feedback kritt. An elo si mer mol gespaant, wat déi Diddelengerinnen an Diddelenger wielen.

Summer Spill a Spaass. Effektiv, am Libellé steet nach de Kennedy. Ech hat et a menger Interventioun gesot, mir hoffen dass mer do op dee gewinnste Modus kënne zréckgräife wann dat dann och an der



Le'h méiglech ass. Mir hoffen dass d'Eichenprozessionsraupen eis kee Stréck duerch déi dote Rechnung maachen, soss musse mer eeben op Kennedy oder änlech auswäichen.

De Sweet Festival. Ech hoffen, dass net nëmmen den Zännokter sech drop fret. Effektiv huet dat mat Séissegkeeten ze dinn. Do probéiere mer dann iwwert 2 Deeg e Foodtruck-Festival awer just mam Séissem op d'Been ze setze wat jo dann och eis Leit soll erfreeën an hinnen zu gudder Laun verhëllefen. Da géif ech ofschléissend lech all Merci soe fir déi dach korrekt Interventiounen. Mir hu virun e puer Wochen en Charte du respect et du vivre ensemble gewielt, gestëmmt an ënnerschriwwen. An deementspriedend waren och d'Interventiounen haut de Moien. Dat huet mech extreemst gefreet. Och wann do déi eng oder déi aner méi kritesch oder konkret Verbesserungsverschléi dobäi waren. Dat ass legitim. Da bleift mer nach just ze soen: Bleift gesond a genéisst déi schéi Feierdeeg an da gesi mer eis jo dann d'nächst Woch an d'nächst Joer erëm. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci dem Loris Spina fir seng Interventioun, an da ginn ech d'Wuert weider hei un de René Manderscheid.

RENÉ MANDERSCHIED (LSAP – SCHÄFFEN): Merci Här Buergermeeschter, ech ka mech beschränken op déi puer Froen, déi mer gestallt gi sinn. Ech stellen nämlech mat Freed fest, dass d'Beräicher Senioren, Hygiène, Gas, Waasser, Kanalisatioun, Égalité des chances, dass mer do mat ganz doucen Nuanzen alleguer darselwechter Meenung sinn. Ausser beim Thema Waasserpräis. Mee dat klammern ech awer hei aus, dat géif ze wäit féiere fir do in extenso driwwer ze diskutéieren. Mee wéi gesot, bei all deene Ressorte si mer enger Meenung, ausser de Waasserpräis. Dann déi Froen déi gestallt gi sinn am Kader vun Affaires sociales, Emploi, Environnement, Energie a Protection de la nature, do géif ech dann och ganz konkret op déi Froen äntweren.

Et ass gefrot gi beim Logement, ob déi Haiser déi mer wëlles hunn ze kafen d'nächst Joer Unifamiliale sinn? Dat ass richtig, dat sinn Eefamilljenhaiser. An et ass och am Kader vum Logement gefrot gi wéi d'Konditiounen sinn, wéi de Logement pour jeunes hei an der Commercestrooss, wat fir eng Konditiounen et do ginn. Bon, fir d'éischt emol wëll ech bemerken,

dass mer eist Reglement nach net vum Ministère validéiert kritt hunn. Awer d'Eckpunkten, wéi ee ka sou eng Wunneng kréien, dat ass ganz kloer. Dat si Jugendlecher tëschent 18 an 30 Joer, déi kréien e Bail à loyer bis Maximum 3 Joer. Oder et ass éischer eng Mise à disposition, dat ass éischer richtig, bis 3 Joer. An de Loyer, do hu mer mol wëlles +/- 300.- Euro ze froen, an déi Leit sollen awer och alleguer eng gereegelt Aarbecht hunn, respektiv e gereegelte Revenu hunn a Schwierigkeeten hunn, eng Wunneng um normale Marché ze fannen. Dat sinn op jidde Fall mol d'Eckpunkte vum deem Reglement.

Dann ass nach gefrot gi bei Solidaritéit nom Cent-Buttek. D'Gemeng Diddeleng an d'Gemeng Beeteburg, mir deelen eis scho säit Besteeë vum Cent-Buttek de Loyer vun 18.000.- €, respektiv am Ganzen ass et da 36.000.- €. Déi bezuele mer reegelméisseg. Et ass och sou, dass mer hinnen dëst Joer nach en extra Subsid ginn hu vun 2.500.- € well se sech jo 2 nei Camionen ugeschafft hu mat engem Frigo. Et ass och esou dass mer hinnen eng Annonce vun enger ganzer Säit am Bliedche spendéiert hunn. An och nei ass, dass vun dësem Joer un hir Camionnetten net méi an enger professioneller Waschanlag gewäsch ginn, wou se musse bezuelen, mee d'Gemeng Diddeleng kënnt dann à charge fir d'Botze vun deene Camionnetten. An et ass och sou, dass et op Initiativ vun der Gemeng Diddeleng ass, dass mer eemol am Joer eis zesummen treffen hei an der Gemeng zu Diddeleng. Déi Partnergemengen, déi mam Cent-Buttek zesumme schaffen also déi Office sociale vun deene verschiddene Gemengen, mir treffen eis eemol am Joer, an da maache si eis de Bilan. A mir kucken och do, wa si eng Demande hunn, wéi ee kann dann deene Leit hëllefen a konkret, wat se brauchen.

Dann ass och nach geschwat gi bei deen Grénge vun, déi Iddien hunn ech mer all notéiert, PV-Anlagen, Kooperativen, Personal, Baumpatenschaften, Repair Café und und und. Zwou konkret Froen hunn ech mer awer zréckbehalen, dräi souguer. Dat ass dat mat der PV-Anlag um Hartmann. Deemools wéi den Hartmann gebaut ginn ass hu mer eng Anlag gebaut, déi net méi staark war wéi 30 Kilowatt. Firwat? Ma wa mer driwwer gaange wäeren, méi grouss gebaut hätten, dann hätte mer de Subsid net kritt vum Staat. Dat war deemools d'Ursach. A vu dass dat awer elo scho laang hir ass kënne mer lo do norëschten. Dat war deemools konkret d'Ursach. Dann ass nach geschwat gi vun der Energie-Foire. Jo, d'Energie-Foire, déi wollte mer schon dëst Joer lancéieren, vu dass et jo aktuell ass. Mee fir eng Energie-Foire geet et net duer, dass mir eng Locatioun stellen, do brauche mer och Partner. An d'Klimaagence hat an där kuerzer Zäit einfach net d'Méiglechkeet, fir dëst Joer nach kënne sou eppes op d'Been ze setzen. Eise Service ass awer drun, fir zesumme mat eise Partner eng Energie-Foire spéitstens am Fréijoer, ech schwätzen elo vu Februar, Mäerz, hei zu Diddeleng ze organiséieren.



An da ginn ech dovun aus, dass hei e Wuert falsch verstane ginn ass, Protection sociale, dat huet näischt mat Sozialem ze di gehat. Ech ginn dovun aus, dass Dir hannen am Tableau just déi 2 Haaptchiffere gekuckt hutt vun den Depensen am Extraordinaire. Kann dat sinn? Voilà. Mee wann Der dann am Detail am Budget gekuckt hätt, da géift Der bei Protection sociale, dat ass en Artikel Crèche, Garderie a Maison Relais, firwat geet deen Artikel periodesch erof? Dat ass haaptsächlech doduerch, d'Konstruktioun vun der Maison Relais am Ribeschpont, déi ass elo fäerdeg. An do sinn d'Montanten, Joer fir Joer gi manner Facturë bezuelt, also geet de Montant erof. Ech erënneren drun, 2021 waren et 2,8 Milliounen, duerno war et 1,1 Millioun, duerno war et 861.000 an elo si mer bei 250.000. An d'nächst Joer wäert dann op Null sinn. Dat heescht net, dass mer do wäerte spueren, mee doduerch dass de Bau fäerdeg ass gëtt dee Montant ëmmer méi kleng.

An dann ass nach gefrot gi Projet Senior Plus. Do hu mer nach net den Dekont kritt vun dësem Joer, mee ech kann lech awer soen, dass et och wéi d'lescht Joer relativ moer ass. 2021 hate mer am ganze 6 Demandë kritt, déi mer bezuelt hunn an 2022, de Stand bis September, do ware mer réischt bei 3, a mäi Gefill seet mer, dass mer der net méi wéi 6 wäerte packen.

De CIGL, do ass och gefrot gi wéi vill Leit deen 2022 beschäftegt huet. Dat waren am ganze 23 Leit. 19 mat engem CDD an da 4 mat engem CDI. Voilà, dat war aus mengen Notizen alles, wat ech konkret op d'Froe wollt äntweren. De Rescht, wéi ech gesot hunn, do deele mer eis d'Meenung mat Nuancen. Mee d'Monique huet awer nach eppes nozehuelen. Deen Artikel ass net fir de Service Environnement, do ass meng Nopesch à charge.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Voilà, Merci dem René Manderscheid. An da ginn ech d'Wuert weider un d'Josiane di Bartolomeo-Ries.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – SCHÄFFIN): Villmools Merci. Ech wëll awer och direkt am Virfeld soen, dass et relativ „soft“ war dëst Joer, datt mer eigentlech alleguete ganz fei matenee waren. An ech wäert mech dann och deementspriedend deem upassen an och ganz soft a propper äntweren.

Ech fänke mol fir d'éischt u mat der Schoul Balzeng. Do ginn e ganze Koup Froe gestallt. Mir sinn de Moment nach an enger Ufangsphas, wou mer jo mol fir d'éischt den Aarbechtsgrupp zesummegehallt hunn. Mir haten natierlech verschidde Virgabe ginn. D'Madame Kayser huet gefrot, wéi grouss déi Schoul soll ginn. Mir hate scho geduecht, dass dat eng Envergure wéi d'Lenkeschléi géif kréien. Solle Spillschoulsklassen aus dem Brill dohinner goen? Neen, eigentlech net, well dat gëtt jo den 8. Ressort. Mir hu jo de Moment d'Ressort scolaires an hei wär dann e ganz neie Ressort scolaire fir Biereng an déi ronderëm. Dann déi kleng Strukturen, Wolkeschdall a Precocé

Brill Lenkeschléi, déi solle schonn erhale bleiwen. Ech mengen datt dat eppes ass, wat de Kanner ganz gutt doet, wa se kleng Strukturen hunn am Ufank. Also do ass elo net dru geduecht gi fir déi ofzeschaffen.

Dann Däich, do steet eng Etüd dran. Och do, duerch de Projet, dee mer hunn op där Schoul, och wa mer net vill méi Raimlechkeete brauchen, brauche mer awer méi Appuis-Säll a méi kleng Raimlechkeeten. Dat ass elo d'Etüd, an de Ausbau soll 2024 gemaach ginn. Ech war dës Woch um Site selwer. Mir wäerten an enger Iwwergangszäit ufroen, ob mer vläicht uewenop um Späicher, wou eng Kéier e Klassesall war 2008, deen erëm benotze kënne bis dann den Ausbau fäerdeg ass.

NeiSchmelz, do war d'Fro opkomm, do si mer am Rectifié op Null fir 2022 an dann hu mer erëm 50.000.- € drastoe fir 2023. Ech wëll lo einfach do soen, datt op NeiSchmelz jo och vill Verännerunge komm sinn, wéi vill Wunnenge sollen dohinner kommen. Deementspriedend musse mer d'Schoul upassen an da wäerte mer dann elo dee Projet lancéieren.

Brill, d'Mise en conformité. Do wëll ech soen, do gëtt och gefrot, gëtt dat méi deier? Also am Prinzip hoffen ech jo net, datt et méi deier gëtt. Mee ech hunn och keng Glaskugel, ech kann dat elo net direkt sou soen. Hei si verschidde Corps de métiers, hei gi Soumissiounen gemaach, a wann herno nëmmen een ofgëtt an dee läit 200.000.- € driwwer, dat kann ech elo net virausgesinn. Prinzipiell hoffe mir et natierlech net. Mir kréien och Subsiden. Dat ass och eppes wat ganz nei ass. Do kréie mer Subside vum Interieur, déi hutt Der jo och am Budget gesinn. Wéini geet de Projet un? Mir setzen elo d'Containeren, déi wäerten am Fréijoer stoen an da wäert en iwwert d'Summervakanz d'nächst Joer dann ugoen. Da waren 10.000.- € Cahier de charge vun der Restauration scolaire. Do wëll ech soen, an den Här Zuang kann dat bestätegen, also dat waren Zäiten, do war dat nach eppes ganz Einfaches. Et ass eppes ganz Komplexes ginn, mir schreiwen europäesch aus. Wéi gesot Allergien, mee och nei Reegelen vun der Sécurité alimentaire, vun der Santé kommen nei Reegelen. Mir kréien dat net méi eleng hin. Dofir ass hei am Fong eng Begleedung, fir den neie Cahier des charges ze maachen, deen 2024 muss am Juli fäerdeg sinn.

Eltereschoul. Do kann ech ganz einfach soen, dat ass net sou, datt mir opahle mat hinnen ze schaffen, si

ware ganz vill um Maart bei eis dëst Joer. De Budget geet erof awer nëmmen doduercher datt de Ministère d'Fraisien iwwerhëlt. Mir hunn eigentlech keng Fraise méi vun den Aktivitéiten oder de Projeten, déi an de Maison Relais lafen. Dat iwwerhëlt alles de Ministère. Eltereberodung, dat ass e Projet vum Ministère. Do wär ech elo iwwerfuert, fir mech ganz vill weider dranzemëschen. Natierlech wiere mir op fir Diddeleng, wa sou eppes géif kommen, mee et war just ëm en Haus gaangen, wat si wollten hunn, mee mir sinn net déi, déi d'Haus lounen. A si hunn do eng Prozedur. Mee mir sinn do ganz op. Et ass lo net, dat mir do. Mee wéi gesot, et ass elo net un eis ze decidéieren, dat ass e Projet vum Ministère.

Dann, d'Madame Kayer hat och gesot: Hu mer ze vill Projekte gemaach? Also ech weess, mir hu ganz vill Projekte gemaach, mee eng Mise en sécurité vun engem Briller Gebai ass näischt, wat eis einfach sou afällt, hei elo maache mer dat. Mir hunn do Oplagen a mir mussen eis un déi Oplagen do halen. Hu mer ze vill Schoule gebaut? Neen. Eigentlech sot Dir dauernd et misst méi schnell goen. Mir probéieren do scho wierklech den Equiliber ze fannen. Och dat hu mer gutt am Grëff. D'Madame Erpelding, dat war dat selwecht. Balzeng an NeiSchmelz hunn ech beäntwert.

Dann zum SIGI. Ech mengen ech hat dat d'leschte Kéier scho gesot, ech widderhuele mech och do. An hei kënnt et och net drop un, wien do wat lancéiert huet. Ech wëll dat hei propper iwwer mäi Mandat eraus kënne weiderginn. Et ass ganz schwier. Ech menge wann een an engem Syndikat sëtzt, dann huet ee Confiance an déi Leit, déi dat geréieren. Dat heescht an den Direkter an de Sekretär a sou virun a sou weider. Ech mengen dat war och hei de Fall. Dass dat lo sou spéit komm ass, jo mir haten eng Kris, mir hunn och net sou intensiv do iwwerall eragesinn. Ech menge mir sollen dat lo hei propper maachen, ech hunn lech dat versprach a wäert dat och halen. Sou bal déi éischt Auditen do sinn, wäert ech natierlech hei och d'Informatioun ginn, a wéi gesot, sou laang loosse mer dat sou.

Dann d'Madame Heinen, déi hat nach just EducDesign, E-Bichelchen. Jo, dat ass eigentlech elo näischt wat d'Gemeng elo geréiert. Mir ginn a Formationen geschéckt, eist SEA-Personal. An d'E-Bichelche selwer, dat ënnerläit eigentlech éischer dem Ministère. Mee wann do awer Saache kommen, da sinn EducDesign natierlech och bereet ze hëllefen. Si intervenéieren och am SEA. Wann een d'Internetsäit vum SEA dudelage.lu kuckt, dat ass ganz flott. Dat gött zesumme mat hinne gemaach an och dem Dimmi gött mat hinne gemaach.

Da war nach méi Gréngs an de Schoulhäff. De Strutzberg, dat war eng flott Iddi fir do Gréngs ze maachen. Ech wëll do awer soen datt mer, wann d'Schwämm opgeet, en Naturschoulhaff do ronderëm geplangt hunn. De war och schonn am Gemengerot virgestallt ginn. An och den A wäert nei gemaach ginn an och do wäerte mer fir méi Gréngs suergen. Dir gesitt,

datt mer iwwerall probéiere Gréngs ze maachen. Dat gesäit ee gutt an der Gafelt. Butschebuerg, gitt eng Kéier dohinner kucken. Och de Ribeschpont ass Naturschoulhaff. Ech menge mir si bal derduerch. Mir si scho richtig gutt ënnerwee.

Dann nach zur Maison des Jeunes. Do war d'Fro: Wou sinn déi Jonk hin, déi bis elo do waren, wann elo neier do sinn? Ech hat am Fong a menger Ried gesot, mir hunn indoor an outdoor Rencontren. An déi déi elo do sinn, déi participéiere ganz vill un den Aktivitéiten dobaussen. Dat heescht, si ware lo um Chrëschtmaart Samschdes. Do ass eng ganz aner Clientèle. Déi kommen zwar och an d'Haus, mee déi komme prinzipiell an d'Haus fir Aktivitéite matzemaachen. Also déi hänke lo net einfach sou do ronderëm an ech kucke lo d'Télé. Dat ass den Ënnerscheid an dat ass och dat, wat am Fong de Succès vum Outdoor ass.

Dann de Budget, dee fir d'Jugendhaus net héich genuch ass. Do wëll ech awer soen: Jein, dat ass net richtig, well d'Jugendhaus awer nach ëmmer d'Tendenz huet fir mat deene Jonken Aktivitéiten ze maache fir och emol Suen ze hu fir sech hir eegen Aktivitéiten ze gestalten. Dat heescht, si maache sou Vente vu Kichelcher. Wa se net genuch Suen hätte géife se bei eis reklaméieren. Mir als Gemeng maache ganz vill. Mir subventionéieren och Projeten, déi net iwwert de Ministère gemaach ginn.

Tiny Forest, e lëscht Wuert dozou. Dat wäerte mer maache wa mer eng Plaz fonnt hunn. Ech ginn net sou séier op.

Betreiung vu Seniore vu Kanner, déi an der Maison Relais oder net sollen an d'Maison Relais goen. Dat ass ganz schwéier. Dat ass responsabilitéisméisseg fir eng Gemeng relativ schwier. Dat muss scho fräiwëlleg sinn. Mir als Gemeng kënnen do net ganz vill maachen.

An dann e lescht Wuert, an dat ass de Mënsch an Natur. Deen huet jiddwereen hei e bëssen ugeschwat. Et ass esou, datt een heiansdo Projeten huet, wou een eigentlech mol kuckt, wéi kann ee matenee schaffen, éier een direkt rausgeet. Mir sinn a Verhandlung wat dee Projet ubelaangt. Net méi wéi gëschter ware mer iwwerall an Diddeleng ënnerwee, fir e bëssen eis d'Sitten unzekucken. Mir maachen dat mat co-labor zesummen, déi wäerten d'pädagogesch Aktivitéiten an der Cité jardinière maachen. Awer och an der Waldschoul, do soll e Bongert ugeluucht ginn. Do ware mer och gëschter mam Fierschter zesummen. Dann ass et awer och sou, dass en Deel vum Bio-Uebst an de Schoule wäert vun hinne kommen. Si produzéieren jo Bio-Uebst. An natierlech och d'Uebst fir d'Gemeng, wat jo och gefrot gi war vun der Madame Heinen an der Gemeng fir eist Personal. Och do wäerte mer probéieren, ob si zréckzegräifen. Natierlech vergiesse mer awer och net, datt mer och Leit hunn hei um Terrain, Geschäftsleit, déi Uebst verkafen. Mir wäerten och weider mat deenen

zesummeschaffen an net lo nëmmen anerer huelen. Dat ass awer fir mech ganz wichteg. E lescht Wuert, well mer och do a Verhandlung sinn, ech wëll lech et awer soen, well et ass net eng Decisioun vum Schäferot, mee mir verhandelen eeben ëmmer. Dat ass mir kréien en Therapie Center op Diddeleng, dat sinn zwou Psychologinnen, déi am Gaang sinn eng Konvention ze maache mam Familljeministère. Si sinn un eis erugetrueden, ob mir en Haus hätte fir si, wou si sech hei kéinten nidderloossen. Och do si mer a Verhandlungen. A wa mer eis da bis eens sinn, wäerte mer dat natierlech dem Gemengerot proposéieren. A wann de Gemengerot dann averstanen ass, da kréie mer dat och op Diddeleng. Villmools Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci dem Josiane fir seng Ausféierungen, da ginn ech d'Wuert nach un d'Claudia Dall'Agnol.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Merci Här Buergermeeschter, ech probéiere sou wéi d'Leit geschwat hunn op séi Saachen anzegoen, déi se vu menge Ressourcen ugeschwat hunn. Dir musst mer dann awer verzéie wann heiansdo e bësse Widderhuelungen dra sinn, well awer eng Partie Leit sech zu deene selwechte Saache geäussert hunn.

Ech fänken u mam Martine Bodry wat d'Integratioun ugeschwat huet an hat huet gesot: Diddeleng ass grouss ginn duerch d'Integratioun. Dat ass eppes, deem kann ech an och de Rescht heibannen nëmmen zoustëmmen. Kuckt lech d'Zesummesetzung vu fréieren an haitege Gemengeréit a Schäfferéit un, da gesäit ee, wéi gelongen Integratioun ausgesäit. An d'Integratiounskommissioun war éiweg an der Vergaangenheet et gudde Partner a wäert dat och an Zukunft sinn. An dofir wäerte mer se natierlech weider ënnerstëtzen. A pour la petite histoire, viru 27 Joer war dat déi 1. Commissioun, an där ech meng éischt Schrëtt politesch hei an där Gemeng gemeet hunn.

Zu der Madame Heinen. Ech kann lech berouege Madame Heinen, et kéint eigentlech jidderengem säi leschte Budget si wann en net zrëckgewielt gëtt. Dir hutt ugeschwat dass mer keng richteg Busgare hei zu Diddeleng hunn. Jo, dat stëmmt. Ech menge wann d'Barrière bei der Gare bis ewech ass, da wäerte sech hei ganz nei Méiglechkeete kënnen bidden. Dir hutt och déi nei Gefierer ugeschwat, firwat déi net all Elektro sinn. Do ass de Buergermeeschter schonn zum Deel drop agaangen. Et muss een awer och wëssen datt een, fir déi grouss Gefierer ze lueden, also ech schwätzen elo net vum klengen Elektroauto, e ganz staarken Traffo muss hunn a mir sinn do op der Limitt ukomm. Am neie Gebai ass natierlech deen neien Traffo mat geplangt, mee virun allem muss do am Virfeld och d'CREOS eis déi néideg Kabelen zéien.

Zur City-App, jo ech mengen Dir wësst et selwer, Reklamatiounen kritt een als Politiker oder Politikerin méi dacks wéi e Luef. An eigentlech ass jo och déi



Funktioun Report-it op der City-App dozou geduecht gi fir dass d'Leit kënnen hir Reklamatiounen och mat Bild kënnen raginn, fir datt mer direkt kënnen reagéieren a fir datt se sech net d'Fangere wond schreien um Facebook. Ech hunn dat d'lescht Joer scho gesot, et ass kee vun eis heibannen an och kee vun de Servicer, dee sech permanent op Facebook informéiert, wou elo erëm déi lescht Trottoirsplaque futti ass oder wou erëm eng Kéier eng Luucht brennt. Déi Zäit hu mer net. An ech muss och soen, wann een eis eppes ze soen huet, da kann en dat entweder per Report-it maachen, e kann d'Gemeng uschreien, et gi mannigfaltig Méiglechkeeten, fir un eis ze kommen. Report-it ass nëmmen eng dovunner. Mee wéi gesot: „Melden statt Meckern“ hat ech d'lescht Joer gesot, an dat mengen ech gëllt och weider.

Zu den CFL-Flexautoen, jo dat kascht eppes. Mee ech hat och d'lescht Woch hei op där Plaz gesot, datt mer do och eppes erëmkreien. 3,95.- € d'Stonn wann den Auto gebraucht gëtt. Dat ass also net nëmmen eng Depense, mee et kënnt och eppes eran.

Zu der Linn 4 an der Linn 5, datt déi net direkt op Esch fiert. Jo, dat huet jo och säi Grond. Den TICE ass e Verbund vu Gemengen. Ech géif gär eis Nopeschgemengen héieren, wa mir lo géife soen, dee Bus fiert elo vun Diddeleng direkt op Esch. Da géifen déi soen, da bezuele mir net méi mat. Dat ass sou an engem Syndikat, do bezilt jiddwereen an an dann huet och jiddwereen déi nammlecht Rechter an natierlech och déi nammlecht Flichten.

Neie Busarrêt beim Stade Meyer. Fir do e Bushaischen ze maachen, dat kucken eis Servicer. Ech sinn allerdéngs der Meenung, wann ech mech richteg erënneren, datt do den Trottoir relativ schmuel ass, mee si müssen dat kucken. Wann et méiglech ass, gëtt natierlech een do an op all deenen anere Plazen, wou mer Busarrête maachen, gemaach. Mee wéi gesot, ganz dacks léisst et d'Situatioun awer net zou. Déi heite kucke mer direkt souwisou wa mer déi nei Busarrêten amenagéieren.

Vëlos-Expresswee, datt do näischt am Budget steet. Jo, well warscheinlech 2023 nach guer net domadder ugefaange wäert ginn an et ass och esou, dass dat elo net nëmmen eppes ass, wou mir missen eppes an de Budget schreien. Mee dat ass och e Projet vun der CFL an der Ponts & Chaussées an och déi müssen do mat bezuelen. D'Vëlosiwergäng, déi Der opgezielt hutt an op déi ech och a menger Budgetsried

de leschte Freiden agaange sinn an déi och sou am Budget stinn. Jo, déi hoffe mer natierlech 2023 fäerdeg realiséiert ze kréien. Mir hätten déi och schonn éischter realiséiert. Mee, Der wësst ganz genau u wat et houg. Mir hu schlussendlech lo awer all d'Autorisatiounen zesummen, sou datt mer hoffen, datt mer dat dann och zügeg kënne fäerdegmaachen. Vëloswee Brill. Jo, dat ass e Râclage. Den Iwwergang Pasteur-Parc, dat ass elo mol 2024 geplangt. Da sidd Der op de Jumelage agaangen, d'Circulaire wou mer kruten. Ech géif do einfach proposéieren, ech mengen de President vun der Kommissioun huet et matkritt, dee kuckt sech d'Circulaire eng Kéier mat senge Leit a mat sengem Sekretär un a kann da kucken och wéi d'Delaie sinn. Ob do iwwerhaapt elo nach eppes méiglech ass fir et weiderzeginn un, wéi Dir proposéiert hutt, d'Schoulen oder d'Clibb.

Zum Tourismus an de Visite guidéeën. Jo, dat si lokal Guiden. Ob d'Kierch eege Guiden huet, do frot Der lo dee falschen, do sinn ech éischter der Madame Erpelding méi no. Mee ech kann lech awer garantéieren, datt mer natierlech op eise Visite guidéeën och bei d'Kierch ginn an och eran. A wie sinn déi Leit eigentlech, déi déi Visite guidéeë buchen? Ech soen dat ëmmer hei, mir kënnen eis als Diddeleng jo net mat Paräis oder London vergläichen. Et ass esou, wa mir auslännesch Gäscht hu wéi elo z.B. Berane oder Lebkorn, da maache mir mat deene Leit eng Visite guidée. A och ganz dacks sinn et Conveniaten, wou Leit scho méi laang vun Diddeleng fort sinn ënnert deenen, déi dann och eng Visite guidée maachen éier se sech hei an der Gemeng umelle fir den Eierewäin ze kréien an éier se iesse ginn. Dat fannen ech eigentlech eng ganz gutt Saach.

Zu der Madame Erpelding zum TICE an déi nei Buslinn Vallée Champs. Ech gesi mäi Kollege den Här Thill huet lech informéiert, wat d'lescht Woch an der Verkéierskommissioun gesot ginn ass, hien huet awer net alles gesot. Et ass nämlech sou, et ass net eleng well den TICE keng Busser huet, datt en déi net ka fueren, mee et ass och well den TICE am Moment net genuch Personal huet. A firwat hu mer net genuch Bussen? Et ass jo sou, den TICE, dee mécht jo Ausschreibungen. An déi Ausschreibungen déi gemeet gi sinn, duerch de Covid hu sech d'Bussen, déi geliiwert ginn, sech ëmmer ëm e Joer verzögert. Dat heescht, d'Busser déi 2020 bestallt gi si sinn 2021 komm, déi 2021 bestallt gi si sinn 2022 komm. An déi wou mer 2023 bestellen, do hoffe mer dann, datt mer déi awer mat Zäit kréien. Eng Garantie hu mer natierlech net. Natierlech kucke mer och mam TICE a mam RGTR datt mer net all Busser gemeinsam op engem Arrêt stoen hunn. Do schaffen eis Leit zesumme mat hinnen.

Shared Space versus Foussgängerzon. Dat ass vu verschiddene Leit hei ugesprach ginn. Ech géif mol soen, mir sinn elo mol mat där nächster Phas bal fäerdeg. Déi wäerte mer am Fréijoer kënnen opmaachen. An da kucke mer mol, wéi dat Ganzt leeft. Fir eppes ze änneren ass ëmmer an Zukunft nach Zäit,

mee et soll een all Projet mol eng Chance ginn. Den Här Clement huet zum Thema Vëlo a SUMP an der Museksschoul alles gesot. Ech wëll mech virun allem de Mercien uschléissen a virun allem dem Merci, deen hien dem Pit Demuth a sengem Service ginn huet. Well ech ka mech nach ganz gutt erënneren, wéi et gelaf ass éier déi nei Ekip do war. An dofir mäi grouse Merci an och e grouse Respekt fir dat wat déi all Dag leeschten. Well dat ass keen einfachen Domaine. Dir kënnt lech virstellen, datt do d'Leit net de Report-it benotzen, mee do ganz dacks an de Büro stinn a ganz dacks net frëndlech sinn an do och mol méi haart schwätzen. A si bleiwen ëmmer fein a léif an dofir mäin opriichtge Merci.

Zum Här Martini. Dir hat ganz am Ufank gesot, de Parking samschdes gratis maachen. Ech mengen dat hat Dir och schonn eng Kéier gesot wann ech mech richtig erënneren. Bon natierlech kann een ëmmer doriwwer diskutéieren. Mee Dir wësst wéi et ass. Mir wëlle jo datt de Client eng Parkplaz fënnt. Ëm dee geet et jo. Et ass de Client, dee mëttes ëm zwou Auer wëll heihinner eppes kafe kommen. Wa mer natierlech dee Parking gratis maachen, da wësst Der genausou gutt wéi ech, wéi dat ass. All déi Langzeitparker, virun allem och Leit, déi hei an Diddeleng schaffen, déi setzen dann erëm den Zentrum voll an dann hu mer eigentlech näischt geschafft. Da geet de Client, dee mëttes ëm zwou Auer, wat weess ech, seng Jupe wëllt kafe goen, da kënnt deen erëm eng Kéier an d'Gafelt parken oder op Tattebiarg parken. Dofir, et ass eppes, wou ee gäre kann driwwer diskutéieren, mee mir mussen dann eeben och d'Konsequenze mat bedenken.

Zur Mobilitéit allgemeng an zu der Mobilité douce an zum Vëlo. Neen, et ass net, datt et eis u Courage felt, fir verschidde Saachen ze maachen, mee ganz dacks si Saachen, déi mir och wëlte maachen, e separate Vëloswee zum Beispill, do gëtt de Gabarit et net hir vun deene Stroossen. Mir änneren natierlech dat gewuessent Diddeleng net. Do wou's du enk Stroossen hues, do hues du enk Stroossen. An ech soen ëmmer, du muss mat deene Jongen tanzen, déi um Bal sinn an dat gëllt och mat eise Stroossen.

Zum Vëlosummer: Dir wësst datt et e Projet ass vum Ministère an de Ministère huet do deen Datum gesat. Ech sinn och der Meinung datt mer, amplaz nëmme Pop-up-Weeër ze maachen, datt mer nom Vëlosummer kucken, sou schnell wéi méiglech Vëlosweeër ze maachen, déi och kënne bleiwen. An datt mer eis do sollen d'Aarbecht an och eist Geld drastiechen, fir ze kucken, datt mer do ganz séier weiderkommen.

A bei de Proposen. Jo, bon, als Politiker muss een ëmmer e ganz laangen Otem hu fir Saachen ze realiséieren. Dat gëllt fir d'Majoritéit, mee dat gëllt natierlech och fir d'Oppositioun. Mee och do ass et net, datt wann eng Propos vun der Oppositioun kënnt, oder och vun der Majoritéit, datt mer déi net wëllen dee Moment maachen. Ganz dacks scheitert et zum Beispill dodrun, datt nach aner Chantieren am Gaang sinn. Et scheitert och heiansdo um Budget an et

scheitert och heiansdo un der Manpower. Well wann ee wëll mannigfaltig Projeten zesumme realiséieren, da brauch een och genuch Personal. A wéi gesot, mir wëllen awer och kucken, datt mer déi Saachen, déi mer am Gaang hunn dann och séier virundreiwen. An dofir dauert et heiansdo vläicht e bësse méi laang bis mer Propose kënnen realiséieren, déi hei gemaach ginn. Nichtsdestotrotz, wann hei gutt Propose gemaach ginn, da géife mer och gären dorop zrëckgräife wann dé'Zäit dofir räif ass.

Zu den Trottoiren, Zebraen. Et ass esou, datt mer net nëmme mat ADAPTH do musse schwätzen, do musse mer och erëm mat eise Frënn vun der Ponts & Chaussées schwätzen a mir mussen och nach déi Donnéeën erfëllen, déi d'staatlech Verkéierskommis-sioun eis virgëtt.

Dann haten den Här Friedrich an de Walter Beret-tini zum Jumelage mengen ech och alles gesot. Ech schlësse mech natierlech och dem Merci un un de Flammangs Chrëscht, dee Sekretär vun där Kom-missioun ass an dee sech ganz vill Méi ginn huet fir un déi Leit ze kommen, nodeems de Covid ons dach e grouse Stréch duerch d'Rechnung gemaach hat. Ech muss soen, mir sinn do ville Leit richteg noge-laf. Ech wëll do och nach eng Kéier Merci soen dem Agatha, dem Micki, dem Emilia, déi eis gehollef hu bei Berane, Italien an och bei eise portugisesche Frënn. Mir hunn do gemailt, mir hunn telefonéiert, mir hu wierklech alles probéiert fir erëm Kontakt hierzestel-len. An dofir e grouse Merci. Mat dräi Stéck hate mer jo lo e méi enke Kontakt och schonn, an ech hat et d'lescht Woch gesot, Feltre, do ass elo och en nei Schafferot an déi hu sech och gemellt fir elo mol eng Rencontre op politeschem Niveau. Bon, kucke mer mol, wéi et do weidergeet. An da mengen ech, hätt ech alles duerch, wat vu menge Ressorte gefrot gouf. An als lescht Riednerin wënschen ech lech da schéi Feierdeeg.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Villmools Merci. Ech mengen, Dir hutt probéiert, op alleguerten d'Punkten anzegoen. Madame Ahmedova.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Ech sinn net laang dobäi, dofir wollt ech froen, ob een do kuerz kann drop reagéiere par rapport zu deene Saachen, déi Dir gesot hutt?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Normalerweis maache mer d'Ronn net nach eng Kéier op, ausser mir hätten op e Punkt elo net geänt-wert. Wa mer op Punkt net agaange wären.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Neen, ech hunn d'Gefill dass ech falsch verstane gi sinn, dofir wollt ech dat rektifizéieren.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Kee Problem. Mee dass net nach eng Froeronn op-gemeet gëtt.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Neen, et ass net eng Froeronn. Ech hu wierklech ausdrécklech gesot, dass ech déi Efforte vun der Gemeng, datt mir dat wierklech begréissen. An ech hunn och betount, datt ech net wëll falsch verstane ginn. An dat sinn ech eeben. An ech hu beim Logement vum Montant vun deene 500.000.- geschwat, net vun deenen 62 Mil-liounen. Mee wierklech, ech sinn der Meenung, wann eppes do ass, muss ee kënnen drop sprangen an net ufänke nach e Vott duerch de Gemengerot fir e Bud-get ze erhéijen an hei an do. Et ass just dat, wat ech wollt soen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci fir déi Prezisioun.

3. VOTT

VOTT VUM BUDGET RECTIFÉ **VUM EXERCICE 2022**

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Da wärem mer och zum Schluss vun eise Stellungna-men ukomm an der ganzer Sachlechkeet vum Debat, déi mer de mueren haten. Da misste mer awer nach zum Vott iwwergoen. Ech géif soe mir probéiere mam Rectifié vum Joer 2022 unzufänken. Da fänken ech mol sou un.

Wien ass do dergéint?

Dat sinn Déi Lénk.

Wien enthält sech?

Dat sinn Déi Gréng an d'CSV.

Wien ass dofir?

Dat ass d'LSAP an eisen onofhängege Member.

VOTT VUM BUDGET INITIAL **VUM EXERCICE 2023**

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Da komme mer zum Initial 2023.

Wien ass do dergéint?

Dat sinn Déi Gréng an Déi Lénk.

Wien enthält sech?

Dat ass d'CSV.

Wien ass dofir?

Dat ass d'LSAP an eisen onofhängege Member.

Dann ass dat sou ugehall. Villmools Merci. Da wärem mer och lo zum Schluss vun eiser Sitzung ukomm. Da soen ech lech och villmools Merci an ech géif dann nach e puer Saache soen am Huis clos. Merci. •

DUDELANGE, VILLE DES CULTURES

Centre culturel régional
opderschmelz, centres d'art
Dominique Lang et Nei Liicht


Festivals: Zeltik, Like A Jazz Machine,
Usina, Fête de la Musique...

LA CULTURE A RENDEZ-VOUS
À DUDELANGE !

#
culture

DUDELANGE,
ON DIRAIT
LE SUD

LIEWE WÉI AM SÜDEN



opderschmelz
CENTRE CULTUREL REGIONAL DUDELANGE

www.opderschmelz.lu